



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 15.06.2018



Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
Photos: Ville de Dudelange, David Laurent, André Weisgerber, Roberto Santoprete
Impression: Imprimerie Mechtel
N°5/2018 - Parution: septembre 2018



01-17-375394
myclimate.org





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 15 JUIN 2018

Séance publique

1. CORRESPONDANCE	06
2. CIRCULATION	07
2.1. règlement temporaire de la circulation à l'occasion du chantier de raccordement des infrastructures dans la route de Burange et la rue du Berger	
2.2. règlement temporaire de la circulation à l'occasion de travaux de raccordement au réseau d'assainissement dans la route de Zoufftgen	
3. FINANCES COMMUNALES	08
3.1. approbation d'un acte de vente	
3.2. approbation de décomptes	
4. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL	09
4.1. approbation de l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2018/2019	
4.2. approbation des plans de développement de l'établissement scolaire 2018-2021 des écoles fondamentales de Dudelange	
5. ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE DE DUDELANGE – APPROBATION DE LA CONVENTION PASSÉE AVEC LA COMMUNE DE KAYL POUR L'ORGANISATION DE L'ENSEIGNEMENT MUSICAL	32
6. AMÉNAGEMENT COMMUNAL ET DÉVELOPPEMENT URBAIN – APPROBATION DU PLAN D'AMÉNAGEMENT PARTICULIER « ROUTE DE BURANGE »	34
7. APPROBATION DE LA CONVENTION-CADRE PASSÉE AVEC L'UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG CONCLUE POUR LA POURSUITE DES EFFORTS D'APPROFONDISSEMENT DES RELATIONS ENTRE PARTIES ET EN VUE DE L'EXPLORATION DE NOUVELLES VOIES DE COLLABORATION	37
8. AUTORISATION À CONFÉRER AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS POUR AGIR EN JUSTICE DANS UNE AFFAIRE DE VIOLATION DE STIPULATIONS DU PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL DE LA VILLE	41
9. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER DANS LA COMPOSITION DE DIFFÉRENTES COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES	45
10. PERSONNEL	45
10.1. création d'un poste de fonctionnaire communal de la catégorie de traitement B, groupe B1, sous-groupe technique pour le service écologique	
10.2. création de cinq postes d'employés communaux dans la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du service éducation et accueil pour enfants	
11. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	47

Séance à huis clos



RAPPORT SOMMAIRE DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL DU 15 JUIN 2018

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen ; Messieurs Vic Haas (sauf pour le point numéro 4.1 de l'ordre du jour), Yves Jadin ; Madame Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. **Absent :** Monsieur René Manderscheid, échevin, excusé.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Il est de suite procédé à la liquidation de l'ordre du jour. Le conseil communal accepte toutes les pièces et questions supplémentaires lui transmises au courant de la dernière semaine pour les ajouter à l'ordre du jour de la séance.

Ensuite, Monsieur le bourgmestre informe les conseillers communaux que le compte administratif de l'exercice 2017, clôturé provisoirement, fait ressortir un boni de quelque 13'900'000,- €.

L'adoption de réglementations de la circulation figure au 2e point de l'ordre du jour. Ainsi, le conseil communal, par des votes unanimes,

1. approuve le règlement temporaire de la circulation à l'occasion du chantier de raccordement des infrastructures dans la route de Burange et la rue du Berger ;
2. approuve le règlement temporaire de la circulation à l'occasion de travaux de raccordement au réseau d'assainissement dans la route de Zoufftgen.

Le point numéro 3 de l'ordre du jour a trait aux finances communales. Ainsi, le conseil communal, par des votes unanimes respectifs,

1. approuve l'acte de cession aux termes duquel Monsieur Jean Kucharczyk, les époux Gary Schmitz - Albertine Dupont et Monsieur Louis Dupont cèdent à titre gratuit à la Ville de Dudelange des biens immobiliers sis à Dudelange lieux-dits « route de Volmerange » et « rue de la Libération » ;
2. ratifie les décomptes des travaux extraordinaires suivants : renouvellement de la façade du gymnase de l'école Boudersberg 37'881,85-€ ; renouvellement des WC (ancien bâtiment) de l'école Gaffelt 153'274,92- € ; réaménagement du kiosque sur la place de l'Hôtel de Ville 129'782,80- € ; remplacement du collecteur et de la régulation du chauffage de l'école Brill 19'345,96-€ ; renouvellement du chauffage et de la régulation de l'école Strutzbiert 28'634,98,-€ ; réaménagement de la place publique devant la maison sociale dans la rue du Commerce 117'857,03- € ; remise en état du sanitaire au rez-de-chaussée de l'annexe « ancien bâtiment des pompiers (équipe polyvalente) 49'440,43-€ ; acquisition

de deux appartements pour l'aménagement de logements sociaux « Am Duerf » 757'262,80-€ ; dépôt de sel ateliers communaux 128'377,58-€ ; acquisition d'équipement hivernal pour camions pour le service voirie 79'560,00-€.

Enseignement fondamental : le conseil communal, approuve avec les voix de tous les conseillers communaux, sub point numéro 4 de l'ordre du jour,

1. l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2018/2019, et
2. les plans de développement de l'établissement scolaire 2018-2021 des écoles fondamentales de Dudelange.

5. Unaniment est approuvée la convention avec la commune de Kayl/Tétange, ayant pour objet d'organiser l'enseignement musical de tous les élèves de la commune de Kayl au sein de l'école régionale de musique de la Ville de Dudelange, dans le cadre de la loi du 28 avril 1998 portant sur l'harmonisation de l'enseignement musical.

6. Le projet d'aménagement particulier concernant des fonds au lieu-dit « route de Burange » présenté par l'atelier d'architecture « DAGLI » pour le compte de la société Roubur S.A. est arrêté d'un commun accord. Le projet se situe dans le quartier de la route de Burange, quartier urbain traditionnel de la Ville de Dudelange à proximité du quartier « Brill ». Le projet d'aménagement particulier présente 8 lots, dont 5 lots pour maisons unifamiliales disposées en maison jumelée et en bande, 2 lots pour immeuble principalement d'habitations collectives et 1 lot aménagé en accès pour pompiers. Au total 5 maisons unifamiliales seront construites et un immeuble d'habitations collectives composé de deux corps de bâtiment.

Le conseil communal approuve, sub point numéro 7 de l'ordre du jour, la convention-cadre passée avec l'Université du Luxembourg conclue pour la poursuite des efforts d'approfondissement des relations entre parties et en vue de l'exploration de nouvelles voies de collaboration. Aux termes de cette convention, l'Université du Luxembourg et la Ville de Dudelange déclarent leur intention de collaborer pour

- explorer les possibilités d'effectuer des projets de recherche de l'Université du Luxembourg impliquant la Ville de Dudelange, ses services et les établissements



dépendant d'elle, notamment, mais non exclusivement, dans les domaines suivants :

1. histoire et problématiques actuelles des migrations et « border studies » ;
 2. photographie et cinéma ;
 3. développement et aménagement urbain ;
 4. secteur de la logistique ;
 5. secteur des technologies de la santé ;
 6. secteur de l'enseignement ;
- collaborer dans le domaine culturel, notamment, mais non exclusivement, dans le cadre du projet régional « Esch 2022 Capitale européenne de la culture » ;
 - collaborer dans le domaine de l'ouverture de l'Université sur la société, notamment, mais non exclusivement, à travers l'organisation de conférences et d'autres activités pour le grand public ;
 - collaborer, dans des domaines à déterminer de commun accord et dans la mesure du possible, pour accueillir et former des stagiaires Uni.lu à Dudelange ;
 - étudier la possibilité d'étendre le parc de résidences universitaires sur le territoire de la Ville de Dudelange, dans le cadre des principes généraux de l'Université de développement de ce parc.

Le conseil communal, au point numéro 8 de l'ordre du jour, à l'unanimité, confère au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation pour agir en justice dans une affaire de violation de stipulations du plan d'aménagement général de la Ville et subséquentement du règlement communal sur les bâtisses. Il s'agit plus précisément d'une affaire opposant la Ville à Monsieur Antonio Queiros Do Valo, et ayant trait à la transformation en lieu d'habitation d'une dépendance, se trouvant derrière la maison unifamiliale sise numéro 78, rue Tattenberg, ceci sans la moindre autorisation du bourgmestre et en violation des dispositions du règlement sur les bâtisses.

9. Une modification à apporter à la composition de la commission de la sécurité publique est acceptée à l'unanimité. Ainsi Monsieur Michel Heintz remplace Monsieur Germain Seil comme membre de ladite commission.

10. Décisions affectant le personnel. Le conseil communal décide à l'unanimité de créer: un poste de fonctionnaire communal relevant de la catégorie de traitement B, groupe B1, sous-groupe technique pour le service écologique, et cinq postes d'employés communaux relevant de la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du service éducation et accueil pour enfants.

Les questions suivantes ont été posées au collège des bourgmestre et échevins par les différentes fractions politiques, questions auxquelles il a été répondu séance tenante :

1. déi Lénk – installation d'un garde-corps à l'entrée du Centre Hild ;
2. déi Lénk – utilisation des trottoirs à la hauteur du café « Queen's Pub » par des bicyclettes et des skateurs ;
3. CSV – diverses questions en relation avec l'entrée en vigueur de la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile et création d'un Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) ;
4. déi Gréng – demande de renseignements au sujet de la procédure d'approbation du projet d'implantation de la société FAGE International S.A., groupe agroalimentaire grec spécialisé dans la fabrication de yaourts grecs ;
5. déi Lénk – évolutions récentes en relation avec le problème de la chenille processionnaire du chêne (Eichenprozessionsspinner).

La séance se poursuit ensuite à huis clos.

Fin de la séance vers 12.25 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 15. JUNI 2018

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gudde Moien, léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot. De Gemengerot ass bal komplett, excuséiert huet sech de Schäfte René Manderscheid. Wat eisen Ordre du jour ugeet, dee virun enger Woch erausgaangen ass, do sinn nach e puer Ajouten respektiv eng Rei Froen erakomm vun der CSV, vun deene Gréngen an vun Déi Lénk. An d'CSV huet eis och nach e Changement an der Kommissioun matgedeelt. Ass de Gemengerot mat deenen Ajouten averstanen? Jo? Villmools Merci.

Da géife mir direkt op den Ordre du jour iwwergoen. Beim éischte Punkt énnert Korrespondenz wollt ech dem Gemengerot hei de provisoiresche Kont vum Joer 2017 matdeelen, deen zimlech positiv ass. Mir haten am Rectifié 2017 e Boni vu 7 Milliounen Euro virgesinn, viraussichtlech ass awer de provisoiresche Compte administratif vun 2017, do maache mir e Boni vun 13,9 Milliounen Euro. Dat ass engersäits de Boni vum Konnt 2016, déi 11,5 Milliounen Euro, respektiv de Boni vun 2017 mat 2,4 Milliounen Euro, do komme mir op 13,9 Milliounen Euro Boni, also och eng gutt Ausgangspositioun fir déi nächst Joeren. Voilà, dëst och nach énnert Kommunikatioun. Da géife mir op de Punkt Verkéiersreglementer kommen. Bei der Korrespondenz ass elo keng Froestellung, Madame Andrich.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Et ass ee Punkt, deen énnert Korrespondenz passt well et ëm en oppene Bréif geet un de Gemengerot. Kann ech dat elo net hei virbréngen? Et ass am Kader vun engem oppene Bréif un de Gemengerot, wou ech ugeschriwwen gi sinn, awer gemierkt hunn, datt net all Membere vum Gemengerot ugeschriwwen gi sinn an et geet ëm en Dossier vum Huis clos wou mir natierlech elo kee Numm soen, mee duerfir hätt ech eng prinzipiell Fro iwwer d'Behandlung vun de Suiten vun engem Dossier Huis clos wéinst der Korrespondenz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Wann et am Huis clos ass, ass et kloer, dann ass et am Huis clos. Da kënnen mir et net bei Korrespondenz huelen, da gëtt et op eemol ëffentlech.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Neen, neen, Här Buergermeeschter, Dir hutt dat falsch verstan. Et geet hei just ëm de Prinzip vun enger Korrespondenz, déi ech krut a wou do sech Froen hannendru stelle well anscheinend hunn net all d'Gemengeréit déi kritt an do gëtt zum Beispill den Numm vun enger Partei genannt, an duerfir hunn ech am Fong d'Fro: Ass de Huis clos wierklech à huis clos, also ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet? Wéi ginn déi Decisiounen - dat si jo ganz sensibel Dossierer - wéi ginn déi do matgedeelt? Ginn do eventuell Ofstëmmungsverhalen dran zitéiert oder sou?

Dofir war ech e bësselchen iwwerrascht an dofir wollt ech et froen - natierlech op anonym Aart a Weis elo hei - wéi dat dote gehandhaabt gëtt wann esou eng Äntwert erausgeet. De Schäfte rot gëtt jo da beoptraagt deemjéinegen, wann eppes decidéiert gëtt, déi Äntwert matzedeelen an dofir war d'Fro: Wat gëtt inhaltlech do drageschriwwen, wéi déi eenzel Parteien oder déi eenzel Persounen ofgestëmmt hunn? Well dofir hunn ech mech gefrot, wéi ass et méiglech, datt ee Korrespondenz kritt vun esou engem Dossier? Wéi kann dee Beträffenen do eppes dovunner gewuer ginn, loosse mir et esou soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also, wat jo scho mol e Problem ass vum oppene Bréif ass wa just en Deel vum Gemengerot d'Kommunikatioun dovunner kritt an en aneren Deel net. Dat ass scho mol e Problem u sech, dann ass et jo kee richtegen oppene Bréif. Dat ass scho mol déi éischt Remarque. Déi zweet Remarque ass, de Schäfte rot exekutéiert dat jo wat de Gemengerot hei majoritaire decidéiert ob dat am Huis clos ass oder net am Huis clos ass, mee op alle Fall an där doter Kommunikatioun, wa Saachen am Huis clos decidéiert ginn, da gëtt e Courier gemaach fir ze soen, wat de Gemengerot zrëckbehalen huet, ouni opweider Präzisierungen anzegoen. Ech mengen, dat ass eng gängeg Prozedur déi och ëmmer hei - mengen ech - esou gehandhaabt gëtt.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Dat ass déi Erklärung déi ech wollt, soss näischt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Wéi gesot, do gëtt keen Ofstëmmverhale gesot, dat ass am Huis clos, gell, dat heescht do gëtt just gesot wat de Gemengerot decidéiert huet, majoritaire. Point à la ligne. Einfach "positiv" oder "negativ".



SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Mëndlech Matdeelingen oder esou oder och iwwer Telefon gi jo an deenen Dossieren net gemaach?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass d'Fro beäntwert? Jo? Tipptopp. Merci awer och fir déi doten Nofro, dat ass net onwichtig. Gutt, domat wär dat och gekläert an da géing ech proposéieren, datt mir ënnert Korrespondenz fäerdeg wieren an da géinge mir weidergoen un d'Circulatioun an do hu mer zwee Reglementer.

2. VERKÉIERS-REGLEMENTER

2.1. Temporairet Verkéiersreglement fir de Chantier vum Raccordement vun den Infrastrukturen op der Route de Burange an an der Rue du Berger

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Haut schwätze mir iwwer zwee Verkéiersreglementer, dat éischt, dat ass fir e Chantier an der Birenger Strooss an an der Rue du Berger. Firwat? Ma d'Post an d'CREOS erneieren do hiert Netz a leeën d'Glasfaser. Och d'Eltrona mécht do mat a mir wëllen dann och vun deem Chantier profitéiere fir och de Kanal frëschzemaachen an dann herno natierlech och de Stroossebelag z'erneieren. Dee Chantier wäert awer réischt de 17. September lassgoen. Firwat dann eréischt? Dir wësst, no de leschten Diskussiounen, déi mir hei am Gemengerot haten, datt de Ministère eng Rei Wochen sech Zäit hält oder brauch fir eis seng Decisioun matzedeelen an eis Reglementer guttzeheeschen an dono huet et da guer kee Wäert méi unzufänken, well da géinge mir an de Kollektivcongé falen. Dofir fänke mir dann eréischt dono un a mir hunn elo den Datum vu Méindes, de 17. September zréckbehalen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia dall'Agnol. Si Froen dozou? Nee, da kënne mir ofstëmmen. Wien ass domat averstanen?
Dat ass unanime.

2.2. Temporairet Verkéiersreglement fir de Chantier vum Raccordement un den Assainissementsreseau an der Route de Zoufftgen

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dat ass och wéi ech virdru scho sot, och en temporairet Verkéiersreglement. Dat ass awer dës Kéier fir e Chantier an der Zoufftger Strooss. Dir wësst, datt do d'Haus Nummer 33 nei gebaut gëtt an dat Haus muss natierlech wéi all anert Haus och un d'Kanalnetz ugeschloss ginn. Et ass awer leider esou, datt de Kanal op där anerer Stroossesäit läit. Den Entrepreneur wäert dofir musse vum 16. bis den 20. Juli eng Traversée maachen a mir hunn dat extra och schonn an d'grouss Vakanz geluet, well mir wëssen, datt dat do eng Hauptachs ass an dann do eben scho mol manner Verkéier ass. D'Strooss wäert och net komplett gespaart ginn, mee et wäert ëmmer nëmmen eng Spuer gespaart ginn a mir wäerten dat mat roude Luuchte regelen, wéi Dir dat schonn e puer Mol op där doten Achs gesinn hutt wann huet missen eppes gemaach ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Si Froen oder Remarquen dozou? Dat ass net de Fall. Da kënne mir och doriwwer ofstëmmen. Wien ass mat dem doten Règlement temporaire averstanen?

Dat ass unanime.

Da soe mir lech Merci fir d'Zoustëmmung an da gi mir weider op d'Gemeengefinanzen. Jo, den Här Gangler?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Wa mir bei der Circulatioun sinn, wollt ech just Folgendes froen: Well mir hate jo den 29. Mee den informelle Gemengerot iwwer dat neit Verkéiersreglement an do hate mir am Fong, mengen ech, ugedeit, datt mir haut vläit doriwwer schwätzen. Wann et elo haut net dozou komm ass, well et net um Ordre du jour steet, kënnt Dir eis vläit just soen, wourun et do louch?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Majo, well mir jo nach eng Kéier sollten eng Ronn dréine mat der staatlecher Verkéierskommissioun no all deene Remarquen, déi hei komm sinn a virun allem, ech kucken elo op keen, mee virun allem wéinst enger Strooss wou nach e Problem op war a wou mir op Asiicht vun der staatlecher Verkéierskommissioun gehofft hunn an hoffen. A mir mengen elo, datt mir dee Problem dann och bäigeluegt hunn, zumindest emol mëndlech an datt mir dat da kënnen am nächste Gemengerot stëmmen. Mee et läit wéi gesot dorunner, datt mir nach eng Kéier wollten eng Ronn dréine fir eben den dote Problem vläit zur Zefriddenheet vun den Awunner aus der Strooss kënnen ze léisen. A, wéi gesot,



Dir wësst zënter deene leschten Diskussiounen, datt déi net ëmmer esou séier schaffe wéi mir dat vläit onbedéngt wëllen. Mee d'Hauptsach mir kommen zu dem Resultat dat mir wëllen, da waarden ech léiwer e Mount oder zwee méi laang.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, Merci Claudia Dall'Agnol och dofir. Da géinge mir weiderfuere mat de Gemegefinanzen.

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Approbatioun vun engem Verkafsakt

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ënnert dësem Punkt traitéiere mir en Akt, haapt-sächlech awer eng Cession gratuite. Den Här Jean Kucharczyk, den Här an d'Madamm Gary Schmitz, d'Madamm Albertine Dupont an den Här Louis Dupont cedéieren der Gemeng zwou Parzellen, engersäits op der Route de Volmerange 0,60 Ar an an der Rue de la Libération 0,24 Ar. Dat sinn am Fong zwou Strëppe vun Trottoir. Et sinn déi klassesch Cession-gratuiten, déi mir hei hunn, dat ass eng Intégration de la voie publique also e sougenannten Aménagement public an dofir huet den Akt och hei en Intérêt d'utilité publique. Voilà, dat ass dat wat an dësem Akt deementsprieche dran ass. Hutt Dir Froen dozou? Kënne mir déi Cession gratuite dann esou approuvéieren?

Dat ass unanime.

3.2. Approbatioun vun Dekonten

Da géife mir iwwergoen op eng Rei Dekonten, am ganzen 10 Stéck. Dat ass engersäits de Gymnase vun der Butschebuerger Schoul, a wéi gesot, do ass de Passage frëschgemaach ginn. Dat war en Devis vun 68.000 Euro an d'Dépense effective war 37.881,85 Euro, dat ass also och e gudden Strapp méi bëlleg gi well een Deel vun eisen Aarbechten, virun allem an der Schlässerei, konnt an Eegeregie gemaach ginn respektiv awer och d'Usträicheraarbechte manner héich ausgefall sinn. Dat waren d'Joeren 2015 an 2016 wou déi Aarbechte gemaach goufen.

Da sinn an der Gaffelter Schoul am ale Gebai d'Toiletté frësch gemaach ginn. Dat war en Devis vun 157 000 Euro, d'Dépense war 153.274,92 Euro. Dat war vun de Joeren 2014 bis 2017.

Da war hei op der Gemegeplaz de Kiosk dee frësch gemaach gouf. Den Devis, dee proposéiert gouf, war 130.000 Euro an d'Dépense war 129.782,80 Euro. Dat waren d'Joeren 2015 bis 2017.

Da war an der Briller Schoul de Kollektor an d'Regulatioun vum Chauffage. Dat war en Devis vun 45.000 Euro an d'Dépense war 19.345,96 Euro. Dat war am Joer 2015. Och déi ass méi bëlleg ausgefall wéi am Devis virgesinn, well mir am Fong d'Regulatioun vum Chauffage net hu brauchen ze ersetzen.

Dann um Strutzbierg, och de Chauffage an d'Regulatioun. Dat war en Devis vun 130.000 Euro, d'Dépense effective war 28.634,98 Euro. Dat war am Joer 2015. An och do wéi gesot d'Erklärung datt et méi bëlleg ausgefall ass, well mir am Fong decidéiert hunn, d'Chaudière jo komplett z'ersetze well mir och de Strutzbierg frësch maachen, sou datt mir hei just eng Remise en état vum Chauffage gemaach hunn an net eng komplett Ersetzung vun der Heizung. Dat awer och zu der Erklärung vun deem Montant.

Dann, an der Rue du Commerce kréie mir en Aménagement vun der Plaz virun der Maison sociale. Dat war en Devis vun 200.000 Euro, d'Dépense effective war 117.852,03 Euro. Och deen ass méi bëlleg ausgefall, well virgesi war och dee ganzen Trottoir frëschzemaachen, respektiv den Eclairage an och d'Plantatiounen. Do ass een Deel awer net gemaach ginn, well mir jo och dee ganzen Trottoir frësch maachen, wann d'Rue du Commerce am Double sens gemaach gëtt - dee Projet dee mir hei gestëmmt hunn - soss hätt mir zweemol missen do oprappen. Dofir hu mir dat am Fong si gelooss an dofir ass och d'Dépense méi bëlleg wéi am Devis initial virgesinn.

Dann ass dat aalt Gebei vun de Pompjeeën, do wou och d'Equipe polyvalente dran ass, also d'RMGs-Equippen, do sinn et d'Sanitären, déi musse frësch gemaach ginn. Dat war en Devis vun 58.000 Euro an d'Dépense effective ass 49.440,43 Euro.

Da war de Projet Am Duerf, do hu mir jo zwee Appartemen-ter hei als Gemeng kaf, wat de Gemengerot och gestëmmt huet. Dat war en Devis vun 800.000 Euro an d'Dépense effective war 757.262,80 Euro. Do hu mir och e Subsid kritt, dat gesitt der hei am Dekont vu 427.500 Euro vum Logementsministère.

An da war et dann de Salzdepot nach vun de Gemengen-atelieren, dat war en Devis vun 140.000 Euro an eng Dépense vun 128.377,58 Euro.



An dann dee leschten Dekont, dat ass de Fuerpark vun der Gemeng. Dat war fir e Camion respektiv en Equipement en Devis vun 80.000 Euro an d'Dépense effective war 79.560 Euro.

Dat zu deenen 10 Dekonten, déi ech hei presentéiert hunn. Hutt Dir Remarquen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Och emol virun Allem Merci fir d'Explikatiounen firwat d'Devisen oft diametral different sinn zu deem wat mir definitiv da bezuelen an ech denken et ass och gutt, datt een da gesäit beim éischte Punkt bei der Fassad vu Butschebuerg, datt een do och d'Devisen domat vergläicht vu verschiddene Leit, déi eng Offer maachen. A wat ech och gutt fannen, datt eis Gemengeservicer hei agebonne gi sinn, datt een deenen och Saachen ze maache gëtt, wat dann natierlech och positiv op eisen Dekont en Impakt huet.

Meng Fro ass just zum Strutzbierg. Do hate mir jo gesot, datt, ebe wéi den Här Buergermeeschter och elo erkläert huet, datt wéinst dem Bâtiment C wou d'Schwämm dran ass, datt mir do sollen eng komplett Renovatioun maachen. Do ass just meng Fro ob mir do elo schonn e bëssi méi wäit sinn, ob mir do scho wëssen a wéi engem Ordre de grandeur mir dat maachen oder a wéi engem Delai mir dat maachen?

An ech wollt och nach eng Kéier e waarme Rappel lancéieren: Wa mir hei gesinn, datt mir hei zwee Appartementer kaaft hunn als Gemeng fir soziale Wunnensbau a wa mir dann de Subsid vum Logementsministère ofzéien, da kascht eis een Appartement 186.000 Euro. Wann ech vergläichen, zum Beispill d'Renovatioun vum Kiosk huet 130.000 Euro kascht, also ech denken, nach eng Kéier e waarmen Appel, kommt mir lancéieren eis och zum Beispill op Lenkeschléi fir och do weiderhin an de soziale Wunnensbau z'investéieren. Deen Invest ass absolut tragbar an zweetens denken ech, ass en immense Besoin do, also nach eng Kéier e waarmen Appel, kommt mir gi weiderhi op déi Schinn, datt mir do nach e bësschen nohaken an och nach e puer Wunnengen an eise Wunnenspark eraféieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Remarquen. Nach weider Stellungnahmen? Nee, dat ass net de Fall. Bon, da ginn ech drop an ouni elo ze vill wäit aus ze huelen. Mir sinn am Moment amgaangen un engem Masterplang ze schaffen rondrem Strutzbierg. Mir hu jo och Etüden dëst

Joer am Budget virgesinn, dat geet also weider. Mir wäerten natierlech – also de Projet muss jo souwisou eng Kéier am Gemengerot gestëmmt ginn – dem Gemengerot och eng Presentatioun maachen. Am Moment si mir amgaange mat den Architektenbüroen dorunner ze plangen. Also, et ass e Projet, dee leeft, wou och aner Servicer mat agebonne sinn. Dat ass e Projet, deen eis wichteg ass, well et jo dorëms geet, déi nei Hal um Strutzbierg ze bauen.

Dann, ronderëm d'Appartementer am Duerf respektiv bei Lenkeschléi, Dir waart jo derbäi wéi mir hei d'Konventioun gestëmmt hunn, Dir wësst datt mir op Lenkeschléi Virkafsrecht hu par rapport zu deene subventionéierte Wunnengen an dat Virkafsrecht kënne mir och natierlech, wann d'Haiser bis an der Vente sinn, gëlle loossen. Ech mengen, do sti mir zu deem wat mir deemools am Gemengerot verabschied hunn.

Dat nach zu deenen dote Präzisiounen, da kënne mir iwwer d'Dekonten ofstëmmen. Ass de Gemengerot mat deenen doten Dekonten averstanen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech lech villmools Merci an da géife mir weidergoe bei déi provisoersch Schoulorganisatioun.

4. PRIMÄRSCHOUL

4.1. Approbatioun vun der provisoerscher Primärschoulsorganisatioun fir d'Schouljoer 2018/2019

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP): Villmools Merci. Da fänke mir u mat der provisoerscher Schoulorganisatioun. Wéi Dir wësst muss déi laut Circulaire den 1. Juli duerch de Gemengerot, also mir sinn do am Delai absolut. Déi Schoulorganisatioun, dat ass ëmmer eng ganz grouss Organisatioun an do wëll ech einfach emol dem Här Ferrari Merci soen an och de Schoulpresidenten an dem Comité d'école fir déi exemplaresch Aarbecht, déi si och dëst Joer erëm geleeschthunn. Firwat? Wellegëttëmmer méi schwéier well de Contingent elo all déi Joeren ëmmer nach e bëssi erofgaangen ass. Dofir hei villmools Merci vun eiser Säit. Firwat provisoersch Schoulorganisatioun? Einfach doduerch, datt mir de Moment nach keng Schoulmeeschteren, nach keng Nimm op de Klassen hunn, doduerch maache mir dann eng provisoersch Schoulorganisatioun an dann am Hierscht wäerte mir déi definitiv Schoulorganisatioun duerch de Gemengerot huelen. Virum 15. Oktober muss déi



derduerch. D'Schoulmeeschteren hunn sech zwar schonns ufanks Mee getraff, vill Klasse si scho besat, sou datt elo awer scho kloer ass wat fir eng Klassen nach op sinn. Do hu mir dräi Klassen, déi nach op sinn a sechs Posten am Surnuméraire, déi och nach net besat sinn. Déi ginn elo op der nächster Lëscht vum Ministère besat.

Dann, Dir hutt an Ärem Dossier eng ganz Rei vun Dokumenter virleien. Dat éischt sinn d'Rapporte vun der Schoulkommissioun, natierlech och déi provisoersch Schoulorganisatioun, de Circulaire vum Ministère, Plan de surveillance an de PEP. Dann zu deene verschiddene Chifferen, vläit wëll ech do awer op déi verschidden eenzel Gebaier agoen an och drop firwat dat esou gemaach ginn ass.

Mir hunn de Moment sechs Schoulen awer op 13 verschiddene Siten. Fir 2018/19 sinn de Moment 1948 Kanner ageschriwwen am Fondamental. Dat ass vum Precoce bis Cycle 2-4. Dat sinn ongeféier 12 bis 15 Schüler méi wéi déi Jore virdrun. Do muss ech awer soen, datt dat ëmmer Chiffere sinn, mir sinn elo Juni, bis September geschitt do vläit awer nach deen een dee bäikënnt oder een deen ewechfält. Mir hunn de Moment 124 Klassen an deene verschiddene Gebaier. Dat sinn der zwou méi wéi d'lescht Joer, mir hatender d'lescht Joer 122. Do ass de Cycle 1, dee bleift mat 28 Klassen d'selwecht wéi déi Jore virdrun an am Cycle 2-4 gi mir vu 87 op 89 Klassen erop. Dat wier eng méi zu Butschebuerg, eng méi am Brill, eng méi um Strutzbiërg awer dofir eng manner a Quartier Italien.

Dir wësst datt mir ëmmer e Contingent vum Ministère zougesprach kréien, dee läit elo bei 3.869 Leçonnen. Ech mengen, dat sinn der 23 manner wéi dat Jore virdrun. Firwat déi 23 manner? Dir wësst, datt mir iwwer Joeren hu missen ofbauen. Dës Kéier sinn et der nach 23. Zum Gléck muss ech awer soen, datt et dat lëscht Joer ass, wou mir mussen ofbauen. Dat heescht, ab elo hu mir dee Problem scho manner an de Contingent bleift konstant.

Wat derbäi kënnt, wouriwwer mir eis och ëmmer freeën, dat si Stonnen, déi hors Contingent sinn, déi mir accordéiert kréien an do wëll ech soen, mir hu schonns e Bréif vum Minister kritt an do hu mir dräi Poste fir de Cours d'Accueil mat 69 Leçonnen accordéiert kritt a fir déi 30 Primo-arrivanten, déi elo an eis Schoulen erakommen, an dat ass ganz wichteg, datt mir do vill Appui a vill Leçons d'accueil kënne maachen.

Dakrute mir awer och nach sechs Poste fir Remplaçant-permanenten accordéiert, dat sinn nach eng Kéier 138 Leçonnen. Et ass immens wichteg, datt mir déi Stonnen elo hors Contingent kréien, dat heescht mir kënnen ëmmer do, wa mol e Problem ass, Leit asetzen, déi hëllef bei méi schwierigen Aufgaben.

Wat och wichteg ass, wat ee gesäit wann een e bëssi d'Analysen an eise Schoule mécht, mir leien de Moment, also 17/18, bei 1 036 Lëtzebuerger Schüler a bei 1 919 Net-Lëtzebuerger Schüler. Ech mengen, am Cycle 1 souguer sinn et 45,3% Net-Lëtzebuerger an am Cycle 2-4 sinn et 47,6%. Dat beweist och d'Schwieregkeet an eise Schoulen, well dann oft déi Kanner doheem net onbedéngt Lëtzebuergesch schwätzen, méi Franséisch oder Portugisesch. Dat fält eis ëmmer rëm op, dofir brauche mir ganz vill Personal niewebäi fir dat dann opzefänken a fir eng qualitativ gutt Ausbildung ze maachen.

Da wëll ech awer och kuerz op déi eenzel Gebaier agoen an ech mengen och op d'Cyclen. De Precoce, ech mengen d'Ganzdags-Maison Relais hu mir, de Precoce op Lenkeschléi a Strutzbiërg an den Taux am Precoce ass Plus-Minus d'selwecht bliwwen wéi déi Joere virdrun. Do huet net vill geännert, mir hu ronn 121 Aschreiwungen vun 189 méiglechen, dat si ronn 64%. Bon, mir sinn zwar och do réischt Juni, et weess een net wéi et do viru geet, ob do nach Kanner derbäi kommen. Déi 121 Aschreiwungen, dat si ronn 87 Kanner pro Grupp, déi mir am Contingent och dran hunn. D'lescht Joer waren et der 102, do gi mir relativ vill rof. Méi kritesch gëtt et eigentlech elo d'nächst Joer, wann déi Zuel nach erofgeet, da kréie mir manner Stonnen am Contingent, déi ginn dann erëm am Appui ewechgeholl fir den Cycle 1. Mee bon, wéi gesot, mir sinn do nach net um Schluss ukomm, mir waarden nach op déi lëscht Zuelen. De Precoce fir d'Maisons relais, do sinn 29 Kanner de Moment ageschriwwen vun 32 méiglechen.

Strutzbiërg a Lenkeschléi hunn ech scho gesot, dat si Ganzdaagsbetreung, do kann ee mëttes iessen, dat ass vu moies bis owes. Mir hunn awer zu Butschebuerg, am Eecherdall, Gaffelt a Ribeschpont jeeweils eng Klass mat enger Moyenne vun 12 Kanner, déi awer net an der Mëttegstonn do iessen, déi nëmmen hallefdaags do sinn oder fir verschidde Plagen do sinn.

Dann zum Cycle 1, do ass et esou, datt am Quartier Italien, ech hunn et virdrun scho gesot, elo eng Klass ewechfält. Firwat? Majo et ass esou, datt de



Moment nëmmen 18 bis 19 Kanner do sinn a fir dat op zwou Klassen opzedeelen, da wier d'Moyenne relativ niddereg, 18, 19. An deem Quartier - muss ech awer och soen - ass eng relativ schwéier Situatioun, sou datt mir mat der Direktioun zesummen decidéiert hunn op déi Klass en Titulaire ze setzen an en Team-teacher fir datt och do awer eng gutt Betreierung ass.

Wat nach ass, dat ass, vum Cycle 1 kommen an de Cycle 2.1 véier bis fënnef Kanner, ech mengen do déi Klasse kënn mir net oprecht erhalen. Et gëtt relativ schwéier, matt deene véier bis fënnef Kanner, sou datt mir decidéiert hunn och do déi Kanner op den Däich eriwwerzehuelen. Ech muss awer do soen, datt do opgepasst ginn ass wou d'Leit wunnen an en plus sinn zwee vun deenen véier bis fënnef Kanner, wou mir nach net sécher sinn, déi hu scho Geschwëster um Däich, sou datt dat fir d'Eltere keng méi grouss Schwierigkeet duerstellt.

Zu Butschebuerg kréie mir eng Klass am Cycle 4.2 bäi. D'Cycle 4.2 a 4.3, dat heescht duerch d'Rallongement do huet een ëmmer Schüler, déi mat eriwwer geholl ginn an dann d'Joer nach eng Kéier maachen an déi sinn de Moment zu 25 Schüler. Dat sinn der relativ vill fir eng Klass. Dofir kënnt do eng Klass bäi. An och am Brill, ech hat et gesot, do kënnt am Cycle 4.1 eng Klass bäi. Do sinn de Moment 66 Schüler. Och do musse mir eng véiert Klass schafen.

Um Strutzbiërg kënnt am Cycle 2.2 an 2.3 eng Klass bäi. Ech mengen, dat ass ganz wichteg um Strutzbiërg net ze héich Effektiven ze kréien, well si hunn eng relativ schwéier Situatioun... si fänke ganz vill Kanner vu Profamilia op an och vun de staatléche Kannerheemer, wat dann net ëmmer eng einfach Aufgab ass. Ech mengen och déi meeschte Stonnen, dat sinn der 19 fir d'Assistance en classe, déi ginn zum Deel op de Strutzbiërg fir och do hinnen ënnert d'Äerm ze gräifen. Ech mengen, de Strutzbiërg ass och eng - ech wëll net soen eng vun deenen eenzege Schoulen - wou den Appui nach e bëssen an d'Luucht geet, einfach well déi Situatioun um Strutzbiërg do ganz schwéier ass a mir wëllen do och d'Effektiver bëssi méi niddereg halen einfach duerch d'Situatioun.

Wat ech nach ka soen, de Klasseneffektiv vun 18/19 do leie mir bei enger Moyenne vun 15,6. De Ribeschpout ass awer am Moment déi Schoul, wou déi héchsten Effektiver sinn.

Wat mir och nach matgedeelt kruten, wat awer och an der Schoulkommissioun schon ugeschwat

ginn ass. Dat heescht mir hunn eng Demande gemaach fir en IEBS bäizekréien. Ob en accordéiert gëtt, ech mengen do kann den Här Mischaux herno drop agoen. Déi brauche mir fir bei Kanner à besoins spécifiques. An dann eppes wat och positiv ass, wat och an der Schoulkommissioun gesot ginn ass, mir si relativ optimistesche datt mir an Zukunft eng Logopädie an d'Regioun kréien, déi soll do funktionéieren.

Bon, dann hutt Dir och nach de Plan de surveillance. Zum Plan de surveillance brauch ech eigentlech net ganz vill ze soen. Do ass et esou wéi d'lescht Joer ausser Cycle 1 a Precocé, déi hu verschidden aner Horairë fir Pausen ze maachen ebe well a grouss Schoulen et ganz schwierig ass wann déi Grouss an déi Kleng dann zesumme kommen.

Dann nach kuerz zu de Schwammstonnen. Do kann ee soen, do ass et mëttlerweil esou, datt de Cycle 1 bis 4 all zweet Woch ka schwamme goen. Dëst ass och eng Méiglechkeet fir de Precocé, déi kënnen och elo schwamme goen. An do ass et dëst Joer sou gewiescht, datt fënnef vun siwe Klassen dovunner profitéiert hu fir dann och an d'Schwämm ze goen. Ganz kuerz, well et och elo ëmmer rëm an der Schoulorganisatioun optaucht a well och an der Circulaire drasteet datt eng besser Zesummenaarbecht tëschent Maison Relais an de Schoule soll gemaach ginn.

Och wann dat net zur Schoulorganisatioun gehéiert, wëll ech ganz kuerz just zwou dräi Saache soen. D'Maison Relais ass opgedeelt an dräi Ressorten. Dat sinn d'Schwämm, d'Gaffelt an Strutzbiërg, dat sinn eis dräi Hauptgebaier. Bon, an der Schwämm hu mir eng Kapazitéit vun 130 Kanner, an der Gaffelt 136 Kanner an um Strutzbiërg 227 Kanner. Doniewent hu mir och nach méi kleng Gebaier, wou natierlech da manner Kanner sinn, tëschent 20 a soe mir 40 Plazen. Am Ganzen hu mir an der Maison Relais 923 Plazen. Wann ech elo kucken, wat d'Kantin ubelaangt, do hätte mir eigentlech nach Plaz fir Kanner eranzehuelen, mee et ass esou, datt dat dann ëmmer... wann ee säi Kand iergendwou anescht higëtt fir ze versuergen, ass et ëmmer ganz schwéier, déi profitéieren dann net esou dovunner.

Ech mengen am Fong, datt ech elo relativ komplett scho war. Mir sollten dat doten ënnerstëtzen sou wéi mir et presentéiert kréien. Et ass eng immens grouss Aarbecht, déi mir hei gelescht hunn, déi ëmmer méi schwéier gëtt, ëmmer méi Kanner.



Vläit huet den Här Ferrari nach déi eng oder aner Saach derbäi ze fügen, soss wär et dat fir mech gewiescht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries fir dës Presentatioun vun der provisoirescher Schoulorganisatioun. D'Diskussioun ass op wann ee wëll eng Stellungnahm maachen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):

Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen vum Gemengerot, meng Stellungnahm am Numm vun deene Gréngen zur Schoulorganisatioun 2018/2019 hunn ech präparéiert mat engem mulmege Gefill. Obschonn ech probéiert hu, mech z'informéieren an eranzeliesen, ginn et ëmmer nach Aspekter déi mir onkloer sinn. Dofir sinn ech fir d'éischt ee Mol dem Här Ferrari dankbar fir d'Nohëllef déi hie mir ginn huet. Ech hunn trotzdem nach e puer Froen fir hei anzubannen. Mir haten, säit de neie Gemengerot a Kraaft ass, och schonn e puer Schoulkommissiounssitzunge wou een als Member eng Ahnung konnt kréien, wéi komplex d'Situatioun haut an eiser Grondschoul ass. An deem Zesammenhang, hat ech den Androck, datt déi nei Direktioun, déi d'Inspekteren ersetzt an eis Ried an Äntwert gestanen huet, d'Organisatioun gutt am Grëff hätt. Déi Ëmstrukturéierung vun der Administratioun vun de Grondschoulen ass wuel mat vill Aarbecht verbonden. Et lount sech awer wahrscheinlech op laang Sicht, datt et eng Instanz gëtt, déi den Iwwerbléck behält, d'Besoinen vun de Schoule kennt a ka Solutiounen ubidden oder siche goen.

Et gi vill Baustellen an der Educatioun, déi der Entwécklung eiser Gesellschaft schwéier nokënnt. Säit 2009 sinn eng Rei Reformen initiéiert ginn, am Laf vun der Zäit ëmgesat ginn, déi villes verännert hunn: D'Evaluatioun vun de Schüler a Schülerinnen, d'Aféierung vum Comité d'Ecole, d'Encadrement fir de Scolaire, eng méi eng grouss Autonomie vun den Schoulen, eng besser Abannung vun den Eltere fir nëmmen déi ze nennen, déi an dëse Kader falen. Erlaab mir dann op e puer Punkten vun der Schoulorganisatioun wéi se hei virleien an ze goen. De Basisfaktor fir d'Organisatioun ass de faméis Contingent, deen allgemeng insgesamt zougestane gëtt an deen dann eng Auswierkung op Klasseneffektivitéit vun den eenzele Gebaier huet. Gëtt et eigentlech e Schlëssel op Grond vun deem eenzelnen Schoulen eng gewëssen Zuel vun Encadrementsstonnen zougestaane ginn oder ass dat alles Verhand-

lungssaach tëschent de Presidenten a Presidentinnen vun de Schoulen? Dat war déi éischt Fro.

Nodeems d'Stonnenzuel pro Gebai feststeet, spillt d'Autonomie an et kann intern decidéiert ginn d'Zuel vun de Schüler a Schülerinne méi staark erof ze setzen oder méi Stonnen Ënnerstëtzung duerch eng zousätzlech Léierkraaft vir ze gesinn. Et fält op, datt net an all Gebai déi selwecht Entscheedung getraff ginn ass an datt gekuckt ginn ass mat wéi enger Léisung d'Personal am beschte géing eens ginn.

Insgesamt gi mir aus vun enger Moyenne vu Klassen-effektiver fir dat nächst Schouljoer vu 15,6 Schülerinnen a Schüler. Dat ass eng vernünfteg Moyenne. Ech hu mir virsiichtshalber all d'Zuelen ugekuckt, well eng Moyenne seet jo net alles aus. An eiser provisoirescher Opdeelung si mir elo keng Klasse mat iwwer 20 Schüler opgefall, wat eng Situatioun ass déi een enger Léierpersoun duerchaus zoumudde kann. Vu datt mir awer wëssen, datt net an all Klass Kanner wéi aus dem Billerbuch sëtzen, ass dat awer ze relativéieren. Bis elo huet d'Léierin oder de Schoulmeeschter selwer misse mat verhalensopfällege Kanner eens ginn. An der Tëschenzäit gëtt et eng Hëllefstellung duerch déi sougenannten IEBS, dat heescht spezialiséiert Léierpersounen, déi esou Kanner en charge huelen. Landeswäit gëtt et 150 dovun a mir hunn der momentan 4 hei zu Diddeleng, déi an de Gebaier Strutzbieng, Gaffelt a Brill affektéiert sinn.

Heescht dat, datt déi nëmmen do intervenéieren oder ginn se an all Schoulgebaier agesat? Wéi verlafen dann hir Interventiounen? Beroden si d'Léierpersonal oder schaffen si mat de Kanner? Ech ka mir zimlech schlecht virstellen, wéi esou eng Aarbecht um Terrain ausgesäit a wier frou wann ech dozou zousätzlech Informatiounen kéint kréien. An enger Rei vu parlamentaresche Froen hunn d'Sam Tanson an d'Josée Lorsché dorop higewisen, datt ëmmer méi Kanner Opmierksamkeitsdefiziter a Konzentratiounsschwieregkeeten hunn an och psychomotoresch Stéierungen. Si maachen dorop opmierksam, datt Kanner mat psychomotoresch Stéierungen bal e Joer musse waarden ier si bei Fachleit bäikommen. Doropshin vertritt de Minister déi zwou gréng Deputéiert mam Hiweis op déi spezialiséiert Léierinnen a Schoulmeeschter awer och mat "Équipes pour le soutien des élèves à besoins spécifiques" woufir et landeswäit 75 Poste ginn. Mir hunn hei zu Diddeleng och esou eng Equipe déi sech zesumme sëtzt aus enger Psychologin, enger Pädagogin a Spezialistinne fir d'Schwätzen, Logopädiinnen an Orthophonistinnen.



Éischt Fro: wéi intervenéieren déi Spezialistinnen? Ginn si an d'Schoule geruff oder kommen d'Kanner bei si? An déi zweet Fro ass eng rhetoresch Fro: Wäre et net – ech denken datt d'Madame Kayser se och wäert stellen, oder et bësschen anescht wäert ausdrécken – wär et net opportun eng Persoun virzegesinn déi sech ëm psychomotoresch Stéierunge këmmert, quitte datt mir och Léierpersounen hei zu Diddeleng hunn, déi sech op deem Gebitt weidergebilt hunn an auskennen. Da géif et och nach op nationalem Plang, Centres de compétence gi fir élèves à besoins spécifiques, wat ass dann deenen hir Funktioun? An awéifern hu mir Zougrëff op déi Donnéeën? An engem vun de Plans de développement scolaire hunn ech gelies, datt déi theoretesch Hëllefstellung an all deene Fäll vu schwierere Schüler a Schülerinne wuel existéiert, an der Praxis awer schwéierfällg funktionéiert.

Sollen dat nëmmen Ulafsschwieregkeete sinn oder ass de System eventuell ze vill lues a bürokratesch? A verschiddene Schouklasse si Schoulmeeschteren a Léierinne mat dramatesch schwierere Situatiounen konfrontéiert. De Message vun der Aféierung vun den Instituteurs an Institutrices spécialisés an den Equipen ass deen datt d'Léierpersoun net eleng gelooss gëtt. Et ass just ze hoffen, datt déi Hëllefstellung och wierklech eppes nützt. Niewent de Stéierungen vum Unterrecht duerch aggressiv Kanner oder aner Problemer, ginn et och nach déi banal – déi banal? – Léierschwieregkeeten, déi duerch Nohëllef missten opgefaange ginn.

Mir hunn och Appuistonnen zegutt a leider geet d'Zuel vun deene Stonnen erof. Et ass bedauerlech, datt net maximal intervenéiert ka gi fir ganz fréi op Léierdefiziter anzugehen. Dat ass net förderlech fir d'Chancégerechtigkeit well besonnesch déi Kanner op der Streck bleiwen, déi net vun doheem gehollef kënne kréien oder Nohëllef bezuelt kënne kréien.

Am Sënn vu Chancégerechtigkeit ass natierlech och d'Inklusioun vu Kanner mat Behënnerung. Wéivill Kanner mat Behënnerung, déi ursprénglech vun der Education différenciée misste betreit ginn hu mir dann an eis Schouklasse integréiert? Ginn et vill Demanden vun Eltere fir Kanner aus der Education différenciée erauszehuelen? Ginn et Beispiller vu gelongener Integratioun an eise Grondschoulen? Wéivill där Fäll ginn et momentan hei zu Diddeleng? A wéivill speziell zousätzlech Hëllef kréien dofir d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen?

An da sollen d'Kanner och nach fit gemaach gi fir den Ëmgang mat neien Technologien. D'Schoulmeeschteren an d'Léierinne mussen entscheeden, wéi wäit an op wéi eng Manéier si dat maache wëllen. D'Gemeng awer muss hinne méiglechst vernünfteg Bedingungen dofir zur Verfügung stellen. En lwwerequipement ass net sënnavoll a kënne mir eis och net leeschten. Dofir soll effektiv an den eenzele Schoule gekuckt ginn, wéi eng Demande do ass a wie wierklech wëlles huet mat Tabletten a feste Computer ze schaffen. Internet muss och do sinn an ouni Antenne mat schiedlech Stralungen op de Schoulen oder ze no derbäi. Dat sinn déi éischt evident Viraussetzungen, déi net an all Gebai déi selwecht sinn an dofir muss op Plazen entsprechend muss nogerüst ginn. Dësweidere muss awer och en Techniker schnellstméiglech kënne agesat gi fir bei Problemer am Réseau ze hëllefen.

Zousätzlech zu dese Bedingunge kënn dann nach d'Sécherung vun der Computer fir datt d'Kanner net op geféierlech Site geroden a schlussendlech Programmer. Och do gëtt et wuel eng ganz Panoplie vu Programmer, déi sécher net all sënnavoll sinn a wou dann den Tri muss gemaach ginn tëschent einfachem Gspill an edukativ sënnavolle Programmer.

Da géif ech kommen zum Encadrement vun de Kanner virun an no dem eigentlechen Schoulunterrecht. Et ass ze begreifen, datt an eiser Gemeng déi Betreuung kontinuéierlech ausgebaut ginn ass. Et gëtt wuel nach Waardelëschten an net bei all Schoulsite kënne d'Kanner sur Place betreit ginn awer d'Angebot ass quantitativ a virun allem qualitativ an d'Luucht gaang.

Ofgesi vun der Hëllef bei den Hausaufgaben, beim Mëttegiessen an der Moiesbetreuung ginn och Aktivitéiten ugebueden, fir datt d'Kanner och gefördert ginn. Dat ass de Verdéngscht vum PEP, dem Plan d'encadrement périscolaire, deen op Wonsch vum Ministère zënter e puer Joer opgestallt muss ginn an dee säitdem ëmmer wéi villsäiteg gëtt. Et ass scho beandrockend, wéi wäit Zesummenaarbecht mat Sportsveräiner, der Museksschoul an aneren Servicer fortgeschratt ass. Besonnesch gefält eis och d'Kollaboratioun mat der Eltereschoul déi regelméisseg zu Rot gezu gëtt an demnächst en Elterecafé lancéiert wou d'Eltere sech kënne austauschen. De PEP deen en Deel vun der Schoulorganisatioun ausmécht fënnt eis vollsten Zoustëmmung.

Dat selwecht gëllt fir de Precocé. Hei gëtt et e flexibel Angebot an och op Lenkeschlei a Strutzbiere gëtt et d'Méiglechkeet e Kand vu moies bis owes betreit



ze kréien. Ech fannen eigentlech erstaunlech datt nëmmen 12 a 14 Kanner bis elo fir déi Formulen ageschriwwen sinn. Wéivill Kanner ginn do maximal ugeholl? Am Moment si jo nach dräi Demandë vun Elteren en Suspens, déi net prioritär fir dës Betreuung virgesi sinn. Mir fannen et op alle Fall gutt, datt de System vum Precoce a besonnesch den vu Maison Relaisen mat Precoce verbënnt, berufstätegen Elteren oder allengerzéienden eng Alternativ zu de private Crèche gëtt. Op déi Aart a Weis kann eng Konkurrenz vun deene Crèchen entstoen an och Standarde gesat ginn. Et géif sécherlech nach méi ze soe ginn iwwer Saachen déi d'Schoulorganisatioun méi um Rand betreffen. Do wär beispillsweis de Problem vum séchere Schoulwee, mee op déi Problematik wäerte mir jo nach kënnen zrëckkommen nodeems d'Thematik an divers Kommissiounen wäert beschwat ginn.

Et bleift och d'Fro vun der Schoul Lenkeschlei. Bis elo sinn nach net vill Kanner dovu betraff awer dat kënnen der séier méi ginn. Et gëtt Zäit, datt déi Schoul net nëmmen um Pabeier existéiert. Fir de Volet Provisoresch Schoulorganisatioun a PEP dann ofzeschléissen, géif ech dann d'Zoustëmmung vun deene Gréngen hei offiziell ginn. Mir maachen datt och mat guddem Gewëssen, well e puer Konditiounen allgemeng gutt sinn a mir zouversichtlech sinn, datt déi nei Instrumenter vum Ministère gutt kënnen agesat ginn. Ob se dann awer gräifen oder iwwerhaapt duerginn, steet op engem anere Blat.

Schlussendlech ass d'Organisatioun nëmmen e Kader a bei der Ëmsetzung kënnt et op den Engagement vun dem Léierpersonal an aneren Intervenanten un. Deene soe mir Merci fir déi Méi, déi si sech ginn a wënschen hinne weider vill Courage. Mir soen all deene Merci déi un der Organisatioun geschafft hunn, wat jo keng einfach Saach war an nach eng Kéier zousätzlech dem Erni Ferrari fir seng gutt Aarbecht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Romaine Goergen fir seng Interventioun zu der Schoulorganisatioun. Gëtt et nach weider Stellungnahmen zu der provisoirescher Schoulorganisatioun?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Bon, ech wëlt am Fong do ufänke wou d'Romaine Goergen opgehalen huet. Ech wëlt am Numm vun eiser Fraktioun och deene verschidden Acteuren déi un der Ausschaffung vun dëser Schoulorganisatioun bedeelegt waren, dat heescht déi sechs Schoulpresidente mat hire Comitéen, der

neier Regionaldirektion ënnert der Leedung vum Joël Mischaux, der responsabler Schoulschäffin Josiane Di Bartolomeo a ganz speziell dem Sekretär vun der Schoulkommissioun, dem Erni Ferrari Merci soen.

2017/18 war e Joer wou den Educatiounsministère vill nei Posten an Tâche geschaf huet notament d'Regionaldirektioun, bei eis niewent dem Direktor mat dräi Adjointen, dann den IDS, den Instituteur spécialisé en Développement scolaire, den IEBS, den Instituteur spécialisé pour Enfants à Besoins particuliers et spécifiques, wou Diddeleng aktuell 3,5 Posten huet, dräi Tâchen plus eng Hallef, an e véierten an Aussicht gestallt krut fir d'kommend Schouljoer. Da war 2017/18 och eng Année charnière wéi de Minister Meisch se nennt fir "la mise en musique de certains grands projets". An der Circulaire de Printemps fanne mir do d'Aféierung vum Schoulfach Viso, déi nei Orientierungsprozedur, déi elo schonn am C4.1 ufänkt - virdru war dat am C4.2 wou d'Kanner de Passage gemaach hu fir an de Secondaire - déi nei Bilans intermédiaires déi agefouert gi si wou Diddeleng och um Projet matgeschafft huet, Déi nei Programmer vun der Education linguistique am C1. Ganz wichteg ass och, datt endlech méi fir d'Prise en charge vu Kanner, déi verhalensopfälleg sinn, déi all Zorte Schwierigkeeten a Stéierungen hunn, virgesinn ass. Sou soll niewent dem dëst Joer agefouerten IEBS an den eenzele Schoulen - et ass geduecht datt herno all Schoul soll een IEBS hunn- deen dann a Krisen oder a Stresssituatiounen agräife kann.

Da gëtt et weiderhin déi regional ESEBen, dat sinn d'Equipes de Soutien pour Elèves à Besoins particuliers ou spécifiques, vun der Direktioun ginn déi geziilt agesat, si beroden d'Titulaires, si schaffe selwer mat deene schwierige Kanner a si proposéieren och der Commission d'inclusion eng speziell Institutioun fir déi verhalensopfälleg Kanner ze implizéieren. An da kënnt d'Kärstéck: Et sollen 8 Kompetenzzentren op nationalem Niveau an deels bestehende Strukturen, deels Strukturen, déi nach ze schaffe bleiwen, Kanner mat all Zort Defizienzen a Schwierigkeeten - langagières, auditives, émotionnelles, développement intellectuel an esou weider bis hin zum surdoué - opfänken. All déi Moossnamen, ma virun Allem d'Kompetenzzentren, loosse mir hoffen, datt d'Problematik vun de Kanner à Besoins particuliers a spécifiques déi d'Léierpersonal um Terrain extrem belaaschten net ze laang schleefen an d'Personal kuerz- a mëttelfristeg méi séier an efficace gehollef kritt sou datt d'normal Schoulhalen nees méiglech gëtt. Mir si gespaant.



Zu eiser provisoirescher Schoulorganisatioun 18/19, mir sinn eigentlech, wann ech gutt gezielt hunn am leschte Joer Contingent ukomm. Dat heescht, déi Fro déi sech am Fong stellt, wou vläit de Joël Mischaux eis Bescheed soe kann, wéi et herno weider geet. Kënne mir herno erëm normal Schoulorganisatioun maache wéi mir se gewinnt waren, wou mir selwer rëm bestëmmen, onofhängeg vu Stonnen déi mir net méi ewechgeholl kréien? Kënne mir dann rëm normal Klasse maachen? Dat ass eng Fro déi dann op ass. Jiddefalls dat 10. Joer ass hei erreecht an domat ass de Contingent dann, aus dem Gesetz vun 2009 jiddefalls net méi do. Bon, vu datt d'Zuel vun de Schüler an 18/19 bal déi selwecht ass wéi 17/18 hu mir bis elo och nëmmen eng minimal Differenz am Coefficient d'encadrement verluer. Mir verléieren am Ganzen 23 Schoulstonnen, dat sinn der 16 duerch de Contingent a 7 duerch d'Differenz vun de Schüler.

Nach kann et sinn, datt wéi 2017 et zu enger positiver Adaptatioun vum Contingent kënnt, an der Hoffnung, datt dat da spëtstens virun der zweeter Lëscht gëtt. An dach hunn d'Présidenten an d 'Comitéen et nees fäerdegruecht, eng gutt Schoulorganisatioun mat gudder Klassenmoyenne vu 15 Schüler am C1 a 15,8 Schüler am C2-4, hinze kréien. Bei deene Moyennen, vu datt se ënner 16 sinn, verléiert een natierlech dann Appuistonnen; et sinn der 37 fir den C1 an 42 fir den C2-4. Et gëtt awer prinzipiell éischter op eng Klasse gesat an op Appuistonnen verzicht vu datt ee mat manner Schüler besser ka schaffen a méi op deen eenzele Schüler kann agoen.

Och de Recours op Teamteaching bei méi héijen Effektiver wou keng Säll méi zur Verfügung sti mécht Sënn an ass eng gutt Léisung. Méi Klasse mat méi nidderegen Effektiver kann effektiv zu infrastrukturelle Problemer féieren. Dat ass zu Butschebuerg de Fall, wou duerch de Splitting vun enger Klass vu 24 Schüler de Späicher muss ausgebaut ginn. Mee leider hu mir net iwwerall d'Méiglechkeet fir auszebaue wéi zum Beispill am Brill wou aus dräi Klassen C3.2 elo véier Klassen C4.1 gemaach ginn. Dëst Joer war d'Méiglechkeet nach do fir e Klassenall ze reafektéiere mee deemno wéi sech d'Schülerzuel an deenen nächste Joeren entwéckelt, gëtt et schon d'nächst Schouljoer enk. Dëst muss een am A behale fir fréi genuch ze reagieren.

Zu de Ressorts scolaires Brill an Däich, ass ze begrëssen, datt am Sënn vum Equiliber vun den Effektiver d'Méiglechkeet besteet fir d'Schüler vun den

Annexe Wolkeschdall, Balzeng, respektiv Italie kënne an d'Hauptgebaier an och ëmgedréint ageschriwwe kënne ginn.

Zum Precoco, d'Aschreiwunge fir de Precoco si mat 121 Inscriptiounen wéi gesot gi war, stabil par Rapport zu 17/18. Vu datt nach an deenen zwou Unitéite Precoco-Maison Relais net all d'Plaze besat sinn, ass keen Drock fir eng drëtt Unitéit dozou ze schaffen.

Mir begrëssen dann awer och, datt all d'Schoukanner vum leschte Joer kënne an d'Schwämm goen, all 14 Deeg fir normal Klassen, mee och de Precoco konnt vun der Offer Gebrauch maachen an do sinn dann och vill Klassen déi drop gespronge sinn, a konnten dann 9 bis 10 Mol am Joer dovun profitéiere wat jo awer en immense Quantesprung ass fir d'Kanner ganz fréi un d'Schwammen ze kréien.

Zum PEP nach ee Wuert. De PEP féiert mech dozou, e Wuert ze verléieren iwwer d'Relatioun Schoul-Maison Relais. Et mierkt een, datt d'Zesummenaarbecht ëmmer méi gesicht gëtt a besser funktionéiert. Sou ginn d'Fester a Manifestatiounen scho méi laang zesummen organiséiert mee awer och Lokalitéiten - Infossäll, Bibliothéiken, Funktionssäll bis hin zu Klassenall - ëmmer méi oft zesumme genotzt.

D'Hausaufgabenhëllf gëtt och besser ofgeschwat tëscht Schoul a Maison Relais. Och d'Schoulgäert an d'Héichbeeter ginn zesumme bedriwwe, jee, et ass alles um richtege Wee, an der Zesummenaarbecht.

Perséinlech freet et mech och, datt de Projet Musekschoul zu engem feste Bestanddeel ginn ass an datt och d'Maison Relais-Kanner kënne dëschdes an donneschdesnomëttes an d'Musekschoul goen, respektiv gefouert ginn.

Zu de Verkéiersweeër ronderëm d'Schoule just e klengt d'Wuert. De Pedibus Däich kann e positive Bilan maachen. Wëschenswäert wier datt dës Initiative och an anere Schoule géng entstoen. Voilà, e puer Bemierkungen zu der Schoulorganisatioun, där mir selbstverständlech zoustëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Romain Zuang fir seng Zoustëmmung. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Buegermeeschter. Ech hat d'Wuert net direkt gefrot well ech am Fong haaptsächlech op de Plan de Développement de l'établissement wollt agoen, mee ech wollt



awer och kuerz eng Stellungnahm huele just zur Schoulorganisatioun. D'CSV stëmmt d'Schoulorganisatioun mat, iwwer de Contingent ass scho vill geschwat ginn an ech sinn och gespaant fir dat nächst Joer, wéi deen nächste Contingent soll ausgesinn, wéi mir do ewechkommen.

Well eng Doléance vun Diddeleng war jo och ëmmer, well mir hu missen an deene leschte Joeren Stonnen ofbauen, datt eben där ganz komplexer an heterogener Populatioun vun den Diddelenger Schüler net genuch Rechnung gedroe gëtt an ech mengen et ass ze hoffen, datt an der nächster Evaluatioun socio-économique vun de Gemengen, datt mir do besser do stinn, datt mir op kee Fall – op kee Fall! – nach eng Kéier un eisem Contingent mussen fréckele goen, datt mir deen nach eng Kéier mussen reduzéieren. Well et ass nëmmen dank der Dynamik an deem gudden Versteesdemech vun eisem Schoulpersonal méiglech, datt mir mat deem ëmmer méi reduzéierte Contingent awer nach eng optimal Schoulorganisatioun kënnen op d'Been stellen. Si stiechen d'Käpp zesummen a si kucken wéi si hir dach limitéiert Appuistonne kënnen ënnerteneen opdeelen an ech denken dat ass och exemplaresch fir d'Stad. Ech mengen et ginn net vill Stied, wou sechs Schoule sinn, déi sech sou gutt ënnerteneen austauschen an zesummen halen, datt all Kand zu Diddeleng déi selwecht Chancë kritt an dat begrësse mir explizit an ech gratuléiere wéi all Joer dem Schoulpersonal fir déi gutt Aarbecht.

Wat ech och begrëssen, dat ass datt och keen sech ze schuet ass fir mol ee Projet a Fro ze stellen an och ee Mol eng Kéier en agegréppelte Wee erëm ze verlossen. Wann ech kucken wéi um Däich, do war iwwer Joere elo Cycle Klassen, sinn do agefouert ginn an do ass elo och mol eng Kéier - wahrscheinlech wéi all Joer selbstverständlech - ee Bilan gezu ginn an do huet de ganze Corps enseignant sech awer dës Kéier entscheet fir um Däich keng Cycle Klasse méi ze maache mee rëm déi classesch eenzel Schouklasse ze maachen an dat ass och ze begrëssen, datt ee wéi gesot net stuer u senger Iddi festhält, mee sech och ëmmer erëm a Fro stellt an och dat begrësse mir explizit.

Wéi gesot, ech soen nach just e Wuert zum Precoce. 64% vun de Kanner hu mir erreecht, déi an eis Precocestruktur kommen. Menger Meinung no ass nach Loft no uewen an ech denken, wa mir och op de Wee gi wéi d'CSV ëmmer gefuerdert huet a wéi et och an der Schäfferotserklärung steet, datt mir eis Maison

Relais an eis Kantinnen virun Allem och opmaache fir d'Precocekanner an deenen nächste Joeren, da kënne mir deen Taux nach erhéichen. Firwat ass et sou wichteg?

Ech soen et all Kéier op dëser Plaz: mir kënnen net d'Kanner mat dräi Joer de Crèche iwwerloosse well ech denken do ass den Encadrement net sou optimal wéi bei eis an eisem Precoce a virun Allem wat d'Lëtzebuerger Sproochentwécklung ubelaangt ass déi gratis Offer vun der Precoce, dat muss ee jo och soen, datt dat eng gratis Offer ass, ass déi sécher iwwer der Offer vun der Privatcrèche ze stellen. An dofir, wéi gesot, hunn ech do eng grouss Hoffnung, datt mir d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer, vläit kréie mir och dono nach Explikatiounen wéini dee Projet soll starten, wou mir eis Precocekanner kënnen an d'Kantin ginn, datt mir spëtstens da sécher iwwer 70% kommen.

Also, wéi gesot, och nach eng Kéier vun der CSV hirer Sait Felicitatiounen un all Mënsch deen un der Schoulorganisatioun bedeelegt ass. Merci och den Erni Ferrari fir seng exemplaresch Dokumentatioun an d'CSV stëmmt d'Schoulorganisatioun och mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madame Kayser fir déi doten Zoustëmmung an ech géing mengen da géing d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, respektiv den Erni Ferrari op e puer Punkten agoen. Dir hutt d'Wuert.

ERNI FERRARI (CHEF VUM SCHOULDÉNGSCHT):

Merci Här Buergermeeschter, Merci Dir Dammen an Hären vum Schäffen- a Gemengerot. Ech ginn dann elo nach eng Kéier op verschidde Punkten an an och op d'Froen, déi gestallt gi sinn. Bon, am Meeschten ass jo nees iwwer de Contingent geschwat ginn, deen d'Gemeng an d'Schoule jo all Joer vum Ministère zur Verfügung gestallt kréien. Opgrond vun dem Contingent kréie mir och eng bestëmmten Unzuel un Enseignantsstonden, déi dann eben do si fir se op déi eenzel Schoulen an och eenzel Klassen opzedeelen. Also, et ass all Joer esou, datt mir e Contingent vum Ministère matgedeelt kréien opgrond vun de Schüler, déi am Januar zu Diddeleng ageschriwwen waren. Dobäi kënnt dann och eben nach e weideren Deel duerch den Facteur socio-économique. An doropshi setzen normalerweis Schoulpresidenten an d'Schoulpresidentinnen sech an enger éischter Phas zesummen an si kucken dann ënnerteneen, wat mat deem Contingent méiglech ass, opgrond vun deem wat si natierlech mol pro Schoul geplangt hunn, a wéi eng Méiglechkeeten si dann eben



hu mat deene Stonne fir hir Klassenopdeeling ze maachen an dann eben och, wann nach eppes iwwereg bleift, fir op den Appui opzedeelen.

Et ass jo dat lescht Joer wou mir en Deel vun engem "Iwwerschoss" - wéi de Ministère dat dann deemools sou definéiert huet - mussen ofginn. Dat heescht mir hu elo dat 10. Joer hannertenee missen ofbauen, 2009 huet et ugefangen. Deemools waren 180 Stonnen detektéiert ginn, déi mir zu Diddeleng sollen ze vill hunn. Dee Chiffer ass am Laf vun der Zäit jo reduzéiert ginn, sou datt mir schlussendlech dann awer ongeféier 160 Stonne hu missen innerhalb vun 10 Joer ofbauen. Wéi gesot, dat heiten ass jo dat lëscht Joer, wou dëst nach eng Kéier huet misse gemaach ginn. 16 Stonnen also, déi nach eemol hu missen ofgebaut ginn, sou datt mir ab 2019 da mat deenen Zuelen u sech um Nullpunkt wieren an dann de Contingent nëmmen nach opgrond vun de Schülerzuelen, déi mir hunn, a vun deem Facteur socio-économique dierft ausgerechent ginn.

Wéi gesot, d'Schoulpresidenten an d'Schoulpresidentinnen hunn sech getraff fir ze kucke fir ënnerteneen eens ze ginn. Si presentéieren eis, dat heescht der Schoukommissioun mol an enger éischter Phas, dann och ëmmer hir Opdeeling. Bis elo ass och nach ni eng Diskussioun dogewiescht, datt deen een oder anere Schoulpresident elo net zefridde gewiescht wier mat der Opdeeling, sou datt mir jo dann an der Schoukommissioun an, huelen ech dann och mol un, haut am Gemengerot och mat der Proposition, déi si eis era ginn hunn, dann och wäerten averstane sinn.

Et ass elo esou, datt verschidde Schoulen d'Méiglechkeet hu fir méi Klassen ze proposéieren, an deemno och méi kleng Klassen. Dovunner profitéieren och vill Schoulen, besonnesch am Cycle 1. Dat bréngt dann awer mat sech, datt wann si kleng Klassen hunn, wou mir ënnert der Moyenne vu 16 Schüler leien, dann déi Schoulen natierlech och manner Appuisstonne kréie kënnen. Dat ass natierlech eng Konsequenz vun esou enger Decisioun, déi d'Schoulen treffen. Zum Beispill hu jo d'Gaffelter Schoul an och de Strutzbiérg, ënner aneren, méi Klassen am Cycle 1 wollten hunn, wouduerch sie awer ënnert der Moyenne vu 16 Schüler leien an doduerch dann awer natierlech och manner Appui ze gutt hunn.

Wéi gesot, dat sinn dann dee Moment éischter hir Decisiounen. Bon, aner Schoulen déi natierlech de Wee gaange si su méi héijen Effektiver, oder wéi elo am Ribeschpont, wou si net d'Méiglechkeet hate fir kleng

Klassen ze maachen, déi hunn da schlussendlech doropshin natierlech e bëssche méi Appui zegutt. Mee wéi gesot, dat si elo alles Decisiounen déi d'Schoulpresidenten ënnertenee geholl hunn. Natierlech hunn si dat och am Viraus mat hirem Schoulcomité beschwat, éier si esou Decisiounen getraff hunn.

Voilà, wéi geet et weider mam Contingent? Ech huele mol un, datt et vun 2019 dann esou geet, datt eben nëmmen nach am Mount Januar d'Schülerzuel gekuckt gëtt an datt dann duerno jiddefalls net méi Verbesserungen no ënnen stattfanne wäerten. Awer gutt, do musse mir dann elo ofwaarden, wéi et an Zukunft viru geet. Wéi den Här Zuang scho sot, momentan verléiere mir 23 Stonnen am Contingent. Momentan ass dat esou. Et ass awer och esou, datt elo am Juni, an deene nächsten Deeg huelen ech un, gekuckt gëtt, ob mir an der Tëschenzäit vu Januar un nach Schüler bäikruten. Wann dat de Fall ass, an dat missten op d'mannst awer e puer Schüler sinn, da misste mir nach e puer Stonne Contingent bäikréien. Wéivill Stonnen dat elo ginn, dat hänkt natierlech och ëmmer dovun of ob d'Enseignanten déi Kanner alleguerten agedroen an am Scolaria erfaasst sinn. Ech huelen awer un, datt nach eng Dose Stonnen op d'mannst wäerten dobäi kommen. Jiddefalls, mat den Effektiver déi mir momentan hunn, misst dat déi Zuel sinn. Gutt, ech mengen dat wier elo mol genuch zum Thema Contingent.

Aner Fro, dat war ob et fir Kanner, déi momentan an der EDIFF sinn, Demandé ginn, datt déi bei eis sollen integréiert ginn. Sou Demandé si mir momentan nach net bekannt, datt do Schüler solle kommen, do musse mir dann nach ofwaarden.

Zum Internet an de Schoulen: Bon, do ass et effektiv jo esou, datt d'Benotze vun neien Technologien, och vum Ministère aus, ëmmer méi gefërdert gëtt. Och mat Applicatiounen, déi si ausgeschafft hunn, wat och dozou féiert, datt ëmmer méi d'Nofro kënnt fir och mat Tabletten ze schaffen. Fir mat Tabletten ze schaffen muss natierlech dann och an de Schoule WIFI agefouert ginn. Dat hu mir bis elo réischt nëmmen um Däich. Um Däich leeft et scho säit Joeren, dat war och e Projet, deen d'Schoul Däich viru Joere mam Ministère a mat der Universitéit zesumme lancéiert hat.

Si hu joerelaang Erfahrung an deem Punkt gesammelt an elo gi mir jo och als Gemeng hi fir eben do, wou elo eng Nofro ass fir mat Tabletten ze schaffen, fir dann och do mat der Schoul op dee Wee mat ze goen.



WIFI an de Schoulen ass natierlech och keen einfacht Thema. Et muss ee jo kucken, datt een elo net zevill staark Antennen installéiert, net datt Stralebelaaschtung ze grouss ass. Dat muss alles ausgemoozt ginn. Et ass elo och sou, datt Schoule bis elo u sech hiren Internetreseau nëmmen "lokal" haten, sou wéi mir doheem och. Se ginn awer elo all un d'Glasfasernetz vun eiser Gemeng gehaange. Bis elo hate mer, well d'Schoule lokal funktionéiert hunn, do och lokal Filteren installéiert a mir gi jo och elo momentan dee Wee, datt den Internetfilter fir d'Schoulen dann och hei iwwer d'Gemeng leeft. Momentan ass en neie Filter, deen d'Schoul Gaffelt momentan test, vun der Gemeng zur Verfügung gestallt ginn. Bon, do mussen elo och Erfahrungswäerter gesammelt ginn, eise Filter muss richteg agestellt ginn. Wann eise Filter da bis gutt funktionéiert, da kënne mir natierlech och op de Wee goen, fir dee Filter an anere Schoulen unzewannen an do dann och lues a lues och de WIFI auszubauen. Dat maache mir awer natierlech och nëmmen, wéi gesot, opgrond vun den Demandé vun de Schoulen.

D'Schoule sollen och – dat wier dann am Kader vum Plan de développement scolaire (PDS)- mat der Direktioun kucken, wéi si de WIFI, d'Computeren, déi Tabletté wëlle benotzen, net datt mir Material kafe fir nëmmen eng kuerzfristeg Zäit, an dann no engem oder zwee Joer d'Material net méi benotzt gëtt. An dofir soll dat schonn e Projet sinn, deen awer trotzdem gutt ausgeduecht a gutt geplangt ass, mat der Direktioun zesummen an dann eben och mat eis, well mir jo d'Material zur Verfügung stellen.

Just nach eng kleng Bemierkung: A mengen Dokumenter, wat d'Surveillance an de Schoule betrëfft, do ass mir e klengen Tippfeeler ënnerlaf. Et ass natierlech sou, datt d'Schoul Eecherdall mëttes net vun 14.00 bis 15.10 Paus huet, mee vun 15.00 bis 15.10 Auer. Dat war elo e klengen Tippfeeler, dee mir net direkt opgefall ass.

An da waren do nach Froen, wéivill I-EBSe mir hunn, wéi se agesat ginn an och iwwer déi aner Leit, déi der Direktioun ënnerstinn, wéi déi agesat ginn, mee ech menge fir déi Froen sinn dann déi richteg Hären hei: den Här Joël Mischaux, Direkter vun der regionaler Direktioun an den Här Steve Kühn, Directeur adjoint och an därer Direktioun. Déi Froe kënne si besser beäntwere wéi ech, well d'Personal vum Staat jo och der Direktioun ënnersteet an net elo der Gemeng an dofir sinn ech dann elo och ganz frou fir si hei als Hëllef ze hunn an si déi Froe ganz professionell a besser wéi ech beäntwere wäerten.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Erni Ferrari fir dës Erklärungen. Mir begrëssen dann och hei d'Vertreieder vun der Regionaldirektioun am Gemengerot. An d'Josiane Di Bartolomeo-Ries wollt nach zu e puer Punkte Stellung huelen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP):

Voilà, ech wollt ganz kuerz nach op e puer Saachen agoen. Ech hat am Fong dat vun de neie Medien an d'Austattung vun de Schoulen hat ech eigentlech éischter ënner PDS wollt beäntweren, dofir loosse mir et elo nach sinn a mir komme méi spët nach eng Kéier dorop zrëck, well et si verschidde Schoulen, déi ganz staark op dat dote setzen an elo wa mir d'PDSen duerchhuelen, komme mir nach eng Kéier drop zrëck.

Wat wichteg ass, ass déi vill besser Zesummenaarbescht mat der Eltereschoul, wéi d'Madame Goergen et schpn gesot huet. Ech muss och soen, déi Zesummenaarbescht déi leeft vill vill besser wéi déi Joeren virdrun, mir hu vill méi net nëmme Konferenzen, mee mir maachen elo bëssi à la carte wéi den Elterecafé, den Här Zuang këmmert sech dorëm. Mir hunn elo e Projet lafe wou mir probéieren, deen Elterecafé ze maachen op zwou Plazen. Wéi gesot, och do kritt Dir e Suivi ëmmer rëm.

Bon, da gëtt ganz vill geschwat iwwer Precoce-Maison Relais, datt et wichteg ass, datt mir dat ausbaue fir datt d'Kanner och am Precoce Mëttesdësch solle kréien. Dat ass richteg, ech menge mir sinn och amgaangen dorun ze schaffen, mee nach dierf een awer ni vergiessen, datt dat ganz klenger sinn an datt et heiansdo och ganz schwéier ass, déi de ganzen Dag ze betreie wann se net och adäquat Roupausen dotëschent kréien. Do muss een dann niewent deem, datt een d'Kantin mécht, och dofir suergen, datt d'Qualitéit do ass fir déi Kanner.

Wat mir nach amgaang sinn, wat een awer ka soen, dat ass mir maachen eng Ëmfro bei den Eltere fir d'Ouvertureszäiten vun eise Maisons Relais. Mir hate scho rieds driwwer, do wëll ech soen, datt et éischter de Besoin gëtt fir se moies éischter op ze maache wéi owes méi laang opzeloossen, well et si kaum nach Kanner, déi bis halwer 7 do sinn, mol deen een oder deen aneren, mee meeschtens sinn eis Maison Relais eidel ëm sechs Auer.

Da vläit nach de séchere Schoulwee. Do sinn mir eigentlech relativ gutt viru komm, mir hunn vill geschafft an eng Analys gemaach bei all Schoul fir wat fir eng Mesurë mir kënnen huelen. Do ass den Här



Glesener mat derbäi. Mir wollten an der Schoulkommissioun - ech hunn dat jo och ugekënnegt - de séchere Schoulwee presentéieren, wat mir maachen ab September bei de Schoule fir datt d'Kanner sécher an hir Schoulen erakommen a, wéi gesot, do geet et richteg virun an do ass och Pedibus zum Deel mat dran deen um Däich funktionéiert, mee ganz schwiereg ëmzesetzen ass wa bei eng Schoul Kanner vun all Säiten erbäi kommen. Mee wéi gesot, ronderëm d'Schoul si mir op alle Fall amgaangen, déi Mesuren duerchzezéien.

Nach, ech weess elo net, den Här Ferrari hat elo dozou näischt gesot, d'Kanner a Lenkeschléi, datt mir do weider komme mat der Schoul. Dir wësst selwer datt mir do relativ séier viru kommen. Mir sinn awer nach an der Prozedur, mir hunn och gesot Rentrée 2020 kéinten d'Kanner an déi Schoul goen. Do kann ee soen "Oh Mamm, dat ass awer nach laang", mir hunn elo fënnef Appartementer stoen, dovun si véier Kanner de Moment, déi vun do kommen - deen ee geet an de Brill, mol sécher, den Erni Ferrari weess dat sécher auswenneg - mee wéi gesot och do ass nach net den Drock, sou datt mir awer nach fir zwee Joer ganz gutt iwwer d'Ronne kommen. Bon, zum PEP komme mir an dem zweete Volet nach eng Kéier drop zréck. Awer fir de Rescht, mengen ech, wier alles gesot.

ERNI FERRARI (CHEF VUM SCHOULDÉNGSCHT): Jo, d'Kanner déi elo am neie Quartier Lenkeschléi wunnen, dat si momentan sechs Stéck. Dëst ass souwisou am Moment nach kee Chiffer wou mir elo driwwer diskutéiere mussen. Bon, mir musse elo kucke wou mir se hischécken, gëtt dat elo Strutzbiereg oder Wolkeschdall, oder Brill, respektiv sinn och do nach aner Demande fir aner Gebaier. Et gëtt elo keng Schoul duerch déi nei Unzuel vu Kanner aus deem neie Quartier belaaucht, dat ass momentan nach net de Fall. Et muss een natierlech ëmmer kucken, wéi et sech weider entwéckelt. Mee, wéi gesot, bis elo sinn eis nëmme sechs Kanner bekannt, déi elo an dem neie Quartier schonns do wunnen... à voir wéi et weider geet. Natierlech behale mir dat am A, och en vue vun den Effektiver, déi dann op d'Schoulen, besonnesch Strutzbiereg, Wolkeschdall a Brill géifen zoukommen. Do passe mir natierlech op datt mir elo net eng Schoul mat Effektiver iwwerbelaauchten.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Erni Ferrari a Josiane Di Bartolomeo-Ries fir nach Är Erklärungen a Präzisiounen. Da géing ech

proposéieren, datt mir zum Vote komme wat déi provisoersch Schoulorganisatioun ugeet. Wien ass – jo? Romaine Goergen?

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ech hat gemengt, et géifen awer elo nach Froe beäntwert ginn zu deenen IEBS, wéi déi intervenéieren? Ah, déi kommen herno?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Kommt mir vermësche elo net d'Saachen. Dat hei war elo reng d'Schoulorganisatioun. Kommt mir respektéieren hei déi Regel, reng Schoulorganisatioun, a maachen de Vote driwwer an duerno komme mir riwwer op de Plan de développement scolaire. Do ass dat jo och mat dran, respektiv et gëtt méi wäit ausgeholl. Soss hätte mir och virdru kéinten d'Presentatioun maachen an dat doten automatesch mat.

VIC HAAS (ADR): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt just dem Här Ferrari Merci soe fir déi fantastesch Aarbecht déi hie gemaach huet, fir hien an seng Ekip. Merci Här Ferrari.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Haas. Solle mir op d'IEBS nach agoen? Jo, ok.

JOËL MISCHAUX (DIREKTER VUN DER REGIONAL-DIREKTION): Jo, just zu den IEBS, mir hate jo dëst Joer véier där Posten. Mir hunn elo sou wäit, duerch Gespréicher an och duerch Leit, déi eis kontaktéiert hunn, an ech war selwer am Jury dran um Ministère. Mir wäerten, ausser um Däich, do ass nach e Fragezeechen hannendru wéinst der Carrière, déi do matspillt, wäerte mir all Schoul mat engem IEBS besat hunn. Dat heescht souwuel Butschebuerg wéi och de Ribeschpont, dat ass den Dënschdeg Mëtteg um Ministère decidéiert ginn. Bon, mir hunn den Arrêté nach net, mee et ass esou, d'Schoule wäerten all en IEBS hunn. Däich huet nach e Fragezeechen. Ech mengen, et war och eng Fro zum Asaz vum IEBS. Also si sinn de Schoulen zougedeeelt, net der Direktioun wuel gemierkt, an et ass eng gewëssen Autonomie vu Schoulen déi do matspillt, dat heescht et gëtt zesumme mam President gekuckt wou d'Besoinen am héchste sinn. Bon, mir ginn de Coordinateurs de cycle mat op de Wee, datt si sech mam IEBS mussen a Verbindung setzen an eben och déi Kanner signaléieren, wou de Besoin am gréissten ass. Da musse mir dat zesumme kucken, mee d'Rentrée wäert ab dem



éischten Dag mat IEBS starten a si wäerten och wësse wat fir eng Kanner se solle betreien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och nach fir déi dote Präzisiounen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt an dem Kontext just eng Fro stellen: Déi Schoule wou s Du elo gesot hues; Butschebuerg, Ribeschpont, kréien déi och e ganze Posten?

JOËL MISCHAUX (DIREKTER VUN DER REGIONAL-DIREKTION): Also, Butschebuerg kritt e ganze Posten a Ribeschpont hat laut Ëmrechnunge vum Ministère just en halwen zegutt an ech hunn deen awer op 75 erhéiche gelooss, well déi Madame souwisou eng 75% Tâche huet, dat heescht déi wier nach fir 25% an eng aner Schoul gaangen an ech hunn do net de Sënn erkannt. De Minister huet dat esou accordéiert.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ech hat do nach eng Fro gestallt zu den Equipes pour le soutien d'élèves à besoins spécifiques, wou Dir 75 Posten insgesamt.

JOËL MISCHAUX (DIREKTER VUN DER REGIONAL-DIREKTION): Dat gehéiert net eigentlech zur Schoulorganisatioun well dat si Leit, déi sinn der Direktioun ënnerstellt an a Verbindung zum PDS mat den Apprentissagë kënne mir awer do gären Erklärungen ginn. Schoulorganisatioun ass dat eigentlech net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Froen zur Schoulorganisatioun? Dat ass net de Fall, da kënne mir driwwer ofstëmmen an da kënne mir och zu de PDS iwwergoen. Wien ass mat der provisoirescher Schoulorganisatioun 2018/2019 averstanen? **Dat ass unanime.**

Ech soen dem Gemengerot Merci fir d'Zoustëmmung an da gi mir elo op d'PDS iwwer.

4.2. Approbatioun vun den Entwécklungspläng vun der Schoul 2018-2021 fir d'Primärschoulen zu Diddeleng

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP): Villmools Merci. Mir sinn dann elo beim zweete Volet ukomm a begrëssen ech dann och nach eng Kéier den Här Mischaux an den Här Kühn. Den Här Kühn huet déi ganz Schoule begleet fir déi PDS auszeschaffen. Fir d'éischt awer - éier mir ufänke - wëilt ech fir d'éischt

ee Mol e grouss Merci soen. Dat hei ass eng laang a grouss Aarbecht gewiescht fir all Schoul, fir all President, fir all Comité d'école, mee och d'Elterevertrieder hunn alleguer en Avis dozou ofginn. Och d'Direktioun, den Här Kühn ass mat agebonne ginn an och deen huet säin Avis ofginn. An déi si begleet gi vun engem IEBS. Ech wëll do soe villmools Merci fir déi vill Aarbecht, déi do geleescht ginn ass um Terrain an de PDS sou erméiglecht huet. Et si ganz vill Schoulen, déi hunn eng Stärkten- a Schwächenanalys gemaach wat eigentlech och fir d'Gemeng e ganz wichtegen Outil wäert ginn, well mir och gesinn a wat fir enge Beräicher mir méi schlecht sinn, wou mir mussen norüsten.

Do komme mir dann och herno op nei Medien, wéi mir dat wëlle hunn ze maachen. Bon, d'Presidente vun de Schoulen, déi hu schonns Stonnen Décharge kritt fir dat Ganzt ze maachen. Ech géing elo vläit selwer net op all déi eenzel Schoulen agoen, well ech Mengen, datt den Här Kühn dee richtege Mann op der richteger Plaz ass an ech géif da vläit hie bidden, do eng Kéier d'Gebaier sou mat hire Prioritéiten vir ze stellen. Merci.

STEVE KÜHN (SOUS-DIREKTER VUN DER REGIONAL-DIREKTION): Merci. Hutt Dir elo do en Uerder, wéi Dir wëllt d'Zuelen duerchhuelen? Ass dat egal? Gutt. Als éischt wollt ech mech och deem Merci uschléissen un alleguer d'Presidenten an d'Comitéen, déi wierklech mat hirem ganze Personal eng grouss Aarbecht geleescht hunn. Als éischt hunn si hir Bestandsopnam gemaach, dat heescht dat ass eng Aarbecht wou een sech an de Spigel kuckt a bësse kuckt, wou ee steet, dat heescht wat an de Schoule gutt leeft, wat nach ka verbessert ginn. Déi Bestandsopnam hunn si och alleguer mat den Elterevertrieder zesumme gemaach, ganz vill och d'SEAen agebonnen. Dat ass en Exercice, deen och net ëmmer einfach ass awer hei gemaach ginn ass wou och dann d'Resultater do sinn op wéi eng Punkten si dann elo an den nächste Joere wëlle schaffen.

Ech géif ufänke mat dem Ribeschpont. Aus hirem État des lieux ass erauskomm, datt si vill Schüler hunn, bei deenen e Manktem besteet un Hörverständnes. Dat heescht, si wëllen an deene nächste Joere méi staark op déi Kompetenz opbauen. Si hu wëlle, do och e Medienzenter opzeriite wou d'Kanner méi d'Héiere vun der Sprooch kënnen üben. Doniewent wëllen si sech e gemeinsam Bewäertungssystem ginn. Et ass esou, datt an hirer Schoul se erausfonnt hunn - trotzdem si de Bilan hunn an op Basis vum Plan d'étude hir Kanner



bewäerten - datt awer an der Schoul nach grouss Diskrepanze besti wou si gär géinge kucke wéi ee kann an der Schoul hire Bewäertungssystem méi eenheetlech maachen a wéi si kéinten dann do sech e System ginn, deen dann och méi transparent ass, wéi si hir Schüler dann evaluéieren a wéi si de Schüler da Feedback ginn.

De PDS vun alle Schoulen ass, wéi gesot, favorablement aviséiert ginn, well mir mengen, datt et ee Volet ass, dee wichteg ass, souwuel d'Héiervverständnes wéi och d'Feedback-Kultur. Do läit jo och nach derbäi, datt wann ee vu Feedback schwätzt, wéi wäit een eng Feelerkultur gesäit an der Schoul, wéi ee mam Feeler ëmgeet an ech mengen, datt si hei op e positive Wee ginn, wéi si an Zukunft vläit anescht mam lertum kënnen ëmgoen a méi produktiv. Dofir hu mir dat dann elo hei positiv aviséiert. Vlät wa Froe si kënne mir se pro Schoul stellen, dat ass vlät méi einfach wéi wa mir herno am Ganzen... oder léiwer zesummen? OK.

Da kéime mir zum Brill. De Brill huet an hiren Etüden erausfonnt, datt hir Schüler am meeschte Problemer mam soziale Beräich hunn. Dat heescht si wäerten sech déi nächst Joeren ëm d'Schouklima bekëmmern, dat heescht si wäerte probéieren d'Schouklima ze verbesseren, well si ebe gemierkt hunn, datt do am meeschten tëschent de Kanner Problemer bestinn a mir denken natierlech dann och, datt d'Schouklima ee ganz wichtege Faktor ass vum Léieren. Dat beleen och ganz vill Etüden. D'Relatioun tëschent de Kanner, d'Relatioun och vum Schüler zum Léierpersonal ass ee vun deene wichtegste Facteuren. Dofir hu mir dann och dee Projet ganz positiv aviséiert.

Um Strutzbieng hunn hir Etüd ginn, datt Kanner relativ vill Schwierigkeeten hunn am Liesen an dem Liesverständnes. Dofir wäerte si eng ganz Rei déi nächst Joeren vun Aktivitéiten opbauen déi och scho bestinn, mee déi se weiderféieren a nach ausbaue fir eben d'Liesförderung ze stäerken, also fir datt d'Kanner do mat méi staark ginn. Si setzen do och op ganz vill Zesummenaarbecht mat den SEAE fir och eng Mediatheik opzebauen an déi hu mir dann natierlech och positiv aviséiert.

Da kéim ech zu Butschebuerg. Si ginn op de Wee, datt si wëlle méi mat deenen neie Medie schaffen, dat heescht, si wäerten dann och Ufroe maachen un d'Gemeng, huelen ech un, fir do equipéiert ze ginn. Si sinn awer amgaang equipéiert ze ginn. Et lafen och scho Projekte mat I-paden, mat Computeren, si hu jo e Computersall. Dat si mir amgaangen op de Leescht ze

huelen an do wäerte mir och weiderhin dru schaffen. Do wëll ech eng kleng Klammer maachen: och an dem Beräich ass et esou, datt d'Direktioun do zesumme mat EducDesign amgaang ass Siten opzebauen, wou d'Collaboratioun an der ganzer Direktioun soll gefërdert ginn, zemoos an deem Beräich. Derniewent wëllen si awer och Kooperatioun fërdere mat den SEAEen a mat den Elterevertrieder. Dat heescht si hunn eng ganz Rei vu Projekte mat deenen se wëllen dorunner schaffen.

Da kéime mir zur Gaffelt. D'Gaffelt ass historesch esou, datt si e bësselche méi Appuisstonnen haten an si wëllen déi probéieren esou gutt wéi méiglech anzesetzen. Dat heescht, si wäerten an deene nächste Joeren oder Méint, do sinn se scho relativ wäit viru geschratt, wäerten si dee ganzen Appui wëllen reorganiséiere fir datt d'Kanner sou vill vun deene Stonnen hu wéi méiglech. Doniewent sinn se och amgaang, déi nei Medien auszebauen, dat heescht, si wëlle méi op déi nei Medie setzen. Och do sinn se scho relativ wäit an hunn eng ganz gutt Analyse vun hire Besoine gemaach. Dat ass eng vun deene Schoulen déi, mengen ech, do och kënne Virreider sinn, wou de Kontakt och anere Schoule kann eppes bréngen. An dann och déi hu mir positiv aviséiert.

Zu gudder Lescht zur Schoul um Däich. Den Däich ass och, dat weess jiddwereen, eng ganz heterogen Clientèle, an si wëlle kucken, wéi si mat der Heterogenitéit am Beschte kënnen ëmgoen, wéi si déi verschidde Stäerken vun de Kanner déi déi all Dag matbréngen an d'Schoule kënne notze fir hiren Unterricht kënne weider ze entwéckelen an ze verbesseren. Ech mengen, datt dat och eng wichteg Aarbecht ass an datt si sech do e ganz ambitiöse Projet virgeholl hunn an dat hu mir dann och um Enn favorablement aviséiert.

Voilà, dat sinn d'Schoulen, déi Projeten, déi d'Schoule bis elo hunn. Ech wollt dann awer och nach Merci soen eng Kéier Dem Här Joël Lorang, dem Här Yves Steffen, deen zu Diddeleng alleguer déi Projeten als IBS begleet huet an d'Schoulen och mat Methoden a wëssenschaftlechen Erkenntnisser beroden huet. Dat war fir eis och ganz wichteg. Ech war och ganz frou, datt mir vun de Presidenten do e ganz gudd Feedback kritt hunn, déi ganz frou iwwer déi Collaboratioun mat den IBSe war. Voilà, da wier ech elo bereet wann elo nach Froe sinn zu deene verschiddene Projekte fir dorop ze äntweren. Merci.



JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP): Ech géing vläit just ganz kuerz eng Kéier op de PEP agoen, well deen och dozou gehéiert. Ech mengen, Dir hutt och do alles kritt. Och do gétt un der Qualitéit geschafft. Dat ass e ganz wichtege Facteur, dee mir hunn. Dir gesitt och all déi verschidde Projeten, déi méttlerweil gemaach gi vun der Maison Relais an Zesummenaarbecht och mat de Schoulen.

Wat ganz wichteg ass, wat een am PEP och ka noliesen, datt mir ufänken a verschiddene Gebaier, wou et dann och méiglech ass d'Raimlechkeeten zesummen ze notzen. Och dat steet an der Circulaire vum Minister, déi komm ass, datt wa méiglech d'Maison Relais och Raim kann notzen, déi d'Schoul huet an och ëmgedrënt. Ech mengen och do, dat bréngt vill Qualitéit. Mir wäerten och do um Ausbau schaffe fir och datt d'Personal sech zesumme gesäit ënnerteneen a vläit ka verschidden Aktivitéiten zesumme maachen.

Wat och ganz wichteg ass, ass datt den Austausch do ass tëschent dem Léierpersonal an dem edukative Personal wat d'Hausaufgabe betrëfft. Den Här Zuang hat et och scho virdu gesot, wat ganz wichteg ass, déi gutt Zesummenaarbecht déi méttlerweil mat der Museksschoul besteet. Och do huet een - zum Beispill wéi an der Gaffelt - Raim déi kënne genotzt gi vun der Maison Relais wéi vun der Schoul. Si sinn amgaangen och e CAQ auszeschaffen, dat heescht d'Qualitéit wou dra steet wéi déi soll sinn, wat do vu Moyene geschaf gi fir datt eng besser Qualitéit an eis Maison Relais era kënnt.

Wat ganz wichteg ass, wat och elo ganz gutt funktionéiert méttlerweil dat sinn déi Buffeten. Dat heescht d'Kanner iessen a verschiddenen Zäiten och, normaleweis an zwou verschidden Zäiten ausser vläit um Strutzbiereg wou et nach e bëssi méi differenzéiert ass. Dee Buffetssystem kënnt gutt bei de Kanner un, kënnt gutt beim Personal un an et huet een net méi 90 Kanner an engem Moment an engem Raum setzen. Ech mengen, och dat ass fir d'Kanner e wichtege Facteur. Mir hunn den Tour vun all de Maison Relais gemaach, mir probéieren och do eng gewësse Struktur dranzekréien, datt d'Qualitéit op all de Siten d'selwecht ass, net datt déi eng näischt hunn an déi aner alles. Soss, wéi gesot, Dir hutt dee ganzen Dossier, Dir kënnt lech dat gär ukucken. Wann do Froe sinn nach iwwer d'Maison Relais, och do stinn ech gär zu Verfügung an den Här Zuang weess och verschidde Saachen, also kënnt Dir och roueg dozou Froe stellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi dote Präzisounen. D'Diskussioun ass op, ginn et Stellungnahmen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Merci dem Här Kühn an och dem Joël Mischaux. Virun engem Joer hat ech hei vill Bedenke geäussert op déi Reform vum Educatiounsministère eng Plus-value fir eis, déi Diddelenger Schoulen a Kanner wier oder och net. Ob et just en Apparatchik géing gi mat Andeelung an Distrikten, Nominatiounen vun Directeur-régionaux, dem Directeur seng Adjointen, Instituteurs spécialisés en développement scolaire, Instituteurs pour élèves à besoins spéciaux an ech hunn awer an der leschter Schoulkommissionssëtzung ganz konkret eis Presidenten an der Schoul gefrot ob dat hinnen dann och eppes bruecht huet an unanime hunn alleguer eis Schoulpresidente gesot, "Majo dach, dat ass eng ganz gutt Saach, dat ass eng Plus-Value, dat bréngt eis eppes", an och déi IEBSe, wéi den Här Mischaux scho virdu gesot huet, déi schaffen och um Terrain. Dat si keng Leit déi sech hannert hirem Büro verstoppen an déi sinn an de Schoulen, an de Klasse gutt integréiert an dat ass och gutt esou.

Ech weess, datt et net an all de Gemenge sou gutt leeft, mee ech denken och do e Kompliment un d'Direktioun, déi och do derhannert ass, datt och um Terrain geschafft gétt an net nëmme Bilanen um Schreifdësch geschriwwen ginn. D'IEBSen, mir hunn et och virdrun héieren, déi ginn an de Schoulen agesat, ganz oft fir sech ëm verhalensopfälleg Kanner ze këmmen an do sinn ech elo bei enger vun deene grouse Problematiken vun eise Schoulen, déi och praktesch all Schoul an hirem PDS och thematiséiert. D'Gaffelt schreift, "den Ecadrement vu Schüler mat Verhalensopfällegkeeten am Ëmgang mat Krisesituatiounen ass schwéier, hei gétt den Appui fir Kanner mat Verhalensopfällegkeete gefuerdert". Do mécht de Cycle 1 dann och e Coaching zum Thema Kanner mat Verhalensopfällegkeete fir ze léieren dës Kanner sou ze encadréieren, datt d'Klass esou man ewéi méiglech beaflosst gétt.

Den Däich schreift och, si organiséieren eng Formatioun iwwer den IFEN fir d'ganz Schoul an am Thema Prévention de la violence et Gestion des conflits, awer net nëmme d'Schoulpersonal mécht eng Formatioun, d'Kanner sollen och alleguer bedeelegt ginn um Projet CASE, deen hate mir och déi leschte Kéier virgestallt, de Centre d'apprentissage socio-émotionnel.



Am Brill, do gëtt och e Gewaltpräventionsprogramm "STAY-KOOL" op d'Bee gesat fir dräi Klassen. An anere Schoule gëtt et e Kriseninterventionsteam gegrennt. E Projet Coolness gëtt gemaach fir Gewalt a Sträit ze reduzéieren. De Strutzbiërg schreift; "l'appui pédagogique est organisé de façon à garantir le bon fonctionnement des cours, nécessaire car beaucoup d'enfants à comportement perturbateur provenant des foyers et autres nécessitent cette intervention. L'école aurait besoin d'un éducateur 20 heures par semaine pour encadrer ces enfants afin de mieux pouvoir réagir en situation de crise." De Strutzbiërg selwer huet mam Ministère de la Famille zesumme mat der Direktioun eng Léisung elo fir dat Gebai plus minus fonnt. Si kréie wahrscheinlech en Educateur zur Verfügung gestallt, den sech ëm d'Kanner këmmert vun de staatleche Kannerheemer, déi och am Strutzbiërg an d'Schoul ginn. Den Educateur betreit déi Kanner souwuel am Foyer dann, wéi och an der Schoul, dat heescht do ass e Lien tëschent Foyer a Schoul an dat ass d'Realitéit hei zu Diddeleng.

Eis Schoule brauchen Hëllef an d'CSV hat ëmmer virgeschloen iwwer eise schoulmedezinesche Service Educateurs, Sozialpädagogen, Psychomotricien anestelle fir an eise Schoulen, an net nëmmen do, och an all eise Maison Relais, fir déi Kanner mat schouleschen oder Comportementsproblemer opzefänken. An anscheinend ass et jo sou, datt mir sollen eng Antenne kréien vun der Logopädie, do wier eis Fuerderung no engem Orthophonist da vläit éischter obsolet, mee awer déi aner Fuerderunge fir Sozialpädagogen, Educateurs a Psychomotriciens anstellen, wéi gesot, iwwer eise schoulmedezinesche Service, dee mir da kënnen net nëmmen an der Schoul asetze wéi d'IEBSen et maachen, mee och déi Kanner.. déi hale jo net um 12 Auer op verhalensopfälleg ze sinn, déi si jo da weider verhalensopfälleg och an eise Maison Relais an och doriwwer eraus, an do wier et einfach sënnvoll, wa mir als Gemeng eis dat Personal awer géinge ginn.

Well, sécher ass et esou, d'IEBSen hëllefen, sécher, den Appui gëtt heiansdo mëssbraucht, wéi souguer och an de PDSe steet, als Troublesitter fir Krisen ze entschäerfen, sécher, eis Schoule sinn aktiv, d'Enseignantë maache Formatioune, d'Kanner ginn a Coachinge geschéckt, mee wéi gesot, eis Schoule sinn sech der Problematik bewusst, si reagéieren, mee ech denken, datt et och un eis ass als Gemengerot, hinnen zousätzlech Leit zur Verfügung ze stellen.

Mir vun der CSV sinn der Meenung, datt mir och weider um Wee vun der Inclusioun solle bleiwen. D'Kanner am Kllassesall beloossen, well Kanner mat spezielle Bedierfnisser brauchen Hëllef sur place, an der Schoul, an ech betounen et, och an der Maison Relais, an do si mir gefuerdert fir eise Schoulen an och eise Maison Relais dat Personal zur Verfügung ze stellen. Mir fannen de Projet vum Minister Meisch net ganz glécklech fir e Centre de Développement ze schafe pour le Développement socio-émotionnel des enfants avec troubles de comportement, wou déi Kanner aus hiner Uertschaft erausgeholl ginn, ghettoiséiert ginn, stigmatiséiert ginn an dann herno den Uschloss un d'Kanner aus hirem Quartier, aus hire Schoule verléieren. Mir fannen dat keng ganz glécklech Situatioun, déi aner Centre-de-compétences, dat ass eng aner Problematik, mee virun Allem fir déi Kanner ass dat net ganz glécklech a, wéi gesot, eis Approche ass éischter, datt mir sollen an de Schoulen an an de Maison Relais eisem Personal qualifizéiert Mataarbechter zur Verfügung stellen déi déi Problematik opfänken.

Eng zweet Doléance déi mir rausliesen aus de PDSe, ass den deelweis lamentablen Zoustand vum IT-Material, WIFI-Réseau, Hardware, I-Pad an dat ass net nëmmen eng Schoul déi dat seet, an engem Rapport steet: "le corps enseignant a maintes fois exprimé son mécontentement concernant le fonctionnement des technologies de l'information et la communication de l'école. Nous nécessitons un informaticien informé pour le maintien, le renouvellement du matériel informatique et la résolution de problèmes de connexion internet, WIFI". D'Programmer funktionéiere net, schreiwen anerer, den Internet geet oft net, am Computersall sinn d'Computer net an der Rei. "Le WIFI est pratiquement inexistant dans certains bâtiments ou totalement absent."

Also ech denken, do ass de Schäfferot an de Gemengerot och, awer virun allem de Schäfferot gefuerdert, esou séier wéi méiglech ze agéieren, well wa mir scho motivéiert Schoulpersonal hunn, dat mat de neie Technologie wëll an och ka Schoul halen, well déi Leit maachen dat net nëmmen aus Spaass un der Freed a well se Loscht hu mat engem I-Pad duerch d'Géigend ze fuchtelen, mee déi Leit ginn a Formatiounen an déi Leit déi knéien sech wierklech doranner an déi wëssen och iwwer d'Securitéit vum Internet Bescheid an ech denken, dann ass et un eis deenen awer och alleguerten d'Méiglechkeet ze ginn, datt si kënnen uerdentlech schaffen.



D'Madame Di Bartolomeo hat et an der Schoulkommissioun gesot, datt mir net genuch Techniker hei an der Gemeng hunn, déi sech kënnen där Problematik unhuelen, mee wat gedenke mir dann elo do konkret ze maachen. An da wann ech héieren, datt mir I-Pads kaf hu bei engem Fournisseur den net à même ass d'Programmation an de Suivi ze garantéieren, jo da froen ech mech och firwat mir deen Invest da getätegt hunn. Mir hu jo awer kompetent Fournisseuren hei am Land, déi de Suivi garantéieren an do ass elo meng konkret Fro: Wat maache mir mat deenen I-pads déi mir do bei engem anere Fournisseur kaf hunn? Musse mir déi elo ersetzen duerch I-pads déi mir bei engem ausgewiesene Lizenzbuttek kafen oder vu wéi engem Invest schwätze mir do a wéi wëlle mir do virgoen, datt déi I-pads och kënnen benotzt ginn an net nëmmen am Schaf sti fir schéin ze maachen?

Voilà, trotz deenen zwee negative Punkten, déi ech elo hei belicht hunn, soen ech awer och e grouss Kompliment un eis Enseignant, an ech hunn et och scho virdru gesot, wat ëmmer hei zu Diddeleng eng gutt Kultur ass an och eng gesond Sträitkultur, datt d'Leit d'Käpp zesummestiechen an da kucken, wou si mir, wouhinner komme mir an ech denken et liest een awer an de PDSe ganz vill positiv Elementer, et ass eng gewëssen Opbrochsstëmmung do, et gi flott Projeten, déi schonn an de Schoulen deelweis ugelaft sinn oder geplangt sinn an et gëtt sech Gedanken gemaach ëm d'Zukunft vun all Schoul awer och vun all Kand. Ganz cool Projeten, déi elo vläit nach net sou am Detail ernimmt sinn, ech soen se just stëchwuertaarteg: e Biblioclub, e Liesatelier, eng Liesnuecht, Schülerzeitungen, Héierbicher, Zirkusprojeten, wou mir alleguer natierlech dëse Weekend och kucke ginn, Lego for Education, ee coole Projet: Mini-Roboter, Schoulgäert ginn erëm an de Schoule méi héich gehalen, d'Native Speaker Projete gi weider gefouert an sou weider an sou weider, och ganz wichteg: Séances de relaxation mat de Kanner sollen an all Säll vun enger Schoul ausgewise ginn, wat och rëm zu der Bewältegung vum Problem vu verhalensopfällege Kanner sécher dozou bäidréit.

Ech soen all eenzele President, all Comité, all Schoulmeeschter, all Léierin extra Merci an, ech soen et ëmmer rëm, ech sinn och wierklech begeeschtert an ech gleewen dat och, datt mir hei zu Diddeleng wierklech eis kënnen glécklech schätzen, obwuel all Schoul seng eege Nues huet, seng eege Populatioun huet, datt eis sechs Schoule sou gutt zesumme schaffen a mir hate scho virdru rieds gehat, datt och de Problem mam

Contingent ëmmer am Konsens matenee geléist gëtt an ech soen awer och mol e Kompliment eisem Direkter, de Joël Mischaux an och senger ganzer Mannschaft. Hie kennt Diddeleng jo aus dem FF, a wat ech an deene leschten Schoulkommissiounssitzunge matkritt hunn an och héieren hunn, ech mengen et ass e Mann, deen nolauschtert awer och tranchéiert an dat sinn zwou Eegeschafte déi e gudde Leader ausmaachen. Also ech denke mir si gutt gefall mat lech hei zu Diddeleng.

Voilà, da ginn ech och kuerz op de PEP an, Plan d'Encadrement Périscolaire, och mir fannen dat ganz luewenswäert, datt do e Concept d'action générale soll ausgeschafft ginn an de Maison Relais, well och do ass et esou, all Maison Relais huet hir Nues. Et ass net nëmmen all Schoul déi hir Nues huet mee och all Maison Relais, mee ech denken awer datt een sech trotzdem eng allgemeng Guideline soll ginn, dat fanne mir eng ganz gutt Saach. Och d'Ëmfro un d'Eltere wéi d'Ouvertureszäiten, wéi de Besoin ass, dat denken ech ass och eng wichteg Saach, well ech mengen et geet haut net méi duer, datt s de um siwen Auer däi Kand an der Maison Relais ofsetz wann s de wëlls um 8 Auer an der Stad ufänke mat schaffen. Do denken ech och, genau wéi d'Josiane Di Bartolomeo-Ries och gesot huet, datt mir wahrscheinlech d'Ëffnungszäiten no vir musse verleeën an ech sinn och ganz frou, datt ech héieren, datt d'Kanner awer net 12 Stonnen an der Maison Relais sinn. Och dat ass en Thema wou mir d'lescht Kéier an der Schoulkommissioun uklänge gelooss hunn, wéi ass et, musse mir de Kanner Congé ginn, all Elteren hu 25 bis 35 Deeg Congé, musse mir de Kanner net och 25 Congésdeeg gi fir datt mir net aarme Wutzemännercher hunn, déi wierklech 360 Deeg am Joer bei eis an de Maison Relais verbréngen. Verschiddener, fir déi ass et souguer gutt wann se bei eis sou laang sinn, awer et trotzdem net gesond. Mir sinn och frou wa mir eis doheem kënnen op eis Couche leeën an d'Kanner sinn och frou wann si doheem mol eng Kéier mat hire Spillsaache kënnen spillen. Dat ass och eng lwwerleeung wou ee muss kucken a wat fir eng Richtung datt ee geet.

Wat hunn ech nach? Ah jo, wat och ganz wichteg ass, d'Schoulen hunn ëmmer betount och an hire PDSe, datt sionbedéngt eng Verbesserung vum der Zesummenaarbecht mat de Maison Relais wëllen an d'Maison Relais hunn dat och gesot. Also ech denken och do, et ass scho vill geschitt, et si ganz vill Maison Relais, déi mat de Schoule gutt zesumme schaffen an anerer do ass et méi schwierig a mir begréissen et och explizit, datt gesot ginn ass, de Problem war



haauptsächlech och um Ribeschpont ugeklongen, datt do d'Zesummenaarbecht einfach net liicht ass fir och zum Beispill e Verhalenskodex, e Konzept opzestellen an der Schoul, dat ass wat ech virdrun och gesot hu mat de verhalensopfällege Kanner, déi Kodexen, déi sollen net um 12 Auer, wann d'Dier zou geet vun der Schoul vergiess ginn, nee déi solle weider gefouert ginn, och an de Maison Relais an do sinn ech frou, datt mir héieren, datt och iwwerluecht gëtt, fir d'Maison Relais haauptsächlech um Ribeschpont och méi no rëm bei d'Schoul ze bréngen, net datt déi Kanner op dräi verschidde Site ginn.

Do hunn ech och eng konkret Fro, et steet och am PEP, datt eng Extensioun vun der Maison Relais Schwämm geplangt ass, Reamenagement Maison Relais Butschebuerg an Reamenagement Maison Relais Ribeschpont, sinn do scho méi konkret Pläng? Wéi, wat an a wéi enger Zäitdurée datt mir dat wëlle maachen? Dat ass vläit nach eng Zousazfro.

An dann, ech hat virdu scho kuerz uklänge gelooss, datt ech et gutt fannen, datt wéi gesot an der Schäfferots-erklärung dra steet, dat wat mir och ëmmer gefuerdert hunn, datt d'Ouverture fir d'Kanner fir de Précocé an d'Kantinnen envisagéiert gëtt. Dat ass och elo net fir datt all d'Kanner müssen de ganzen Dag dobleiwen, mee ech denken et arrangéiert awer ganz vill Leit, déi hallefdaags schaffen, wann si wëssen, hiert Kand kann awer nach iergendwou zu mëttes iessen si kënnen se duerno weg huelen. Fir ze kucken, wéi mir dat maachen an eise Maisons relais, aner Gemenge ginn op de Wee, datt si decaléiert lesszäiten hunn, datt zum Beispill déi Kleng aus dem Précocé éischer iesse loossen, datt déi dann och kënnen eng kleng Sieste hale bis d'Mamm se um zwou, halwer dräi siche kënn. Ech denken do si sech ganz flott Iddien déi ee kann realiséieren, an ech sinn och ganz iwwerzeegt, datt wa mir alleguer d'Käpp zesummestiechen, datt mir do eng ideal Léisung fannen.

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäfferot, Dir hutt nach vill Aarbecht virun lech an ech denken am Numm vun der CSV gi mir lech dann och den Optrag fir verschidde Saachen an Ugrëff ze huelen. Als éischt denken ech, datt mir musse kucken datt d'IT-Material top ass an all Schoul an dat ass, denken ech, eng absolut Prioritéit. An dann iwwerleet lech nach eng Kéier déi Iddi déi d'CSV ëmmer rëm seet fir awer Hëllefspersonal anzestellen fir eise Kanner ze hëllef, sou wuel an der Schoul wéi och an de Maison Relais, sief dat Educateurs, virun allem Psychomotoriker, Sozialpäda-

gogen. Mir hunn, wat elo d'Psychomotoriker ubelaangt, an esou vill Gebaier e Psychomotsall mee mir hu keng Léierin méi déi extra Formatioun huet, déi ass net méi do, dat heescht do feelt et u Leit déi konkret mat de Kanner schaffen a mir wëssen et ganz genau, déi Leit déi hir Kanner an d'Schoul an och an d'Maison Relais ginn, déi hunn owes net och nach Zäit fir bei e Psychomotoriker an d'Praxis ze lafen, déi Kanner, déi falen dann duerch de Grill, an dofir wier et gutt wa mir do och eis Responsabilitéit huelen. Dann en aneren Optrag ass och, datt Dir, ebe wéi gesot, de Projet fir d'Kanner aus dem Précocé an d'Kantin ze huelen sou séier wéi méiglech och eng Kéier op de Leescht huet.

An dann eng aner Fro ass awer och wat de Budget vun den eenzele Schoulen ubelaangt. Wéi et geheescht huet, verschidde Schoule maache Formatiounen fir Coaching an esou weider vu verhalensopfällege Kanner huet et geheescht, datt déi Schoulen déi Formatiounen selwer aus hirer Kees musse bezuelen, an do ass meng Fro ob et do net awer vläit gutt ass dat op de Leescht ze huelen, well en plus ass och d'Doléance komm, datt "le budget ne permet pas de proposer le nombre adéquat de situations d'apprentissage parascolaire à nos élèves". Dat heescht, datt et oft happert u Moyene fir Sortien oder Kolonien z'organisieren.

Ech denken, och dat ass eppes wat een nach eng Kéier muss op de Leescht huele mat de Schoulen natierlech zesumme fir ze kucken a wéi eng Richtung ee geet. An déi grouss Aarbecht déi Dir nach hutt, dat ass och schonn ugeklongen, d'Bildungshaus Lenkeschléi, d'Konzept soll deemnächst virgestallt ginn an ech denken och datt et wichteg ass, datt och de Gemengerot um neiste Stand gehale gëtt, wéi wäit mir si mat der Procédure vum Dialogue compétitif. An do haken ech och nach eng Kéier no: Do huet et och geheescht mir géingen nofroen am Ministère ob et eis méiglech wier vläit scho fir d'nächst Joer e President ze nominéieren fir vläit dat Konzept och kënnen a bonne connaissance de cause och ausschaffen. Ass dat virgesi vum Ministère, datt ee schonn éier eng Schoul do ass eventuell kann e President ernimmen?

Dir Dammen and Dir Hären, mir hunn dem Schäfferot elo eng Rei Hausaufgabe mat op de Wee ginn, et ass kee Wocheplang fir d'Hausaufgaben ze maache mee et ass e Joeresplang an de Bilan vun Ärer Aarbecht, deen zéie mir dann am Juli 2019 an da kucke mir ob Dir all d'Socle-de-compétencen erreecht hutt an ob Dir eng Bonne note kritt. En attendant stëmmt d'CSV awer



de Plan de développement des établissements selbst-verständlech mat an och de Plan d'encadrement periscolaire. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kayser. Weider Stellungnahmen? Madame Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Also offensichtlech hat ech Schwierigkeete fir d'Schoulorganisatioun an d'PDSen ausernee ze dividieren. Dofir hat ech scho Bemierkungen a Froen zu den Enseignants spécialisés an och zu den Equipes de soutien virdrunner gestallt. Erlaab mir dann als Gréng nach e puer Wieder ze soen zu de Plans de développement scolaire, dat wat ech als wichteg do gesinn hunn. Dat ass eng Neierung oder zumindest ënnert der dote Form. Et gouf scho Virleefen dovun, dat waren déi sougenannte Plans de réussite scolaire. Ech weess net wat déi Ëmännerung vum Numm genau bedeite soll. Ech hoffe, mir steieren nach ëmmer op eng Réussite raus. Jiddefalls schéngt mir den Terme "Développement scolaire" awer éischter glécklech gewielt. Et geet jo schlussendlech drëm eng Entwécklung vun der Situatioun vun de jeeweilegen Schoulgebaier erbäizeféieren.

Am Ufank wollt ech op all PDS agoen, well se wierklech all interessant sinn an een och erausspiert, datt vill Diskussiounen hannert der Formulierung vun de grouse Linne steet. Well jiddereen heibannen dee PDS awer konnt liesen an och d'Kuerzfassung am Rapport vun der Schoulorganisatioun, mengen ech, war dat net néideg. Mir hunn och elo nach eng Kéier déi PDSen presentéiert kritt vum Här Steve Kühn, dofir soe mir Merci. Dofir kann ech mir dann hei eng allgemeng Betruechtung vu sämtleche PDSen vun eise Schoulen erlaben. Ech hu schonn ënnerschiddlech Meenungen zu de PDS héieren. Oft gëtt fonnt, datt et vill administrativen Opwand ass fir wéineg Resultat oder et gëtt gemengt, dat géif ze vill no privatwirtschaftlecher Gestioung ausgesinn.

Et ass jiddefalls sécher, datt d'Opstellung vun de Richtlinnen vun dëse Pläng vill Aarbecht kascht huet a bestëmmt och vill Nerven. Dofir wëllt ech direkt de Presidenten vun de Schoulen, déi déi driewend Kräfte ware ganz explizit wollt ech se luewen an och déi déi hinne gehollef hunn. Déi Décharge déi mat der Ausaarbechtung verbonne war ass bestëmmt net duergang. Dobäi kënnt och nach, datt de Plang jo net konnt im stillen Kämmerlein opgesat ginn, mee datt e Maximum

vu Schoulpersonal huet misse mat an d'Boot geholl ginn. De fäerdege Pabeier huet an alle Fäll schoulintern, mee och vun den Elterevertreider an dem Schoulcomité an am Schoulcomité deen Accord fonnt, natierlech och vun der Direktioun, dat ass jo daitlech gesot ginn. Dat ass en ausgesprache positive Punkt, wann ee bedenkt, datt d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren eigentlech eenzel kämpfen. Hei hunn se sech elo zesumme gesat an hunn Objektiv festgeluegt fir all Schoul un där hirer Ausféierung probéieren si sech dann och ze bedeelegen. Si sinn ausgang vun der Analyse vun de Stärken a Schwächen vun hirem Gebai oder souguer Gebaier an hunn decidéiert, op wéi enge Punkten se wëlte schaffen a weiderkommen.

No der iwwerzeegender Presentatioun vun der Schoulkommissioun war ech och iwwerzeegt, datt gutt Iddie fonnt gisinn, op déi gebaispezifesch Erausforderungen. All Gebaier hu schliisslech aner Problemer an iwwerall sinn interessant Initiative virgesi fir déi Problemer unzegoen.

Et ginn nach zwee negativ Punkten ze erwänen. Éischters funktionéiert de Programm fir de Suivi vum PDS an all Gebai ze maachen nach net, wat natierlech lästeg ass, dat ass zumindest an der Schoulkommissioun gesot ginn, vläit ass dat dann elo jo besser ginn. An zweetens war ech och erstaunt ze héieren, datt et keen Extradudget gëtt fir Mesuren oder Acquisitiounen am Zesammenhang mam PDS. Ëmsou méi erfreesch hunn ech et fonnt, datt am Ribeschpont déi Suen, déi duerch "Energie macht Schule" gespuert ginn ebe fir pädagogesch Material agesat gëtt. Vläit muss een déi Saach och nach e bësschen relativéieren an Dir kënnt mir jo dann dozou och nach Informatiounen ginn ob dat wierklech esou enk muss gesi ginn. Zum Schluss bleift mir dann ze soen, am Numm vun deene Gréngen, Merci all deene Leit déi déi PDS ausgeschafft hunn, Bravo fir dat Ausschaffen a virun allem vill Courage bei der Ëmsetzung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Goergen. Weider Stellungnahmen? Den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo Merci. Ma vun eiser Fraktioun aus wollt mir d'Schoule mat all den Acteure felicitéiere fir déi mat vill Méi ausgeschaffte PDSen. Aus Erfahrung weess ech, dat d'Ausschaffe vu esou engem Dokument net eng Affaire ass wou een sech einfach mol dohinner sëtzt an eppes ausfëllt. Nee, dat ass eng ustrengend Aarbecht, net vun enger Persoun,



mä vun der ganzer Schoulgemeinschaft an dat an enger Hellewull vu Plénieren. Schwierereg ass et allemol all d'Acteuren un een Dësch ze kréien, vu datt d'Ausschaffe vun dem PDS gréisstendeels ausserhalb vun de Schoulstonne stattfënnt, ganz oft an der Mëttestonn oder Oues. Par Rapport zum PRS, dem Virgängermodell, huet net viles geännert, ëmmer nach gëtt eng Bestandsopnam gemaach, gekuckt wat gutt, net sou gutt ass respektiv leeft, wou d'Stärkten an d'Schwächen vun der Schoul sinn an da gëtt een oder méi Schwaachpunkten rausgeschielt, déi een da probéiert iwwer e puer Joer ze verbesseren. Sou ass et ëmsou méi schwierereg, eng gréisser Schoul sou wéi d'Schoul Brill mat hiren Annexe fir do op e gemeinsame Nenner ze kommen.

Nei war bei dëser Ausschaffung d'Ënnerstëtzung an d'Hëllef vum IDS, den Instituteur spécialisé en Développement scolaire. An der Schoulkommissiounssitzung wou d'PDSe virgestallt goufe kouw dëst jiddefalls kloer eraus. Déi fachmännesch Begleedung ass vun de Responsabele vum PDS, wat jo net onbedéngt méi de President vum Schoulcomité muss sinn - Beispill Strutzbiereg - gelueft ginn. Dës Hëllef, dës Ënnerstëtzung huet viles bewierkt a vereinfacht.

Positiv ass och datt de Responsabelen vum PDS eng Décharge vun zwou Stonnen accordéiert kritt fir sech ebe méi der Ausschaffung an der Redaktioun ze widmen an dann och deene nächste Joere bei der Ëmsetzung, wou en déi Stonnen och ganz gutt ka gebrauchen. Am Hierscht geet jo elo déi eigentlech Aarbecht u mat der Ëmsetzung vun den Objektiver a Sous-objektiver an d'Schoulgemeinschaften si gefuerdert sech weiderhi ganz oft ze gesinn, aus ze tauschen, ze plangen an hir Projeten ëmzesetzen. Wichtig ass, datt jiddereen eenzele sech engagéiert an eng Hand mat upaakt. An där Hisiicht ass de Plan de Développement eng Chance fir den Zesammenhalt vun der Schoul mat all hiren Acteuren, Léierpersonal, Personal vun der Maison Relais, Elteren a Kanner. Mir wënschen alle Schoule bonne Chance fir dës Ëmsetzung an approuvéieren déi sechs PDSen.

Zum PEP, dee gehéiert menger Meenung no zur Organisation scolaire, hat ech virdru scho geschwat, ech wollt do just nach eng Bemierkung maachen zum CAG, datt de CAG am Fong, also an der Maison Relais schonn ausgeschafft ass. Bis den 2. Oktober huet dee missen agereecht ginn, dat heescht, datt et ee CAG, Concept d'action générale, fir all eis Maison Relais besteet, dat heescht e Grondkonzept, mee awer

och e Konzept fir all eenzel Maison Relais, déi jo hir Spezifitéiten huet. Voilà, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Zuang. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Da kënne souwuel d'Josiane Di Bartolomeo-Ries respektiv hei déi Leit vun der Regionaldirektioun op déi verschidde Punkten agoen. Här Mischaux.

JOËL MISCHAUX (DIREKTER VUN DER REGIONAL-DIREKTIOUN): Jo, Merci fir d'Bemierkungen. Ech wollt vläit fir d'éischt mam Punkt ESEP ufänken. Net méi spët wéi gëschter hate mir do e Workshop mat all deene Leit, déi am September wäerte fir d'ESEP schaffen. Mir hunn do déi lescht Deeg relativ staark nach recrutéiert. Dat deelt sech an an den Diagnostik an an d'Assistance en classe.

Ech komme vläit fir d'éischt zum Diagnostik, do hu mir zwou Psychologinnen recrutéiert plus nach eng hallef Psychologin, déi elo amgaang ass hiren Doktorat zu Paräis op der Uni ze maachen a wat eben och eng Zesummenaarbecht mat der Uni wäert mat sech bréngen. Dat heescht et ass am Fong eng Win-Win Situatioun. D'Madame wäert wuel an enger éischter Phase nëmmen hallefdaags kënne schaffen, mir profitéieren awer vum Know-how vun enger anerer Institutioun. Mir hunn net nëmmen, an ech mengen dat muss ee betounen, op Diplomer Wäert geluet mee och op d'Connaissance vum Terrain vun deene Leit. Dat heescht, mir hunn effektiv vorwiegend aus der Géigend recrutéiert. Leit, déi Diddeleng kennen, beziéungsweis Käl, Rëmeleng, dat ass net onwichtig.

Bei der Assistance hu mir 5,5 Posten elo nach dobäi kritt an och do hu mir gekuckt, well dat sinn A2 Posten, d'Psychologen A1, mir mussen der Carrière no recrutéieren an dat sinn net nëmmen Educateuren, well mir nämlech d'Problematik hu mat der Reeducatioun, dat heescht Psychomot, Orthophonie, déi kënnen net ouni Weideres an der ESEP bleiwen, déi ginn eigentlech de Kompetenzzentren zougedeele fir déi net Assistants en classe ze maachen. Dat wëll net heeschen datt mir déi net rëm ëm-dispatched kréie mat de Kompetenzzentren, mee si ginn net den Direktiounen ënnerstallt, sou datt mir den Ëmwee geholl hunn aus deene betreffende Berufsfelder erëm ze recrutéieren. Dat heescht, mir hu souwuel een deen Orthophonie gemaach huet wéi een deen Connaissancen an der



Psychomot huet an der Equipe, mee mir verbuchen se ënnert Assistance. Wat d'Psychomot ugeet, wäerte mir och eng Demande maache fir Diddeleng, well ech mengen, ech hunn dee Sall jo selwer mat der Gemeng ariichte gelooss an ech weess wat dat kascht huet, also mir perséinlech feelt dat extrem, datt do keng Psychomotricienne ass, dat muss ee kucke wat een do fanne kann. Dat heescht mir wäerten do eng weider Demande un de Ministère maachen.

Eng aner Demande geet och, d'Madame Kayser hat ugeschwat fir en Educateur ze kréien an dat ganz spezifesch fir d'Schoul Strutzbiérg well déi ebe mat de staatleche Kannerheemer dach eng e bësselche méi staark Konzentratioun vu Verhalensopfällegkeeten hunn. Zu de Verhalensopfällegkeeten u sech hu mir am September mat néng Dossieren ugefangen, déi eigentlech hätte sollen an e Kompetenzzenter goen. Mir hunn dat esou ëmorganiséiert mat eisen Enseignanten, datt mir elo bei zwee Dossieren sinn. Een dovou geet an de Secondaire, wat awer net wëll heeschen, dat mir dat net propper bis un de Schluss wäerte begleeten. Et ass e ganz schwierigen Dossier. Deen anere kënnt erëm, et sinn der just nach zwee. An dann ass nach een dobäi, ech mengen d'Gebai gouf ugeschwat, dat ass a mengen Ae kee Fall fir e Kompetenzzenter, do geet am Moment eng psychologesch Hëllef vun der C1 mol duer an da muss ee kucke wéi een sech do fir d'Rentrée opstellt, wann dat Kand an de Cycle 2 kënnt.

D'Logopädie, ganz wichteg, mir haten eng Entrevue mat dem alen Direkter vun der Logo an och mat deem neien. Den Här Hermes ass jo an d'Pensioun gaangen a mir si verblivwen, datt mir iergendwou an der Direktioun an eng Richtung vun Annex wäerte goen. Et muss een elo kucken, wou mir dat kënnen am séiersten installéiert kréien. Ech denken do an enger éischerter Phase och u Lenkeschléi, wann d'Schoul net sollt voll besat sinn, datt mir do der Logo eventuell e Sall kéinten zur Verfügung stellen. Ech mengen, d'Madame Flammang mécht do exzellent Aarbecht. Ech mengen dat wier eng ganz gutt Léisung. Op alle Fall schaffe mir do un enger Annex wierklech fir d'Direktioun. De Minister weess och Bescheid, ënnerstëtzt dat, d'Conseillerechen och.

D'selwecht, d'Madame Kayser hat ugeschwat, Verhalensopfällegkeeten, datt déi sollen zentraliséiert an iergendeng Institutioun gesat ginn, dat ass definitiv net de Fall, well ech hunn nach virgëschter do Gespréicher mat der zoustänneger Persoun déi

d'Lettre de mission fir dee Kompetenzzenter huet a mir wäerten och do an déi Richtung goen eppes an d'Direktioun kréien. Woubäi ech der Madame awer gesot hunn, datt ech net wëll rëm eng Klass d'intégration hunn, mee ech hätt gär datt déi Kanner a Klassen integréiert ginn. Ech gesinn net an, wisou ee soll siwe verhalensopfällege Kanner beienee soll setzen. Woubäi natierlech dann eng ambulatoire Persoun vun dem Kompetenzzenter muss an d'Direktioun dispatched gi fir d'Enseignanten z'ënnerstëtzen. Bon, dat muss elo nach a Rou ausdiskutéiert ginn an dat steet och sécher net fir d'Rentrée. Mee dat ass de leschte Stand der Dinge.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Mischaux. Den Här Steve Kühn huet d'Wuert.

STEVE KÜHN (SOUS-DIREKTER VUN DER REGIONAL-DIREKTION): Jo, ech wollt op dee Punkt vläit fir d'éischt agoen vun de neie Medien, well ech d'Schoulen do och begleeten. Et ass richtig, datt eis Schoule mussen nach besser équipiert sinn, wat déi nei Medien ubelaangt. Et ass awer och ganz kloer, datt dat en Investissement ass, deen eng Gemeng net vun haut op muer ka stemmen, wann se déi ganz Schoule mat deene neitste Medien ausstatte soll. Dat ass och, mengen ech, gutt esou, well ech mengen, datt et méi sënnavoll ass, datt déi pädagogesch Projeten, wéi ee mat dem Material schafft, solle gläichzäiteg entstoen, sou wéi och d'Acquisitioun no a no soll entstoen.

Mir sinn elo op dee Wee gaangen, ech mengen dat ass och dee richtigen, datt mir de Schoule mobil Bornen zur Verfügung stellen, dat heescht si hunn dann an all Schoul zwou, dräi oder véier sou mobil Bornen, déi d'Klasse kënnen ausléine wou se da kënnen hire Projet, deen se ausgeschafft hu virdrun, wéi se mat deene Medien schaffen, kënnen ausprobéieren, testen. A wann dat concluant ass, wann si gesinn datt dat eppes ass wat si wierklech brauchen, da kënnen d'Schoulen no a no mat méi feste WIFI-Installatiounen équipiert ginn. An da kënnen déi Bornen déi do da benotzt ginn, déi mobil, kënnen dann enger anerer Schoul zur Verfügung gestallt gi fir dat selwecht ze maachen. Ech mengen, dat ass dee richtige Wee fir datt d'Schoulen och net Material kafe wat dann net benotzt gëtt, mee datt si wierklech e pädagogesche Projet hu fir mat deem Material ze schaffen.

Ech kann awer och berouegen, datt keng l-pads an de Schief leien an déi net benotzt ginn. Dat ass absolut



wierklech net de Fall. Se gi ganz vill benotzt. Wat richtig ass, et muss een sech dat e bësselche sou virstellen, mir hunn alleguer doheem där Apparaten an et weess ee wéi dat ass wann een do muss en Update maachen oder eng App installéieren an an enger Schouklass oder enger Schoul ass dat eben dat selwecht dann 30 Mol oder 40 Mol, well een dann 40 l-pads huet an dat ass natierlech net esou einfach. Do ginn et awer Systemer fir dat global ze maachen an do hate mir dann effektiv e kleng Problem, datt déi Systemer eben net disponibel ware bei deem Fournisseur, wou d'l-pads kaf gi sinn. Dat wëll net heeschen, datt se net benotzt ginn, et wëll just heeschen, datt d'Schoulmeeschteren oder d'Léierinne vill méi Aarbecht hu fir déi Saachen z'installéieren, well si et müssen 30 Mol maachen. Do si mir awer och amgaang eng Léisung ze siche fir esou e System fir datt dat méi séier ka viru goen. Esou vill dozou.

Da wëll ech nach vläit eppes soen zu der Differenz tëschent dem PDS an dem PRS, wat d'Madame Goergen gefrot hat. Jo, et gi vill Gemeinsamkeiten. Et geet nach ëmmer ëm d'Reussite vun de Schüler, dat ass ganz kloer. Dat wat vläit dobäi kënnt ass dat Wuert Développement wou et ëm Entwécklung geet wéi d'Wuert et scho seet. Wann de PRS vläit éischter méi vereenzelt Aktiounen an de Schoule mat sech bruecht huet, wéi eng Liesnuet, de Schoulgaart oder och d'Schaffe mat l-pads, sou geet et elo am PDS méi drëm d'Schoul z'entwéckelen, den Unterrecht z'entwéckelen an déi nei Erkenntnisser wierklech mat an deen aldeeglechen Unterrecht afléissen ze loossen an do eng Entwécklung ze kréien. Eppes wat och dem Mooss beim PRS net de Fall war wéi lo, dat ass eben och d'Collaboratioun mat den SEAen, mat den Elteren, d'Schoule sinn net méi sou eleng gelooss wéi dat am PRS de Fall war. Déi kënnen elo op ganz vill Ressourcen zréckgräifen an dat ass mengen ech och gutt, well haut ka kee méi soen, datt en alles kennt an dofir fannen ech datt et absolut noutwenneg ass, datt een do och multiprofessionnell drugeet an dat ass elo hei beim PDS méi de Fall wéi dat nach beim PRS war. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP): Voilà, ech wëll dann awer och nach op e puer Saachen agoen, déi d'Gemeng betreffen. Et ass net nëmmen d'Direktioun, et ass och e ganz groussen Deel, deen d'Gemeng betrëfft. Ech hänke mech eigentlech un dem Här Kühn senge Remarquen zu den Neie Medien drun. Ech wëll do awer e puer Erklärungen ginn. Et ass net sou wéi wann do iwwerhaupt näischt géing geschéien.

Ech mengen, den Här Mischaux huet sech selwer um Däich immens investéiert. Den Däich ass eng Schoul, wou et exemplaresch funktionéiert, wou wierklech alles zur Verfügung steet wat ee kann hunn. Dann hate mir an der Gaffelt ugefangen, dat Ganzt och ze installéieren. Mir wollten do eng Testphase maachen, ech muss do awer scho virewech soen, do hate mir eng Antenn opgehaangen, do huet awer e Schoulmeeschter gemengt déi Antenn géif ze vill stralen. Do hu mir d'Antenn nees erofgeholl an se nees op enger anerer Plaz opgestallt.

Also éier een do elo sou séier schéisst a seet mir maachen dat do elo, bannent dräi Méint maache mir ganz Schoulen, soll ee fir d'éischt eng Kéier kucken, wou sinn dann d'Besoinen. Ech mengen, de Joël Mischaux selwer huet och gesot, mir kucken, wou sinn d'Besoinen, wie wëll domat schaffen a wéi gi mir vir.

An der Gaffelt si mir elo sou wäit awer, datt mir Analyse maache gelooss hunn wéi déi Reseauen sech iwwerlappen, wou ee muss Antennen ophänken. Dat sinn Analysen déi mir net kënne maachen. Dat heescht mir hunn do en Externe geholl. Mir hunn do en Devis ugefrot, well dat sinn alle Prozeduren déi eng Gemeng verlaangt. Mir hunn elo do d'Resultater an och do ass et elo kloer wou Antenne müssen opgehaange ginn. Wann een awer wëll séier funktionéieren, da muss ee natierlech och dee gewëssene Budget hunn. Den Erni Ferrari huet e Budget ausgeschafft fir d'Schoulen auszustatten. Mir géifen dann elo d'Gaffelt fäerdeg ausrüsten. Mir hunn zwou mobil Bornë kaf, déi een op all Stack ka benotzen. Eis Techniker hunn och iwwerall déi richtig Dousen installéiert, se si markéiert, sou datt d'Gaffelt och elo relativ gutt ausgerüst ass.

Dann, wat mir wëlles haten, vu datt mir nach Budget hunn als Gemeng a well mir jo wierklech och - wéi zu Butschebuerg d'Schoul, déi dat doten am PDS drastoen huet - wëlle relativ séier reagéieren an nach weider där mobil Borne kafe mat all Kéiers bis 20 l-pads. Dat ass eppes, dat kann een an enger éischter Phase maachen an da soll kloer definéiert ginn, all Schoul wëllt dat do. Wa mir higin an e ganz Gebai ausstatte mat WIFI, da sinn awer Leit do déi soen, "hei, mir wëllen dat net". Dofir soll d'Schoul eis genoe soen, zesumme mat der Direktioun schwätze mir, wéi mir viru kommen an da wäert d'Gemeng och dee néidege Budget hunn.

Da vläit nach zum Budget vun de Schoulen. Ech wëll dozou eppes soen. Déi Diskussioun hate mir schonns



oft, ech mengen den Här Ferrari an ech, mir hunn déi och schonn oft gehat. Zum Gléck hat ech d'Chance fir den Tour vun de Schoulen an de Maison Relaisen ze maachen. Wann een do gesäit, datt ganz oft bei sou Bastelbudgeten oder Schief wou deen een e Schaf keeft, deen aneren e Kessen an dee nächste kritt de Kllassesall an da gi se rëm rausgehäit a ewechgehäit, well dee kee Kesse wëll, dat ass eng Saach déi muss een diskutéieren. Mir haten eis elo sou virgestallt, datt mir géingen e Katalog einfach och opstelle vu Saachen, déi ee ka kafen, déi wou dann och an der Norm sinn. Mir hunn och do e bësselchen dat gekuckt, mir wollten dann do dee Katalog dem Personal zur Verfügung stelle wou si sech d'Saache kënnen rauswien. Da kann et net sinn, datt deen een et keeft an deen nächsten et rëm d'nächst Joer aus sengem Kllassesall erausgehäit.

Bastelbudget, do hu mir, also wann ech ganz éierlech sinn, net nëmme vun der Maison Relais riseg Kellereen voll leie mat Bastelsaachen an och do hoffen ech dann, datt iergendwann eng Kéier Zesummenaarbecht kënnt, datt d'Spillschoule kënnen déi Saache benotzen an souwuel d'Maison Relais awer och d'Spiller fir datt net all Spillschoulsklass wierklech dat selwecht Spill an all Sall huet. Ech mengen, och do misst een éischer higoen a soe mir kafe gebündelt Packagen an déi kënnt Dir dann zesummen notzen. Ech mengen, dat sinn awer alles Diskussiounen déi daueren eng Zäit. Mir sinn awer amgaangen dorun ze schaffen.

Wat d'Exkursiounen ubelaangt, jo dee Budget kann een och nach eng Kéier ënnert d'Lupp huelen, well ganz oft ass et esou, datt mir müssen op extern Busser zrëckgräifen, well eise Schoulbus net zur Verfügung steet. Dann ass de Budget, wann s de e pro Kand hues awer méi reduzéiert. Do sinn ech awer och elo der Meenung, datt, den Här Ferrari kann lech dat och bestätegen, dee Budget ass bis elo ni ganz genotzt ginn.

Den Ausbau Ribeschpont, mir schéissen elo hei net aus de Hëft eraus, ze soe mir maachen elo Ausbau Ribeschpont, mir bauen elo ech weess net wat. Et ass eng Optioun, natierlech ass et eng Optioun. Ech wëll awer och soen, mir sinn amgaangen d'Lenkeschléi ze bauen. Ech mengen och do kréie mir vill Plaze bäi. Mir sinn amgaang, eng Crèche fir méi kleng Kanner och ze bauen, ech mengen och dat steet alles am Budget a nach hu mir och ee Budget dee net sou grouss ass, datt mir kënnen alles an engem Joer maachen, mee wéi gesot mir maachen déi Analys och wou wat kënnt.

An dann, d'Madame Kayser seet dat ëmmer, mir missten a mir missten nach méi Personal hunn an och an der Maison Relais nach méi Personal, mir hunn herno 5 Posten drop, dann hoffen ech datt Dir déi da matstëmmt, datt déi dann och de Kanner zur Verfügung stinn. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir nach dës Stellungnahm. Nach weider Präzisiounen? Jo, den Här Mischaux, den Här Ferrari.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Mech virdrängen, dat ass net esou meng Aart a Weis, mee ech hunn einfach nach zwou kleng Froe wou mir nach onkloer sinn, op déi den Här Mischaux wahrscheinlech ganz einfach wäert kënnen äntwerten. Hunn ech dat elo richteg verstanen, datt déi Equipe de soutien, datt déi opgestockt gëtt op 5,5 Persounen? Ech ka jo net dovun ausgoen, datt zousätzlech 5,5 Persoune kommen? Dat war déi éischt Fro. An dat zweet: Dir hutt och geschwat, Dir hutt sou e bësselchen ënnert enee geschwat vun zwee Fäll, wou dee regional Kompetenzzenter elo op eemol zoustänneg wier. Mir ass wierklech net kloer wou den Zoustännegkeetsberäich vun deenen engem ophält an dee vun deenen aneren ugeet. Also wéi ass déi Aarbechtsopdeeling do? Merci.

JOËL MISCHAUX (DIREKTER VUN DER REGIONAL-DIREKTION): Ech géing mat der leschter Fro ufänken, vläit eng Kéier ganz kuerz d'Prozedur erklären. Eigentlech ass et jo sou, datt d'Equipe pédagogique vun de Cyclen d'Kanner betreit. Wann do een u seng Grenze stéisst, gräift de Mechanismus IEBS, ech gi elo net an d'Detailer, da mécht dee säi Soutien. Wann et do och net weider geet, da gëtt et eréischt en CI Dossier, wann dann d'Ekip eis gewisen huet, datt si mat deene Kanner differenzéiert, soss net. Et gëtt gemellt, an da kënnt eben en aneren Soutien derbäi. Da gëtt en Diagnostik gemaach vun engem Pädagog, engem Psycholog an da gëtt an der CI decidéiert ob do eng Klass muss hin oder net.

Sou, a mir hu fir de Moment zwee Fäll, wou och e Psycholog u seng Grenzen stéisst an do läit d'Expertise andeene Recrutementervunde Kompetenzzentren. Ech kann enger Mamm oder engem Papp net imposéieren, hiert Kand op de Marché liberal bei iergend e Psychiater ze bréngen. Mir kënnen dat jo just recommandéieren, mee mir hu jo kee Suivi drop. Sou, dat heescht do



gräift dann de Kompetenzzenter an, a wéi gesot mir hunn zwee Fäll, wou mir wierklech Schwieregkeeten am Moment hunn. Wat awer fir 3 500 Kanner an enger Direktioun net vill ass eigentlech. Mir sinn do relativ gutt opgestallt, wann een et mat de Nopeschregiounen vergläicht ass dat verschwindend wéineg.

Do war nach eng éischt Fro. Och do muss ech eng Kéier kuerz aushuelen. Do war jo dee relativ komplexen Dossieriwwergang EDIF an d'ESEP, deen ass jo genuch duerch d'Medie gaang. Do sinn natierlech Leit, déi ganz gären vun der EDIF an d'ESEP wiessele wollten, et sinn awer och Leit vun der EDIF, déi sech éischer an engem Kompetenzzenter gesinn hunn aus diverse Grënn. Jiddereen, deen an e Kompetenzzenter wiesselt, gëtt d'office ausgeglach. Do war e Recrutement interne vu Leit, déi schonn an der EDIF geschafft hunn, bliwwen sinn oder bei eis gewiesselt sinn a fir dat dono auszegläichen, well et der net genuch waren, gouf ausgeschriwwen an doropshin hunn sech erëm Leit gemellt an dat sinn déi Gespréicher déi mir elo gefouert hunn. Wann ee elo vergläicht mat dësem Joer hu mir e liichte Surplus an der Assistance an am Diagnostik si mir d'selwecht wéi am September 2017. Mir hunn awer e Brëf gemaach, dat weess ech genau well ech am Büro vum Colléig si fir de Minister, fir déi ESEP weider opzestocken. Do muss een elo kucken wéi dat weider geet. Dat si jo Saachen, déi net nëmmen d'Education betreffen.

Ech wollt vläit just nach eppes zu dem ganzen ICT-Beräich dobäifügen. Den Här Kühn wollt dat net soen, mee hien huet en Aarbechtsgrupp, deen iwwer d'Direktioun ewech all déi Leit zesumme rëfft, déi do schonn eppes gemaach hu fir Best Practices ze maachen a mir hunn och zwou Stonnen Décharge vum SCRIPT krut fir eben do eng Multiplicatrice ze hunn, déi haaptsächlech iwwer Diddeleng mee och iwwer d'Regioun ewech do Kontakter zu de Leit knüpft. Et geschitt am Fong immens vill an deen ee weess net wat deen anere mécht, dat ass ëmmer e bësselche schuet.

Da wollt ech nach soen, ech hat d'Chance, mir nennen et mol sou, fir am leschten Trimester vum leschte Schouljoer 15 Gemengen dierfen ze betreien. Ech kann dat relativ gutt antesselen, also den Invest vun der Diddelenger Gemeng wat den ICT-Beräich ugeet, dat ass immens.

ERNI FERRARI (CHEF VUM SCHOULDÉNGSCHT): Merci. Ech wollt just nach eng Kéier kuerz op déi Fro oder déi Bemierkung mat de Budgeten agoen. Et ass

natierlech sou, ob dat elo Sorties pédagogiques sinn oder Exkursiounen: Mir hunn ëmmer Enseignanten, déi gären eppes géinge maachen, wat awer dann dee Budget, dee mir u sech virgesinn hunn, heescht sou vill Euro pro Kand, sprengt. Et ass besonnesch bei den Sortie-pédagogiques, mir haten scho virun e puer Joer déi Diskussioun, datt verschidde Leit duerch dee System eben dat net maache konnten, wat se wollten. Anerwäerts wa mir awer d'Budgeten um Enn vum Joer gekuckt hunn, da sinn nëmmen 50% oder e bësselche méi oder manner vun deem Budget benotzt ginn. Dat heescht, mir haten u sech Budget zur Verfügung, awer duerch dee System, dee mir an der Zäit haten, ass et dann net duergaang fir verschidde Klassen.

Do si mir eben herno de Wee gaangen, zesumme mat de Presidenten, datt mir gesot hunn, ok, mir hunn esou vill Budget, an all Schoul kritt dann hiren Deel vum Budget, ausgerechent op Basis vun de Schülerzuelen. An d'Schoule kréien dann d'Méiglechkeet fir dee Budget selwer intern ze verwalten, mat den Enseignanten. Dat heescht, vun deem Moment u konnten da jo verschidde Klasse méi deier Saache ënnerhuelen, well mir och ëmmer Klassen hunn, déi entweder keng Sortie pédagogique plangen oder Aktivitéite maachen déi näischt kaschten, zum Beispill wann si an de Nationalmusée ginn. An ech mengen zënter datt mir dee Wee gaange sinn, an d'Schoule si elo alleguer op dem Wee fir dat och intern ze verwalten, komme mir elo lues a lues op eng 100%eg Ausnotzung vun dem Budget erun. Anerwäerts weess ech elo och vun enger Schoul, déi eis gefrot hunn, "wou si mir dru mat de Budgeten?" Du hu mir nogekuckt, a mir hu erausfonnt, datt si an deenen zwee Trimesteren vun dësem Joer nach praktesch näischt vun deene Budgete benotzt hunn. Mir hätte jo ëmmer d'Méiglechkeet fir ze soen, OK, mir gi méi Budget, mee da misst dee Surplus vu Budget awer och gebraucht a benotzt ginn.

Ech menge mir sinn awer doran op dem richtege Wee, a wann dann elo Schoule mierken, datt de Budget net duergeet, ob dat elo fir Exkursiounen ass oder fir Activité-pédagogiques, dann gëtt d'Gesetz hinne jo och d'Méiglechkeet fir bei der Gemeng Budgetspropositiounen eranzeginn a Budgeten unzefroen. An da kann dat gemaach gi wann d'Gemeng zoustëmmt. Ähnlech war et jo och mat dem Budget vun de Plans de réussite scolaire. Do hate mir och viru Joeren, ganz am Ufank, 9.000 Euro Budget virgesinn. Iergendwéi kruten awer d'Schoule vum Ministère un d'Häerz geluecht, datt déi Plans de réussite scolaire wa



méiglech net vill oder näischt kaschte sollten, sou datt vu Joer zu Joer och ëmmer manner vun de Schoule gefrot ginn ass. A wann ech mech gutt erënneren, da si mir dëst Joer bei 3 000 Euro déi mir nach en réserve gehalen hunn, fir gewësse Fäll. Et muss een elo kucken, wéi et an Zukunft viru geet mam Plan de développement scolaire (PDS) a mat den Ufroen vun de Schoulen, a wéi eng Moyenn d'Gemeng de Schoulen dann doropshi gëtt.

Déi Problematik mat den I-pads ass jo elo schonns zimlech vum Här Kühn beäntwert ginn. Mir haten ee Moment och gekuckt fir aner Tabletten ze kafen, déi eventuell net ze deier ginn. An do hate mir awer trotzdem gesot kritt datt et mat den Applikatiounen zwar och domatt misst klappen, mee si géifen awer ofroden dee Wee ze goen, well si dat net uerdentlech getest kruten. Dofir si mir elo op de Wee vun den I-pads gaangen. Datt et dann duerno Schwierigkeet gi sinn, obschonns mir déi Tabletten offiziell kaf hunn.... well ech huele jo un, datt wann déi op de Marché kommen, dat si jo dann net illegal sinn, wann se vun engem Fournisseur verkaf ginn. Bon, et goufe dann do awer e bësselche Schwierigkeete. Wann et esou ass datt mir iwwer deen offizielle Vertrieber zu Lëtzebuerg kafe mussen, dat sinn dann eben déi berühmten Erfahrungen déi ee sammelt a sammele muss, mee wéi gesot, si kënnen jo awer mat den I-pads schaffen. Et sinn ebe just eenzel Facilitéiten déi elo da momentan leider net verfügbar sinn. Mee da si mer gewarnt fir d'Zukunft.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Erni Ferrari. Alleguerten d'Punkte si beäntwert ginn. Dofir géing ech proposéieren, datt mir dann zum Vote géifen iwwergoen fir de Plan de développement scolaire 2018 bis 2021. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech dem Gemengerot Merci an ech soen och dem Här Kühn, dem Här Ferrari an dem Här Mischaux Merci fir hir Präsenz an hir Stellungnahmen. A mir géingen op deen nächste Punkt iwwergoen.

5. REGIONAL MUSEKSSCHOUL – APPROBATION VUN DER KONVENTION MAT DER GEMENG KÄL FIR D'ORGANISATION VUN DER MUSEKSSCHOUL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ënnert dësem Punkt geet et ëm d' Diddelenger Museksschoul respektiv d'Approbation vun enger neier Konvention. Dofir, déi eng ginn, déi aner kommen. Dofir begreissen ech och den Direkter vun regionale Museksschoul de Bob Morhard an d'Claudia Dall'Agnol huet d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also, wéi gesot, et geet hei ëm eng Konvention vun eiser Museksschoul an domat vun der Gemeng Diddeleng mat der Gemeng Käl/Téiteng. Dir wësst vläit, datt eise fréieren Direkter den Adrien Théato, deen huet ëmmer rëm probéiert fir d'Gemeng Käl/Téiteng och an d'Boot ze kréien an si dovunner z'iwwerzeegen fir eng Konvention iwwer de Museksunterricht mat eis ofzuschléissen. Dat ass him awer aus diverse Grënn ni gelongen, dat kounn ni zustan. Dëst Joer ass awer dunn d'Gemeng Käl/Téiteng un eis Gemeng oder besser gesot un eis Museksschoul erugetruede fir e Monitoring vun engem musikaleschen Projet bei hinnen an der Gemeng ze maachen an duerch dee Kontakt den sech do hiergestallt huet, mee awer och wéinst der aktueller Situatioun vun hire Musekskursen an der Gemeng, si hu Musekskursen vun der UGDA an si hu genau nach ee Schüler an deene Kursen.

Do hunn si dann natierlech sech dovunner iwwerzeegen gelooss, datt dat och an hirem Sënn wier fir eng Konvention mat der Gemeng Diddeleng of ze schléissen an si hunn sech och entscheet dat dann ze maachen. Wéi gesot, d'Gemeng Käl/Téiteng, déi organiséiert d'Kursen vun der UGDA, mee et ginn awer ronn 100 Schüler hallef hallef an den Escher Conservatoire respektiv bei eis an d'Museksschoul an nëmmen ee Schüler, wéi gesot, an déi Kursen déi si da selwer mat der UGDA organiséieren. Dat heescht déi 50 Schüler déi souwiesou elo scho bei eis an der Museksschoul sinn, déi sinn hei mee hir Gemeng déi bedeelegt sech net un de Käschten déi déi Schüler eigentlech fir eis engendrénen. An natierlech mussen och déi Kanner



aus der Gemeng, also aus de Gemeng Käl/Téiteng méi en héije minerval bezuele wéi déi Kanner déi aus enger Gemeng kommen, déi schonn am Verbund dra sinn, respektiv aus de Diddelenger Gemeng natierlech. D'Schüler aus net konventionéierte Gemenge, einfach als klenge Beispill, déi bezuelen dat duebelt voire esouguer nach méi. Ech ginn lech elo ee klenge Beispill fir de Package Formation musicale an Instrumentecours bezuelen déi 200 Euro amplaz vu wann se am Verbund dra sinn 75 Euro. Sou datt u sech eng Konventioun ofschléisse fir jiddereen eng Win-Win Situatioun ass, fir d'Kanner, fir d'Elteren an natierlech och fir eis als Gemeng.

Mir haten hei den Dossier och d'lescht Woch um Ordre du jour vun der Iwwerwaachungskommissioun, déi huet sech positiv zu dëser Kollaboratioun ausgeschwat. Dir wësst datt an der Iwwerwaachungskommissioun och eis Partnergemengen déi mir schonn hunn, datt déi och do dra sëtzen, sou datt mir déi och konnten dovun iwwerzeegen an datt also näischt dergéint schwätzt fir hei am Gemengerot déi Konventioun mat Käl/Téiteng ze stëmmen a fir weider Froen oder Remarques ass eisen Direkter de Bob Morhard och hei, dem ech wollt Merci soen. Ech weess net ob hien aganks nach wëll eng Erklärung ginn oder einfach op Är Froen da vläit waart.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Wann nach Froen zu deem Dossier sinn, sinn ech gär bereet fir se ze beäntweren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Och Merci dem Direkter vun der Museksschoul, datt en hei ass. D'Madame Dall'Agnol hat elo grad gesot et sinn 100 Schüler, déi ginn deelweis op Diddeleng, deelweis op Esch. Wéivill ginn der dann elo op Diddeleng genau. Ah, hallef hallef, 50-50. OK, gutt. Och am Numm vun der CSV begreisse mir dat, datt endlech endlech Käl/Téiteng och an de Verbund vun de Gemenge kënnt, dee bei eis an der Museksschoul hir Kanner dann och finanziell supportéieren a mir droen dat hei natierlech selbstverständlech mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kayser. Nach weider Stellungnahmen? Den Här Bob Claude.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci fir d'Wuert. Majo, ech wëll ganz kuerz an d'Geschicht agoe vun der

Museksschoul. Ech war nokucken an d'Diddelenger Geschichtsbücher an ech hunn och erausfonnt, wéini dat ganz ugaangen ass. Nom Krich, 1946, war eng grouss Demande hei zu Diddeleng fir datt eng Museksschoul sollt kommen, no Esch a Lëtzebuerg, an do war déi offiziell Aweigung de 7. Dezember 1946. De 9. Dezember ass d'Schoul dunn ugaang, dat heescht du sinn et Coursegivundräi Professere fir insgesamt 126 Schüler. Am éischte Joer waren an der Moyenne ëmmer sou eng 150 Schüler do an da komme mir awer elo direkt op d'Neizäit. Ech mengen dat huet sech jo immens erweidert a wann een elo kuckt, hu mir iwwer 1.000 Aschreiwungen an iwwer 50 Enseignanten. Déi bal 800 Kanner a Jugendlecher bis 17 Joer si bei deenen Aschreiwungen. Also eng ganz grouss Demande vun deenen. An et ass och flott, datt elo Käl/Téiteng kann an de Genoss vun dëser Konventioun kommen. Dat heescht, och an de Genoss vun erschwénglechen Aschreiwungstaxen.

D'Modalitéiten vun dëser Konventioun si kloer. Wéi zum Beispill den Objet, d'Zäit, d'Organisatioun, d'Administratioun an de Finanzement. Wat elo de Finanzement ugeet, maachen ech just eng ganz kuerz Klammer op; bei den Taxen déi an eisem Internet stinn, do fënnt een nach ëmmer Taxe vun 2011 an net déi vun 2016. Voilà, dat kéint een änneren. Déi zwou Gemenge si fir d'Infrastrukturen zoustänneg, Säll, Pianoen an anert Material stellen si zur Verfügung. Interessant ass et awer och ze wëssen, datt dee Moment awer ganz vill, besonnesch déi méi jonk Kanner zu Käl kënne an d'Schoul goe wann dat mol esou funktionéiert. Voilà, jiddefalls eis Fraktioun gëtt d'Zoustëmmung zu dëser Konventioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Zoustëmmung. Weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech hunn eigentlech net méi vill dozou ze soen. Ech sinn elo net dozou komm fir ze kucken ob de Bob säi Browser net upgedate huet fir ze kucke wat fir eng Taxen do stinn, well dat ass déi éischte Kéier, datt mir dat doten héieren an normalerweis gëtt déi Säit och permanent à Jour gesat. Hei ass zum Beispill e Bild dovunner wou och déi nei Brochure drop ass. Dat ka sinn, datt dat nach am Cycle mat dran ass. Keng Ahnung, mee mir kucken dat herno no.

Dat mat 50-50, also et sinn 100 Schüler déi se hunn, déi entweder op Esch an de Conservatoire oder op



Diddeleng ginn. Mir hunn der vun deenen Honnert ronn d'Halschend, 50 Stéck. Dat verhënnert awer elo net datt en der do och vun deenen déi elo zu Esch sinn an Zukunft heihinner kommen, datt nach neier kommen oder och ëmgedréint, datt awer elo ee seet, ok, ech wëll awer elo léiwer op Esch oder an d'Stad oder wou och ëmmer goen. Also, mir zwénge keen op Diddeleng ze kommen, mee mir maachen hinnen d'Liewe elo e bësselche méi einfach wann si op Diddeleng kommen.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Mir hunn e fonkelneien Internet-site, deen ass www.emdudelange.lu. Ech mengen, ech invitéieren lech alleguer dee kucken ze goen. Do ass och alles richteg, hoffen ech emol. Wann eppes net sollt richteg sinn, da mell Dir lech bei mir. Ech mengen, et ass fir eis eng Fënster opgaang fir déi Konventioun do ze maachen. Mir schwätzen hei direkt ëmmer vu Schmarotzergemengen, déi am Fong am Enseignement musical guer net partizipéieren. Där gëtt et der eng Partie. Mir hunn elo eng vun deenen iwwerzeegt hiren Obulus ze maachen. Fir Diddeleng ass dat eng super Saach. Ech soen lech Merci, datt Dir dat ënnerstëtzt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och. Ech mengen och dat hei ass e weidert Zeechen, datt d'Stad Diddeleng sengem regionale Rôle gerecht gëtt an deen och wouer hält. Voilà, komme mir zur Ofstëmmung. Wien ass hei mat der Konventioun mat der Gemeng Käl fir d'Musékschoul averstanen? **Dat ass unanime.**

Da soe mir lech do villmools Merci an och dem Bob Morhard fir seng Präsenz. Domat géife mir weiderfueren hei.

6. KOMMUNALPLANUNG A STADENTWÉCKLUNG – APPROBATION VUM DEELBEBAUUNGSPLANG “ROUTE DE BURANGE”

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Do hu mir e PAP virleien an der Birenger Strooss. Mir begréissen och do den Här Eichhorn vum Architektbüro Dagli an och d'Cathy Mambourg, eis Architektin. Et geet hei ëm e PAP dee mir virleien hunn an dee

befënnt sech tëschent der Birenger Strooss an der Theis Strooss. Et geet hei ëm eng Parzelle vun 0,19 ha deen an der Moyenne Densité läit. Deen heite Projet, deen sech awer op eng harmonesch Aart a Weis an den Existant mengen ech abett, ass am Fong eng privat Baulück, déi erschloss gëtt tëschent dem Briller Quartier an der Birenger Strooss. Et sinn am Fong 9 Unitéiten, déi hei gebaut ginn. Et ass eng flott Mixitéit déi sech hei bitt, well engersäits zwou Maisons unifamiliales, déi isoléiert sinn, dräi Maisons en vente a véier Unités de logement collectif déi verdeelt sinn op zwee Immeubelen. Also eng flott Typologie a Mixitéit, déi sech am Fong an déi zwee Quartieren respektiv am Fong och deementspriedend kloer areit.

Dir hutt hei d'Deliberatioun virleien, respektiv awer och den Avis vun der Cellule vum Ministère de l'Intérieur. Et ass esou, datt hei den Architektbüro Dagli fir d'Société Roubur S.A. dee PAP hei effektiv agereecht huet. Mir hunn den de 9. März validéiert a mir hunn den natierlech weiderginn un d'Cellule d'évaluation vum Ministère de l'Intérieur, dat war den 21. Mäerz an am Fong, d'Cellule huet hiren Avis den 12. Abrëll ofginn, also e knappe Mount dono. Och d'Omnibusgesetz gesäit jo vir datt d'Delaen vun dräi Méint op ee Mount zeréckgesat ginn. Mir hunn och déi ganz Prozedur lancéiert ronderëm d'Enquête publique. Et louch hei deementspriedend och aus, et konnt een Abléck hunn an deen heite PAP. Et ass och eng Presentatioun gemaach ginn an den Zeitungen, datt een am Fong hei an d'Gemengenshaus ka kommen an een en Abléck kann an de PAP kréien. An an deem Kader an deem mir eis bewegen, am legale Kader vum Gesetz, kommen och keng Reklamatiounen deementspriedend eran.

A wéi Dir gesitt unhand och vum Avis, och hei an eiser Deliberatioun iwwerholl, ass et wéi bei enger ganz Rei PAPen, et gëtt gekuckt, ob de PAP konform ass par Rapport zum PAG respektiv huet ee jo d'Méiglechkeet am Kader vum PAP hei effektiv par Rapport zum aktuelle PAG ze derogéieren an do sinn e puer Punkte wou derogéiert gëtt a wou och d'Cellule der Meenung war, datt et gutt ass datt et derogéiert well dat am Fong zur urbanistescher Qualitéit vum Projet deementspriedend bäidréit.

Normalerweis gesäit eise PAG vir, datt et 44m ass mat engem Maximum vu 5 Unitéiten. Hei ass et mat 7 Unitéiten, dat heescht an deem Sënn, ass dat hei en Depassement vun deene 44m, also 7 Unités en



bande, mengen ech ass an dem Sënn eng Derogatioun déi gutt geheescht gëtt. De Projet gesäit och ee Sous-sol vir, wou eng Afaart deemtspriechend ass an dee geet méi wäit wéi d'Profondeur maximale vun 20m. Och dat, mengen ech, huet e positiven Aval kritt, a respektiv, datt mir och hei virgesinn hunn, et ass jo normalerweis e Minimum vun engem Emplacement pro Logement virgesinn. Hei ass am Fong keen Emplacement am Domaine public virgesinn. Och dat kann argumentéiert gi mat der Proximitéit zum ëffentlechen Transport. Mir hu jo en TICE, dee fiert respektiv awer och d'CFL respektiv awer och fir dee ganze Projet 20 Emplacementen, privater, virgesi si fir de Projet ze erméiglechen. Ech mengen, dat fannt Dir alleguer och am Rapport justificatif. An natierlech ass et jo och sou, datt 30% normalerweis en Espace vert misst aménagéiert ginn an am Fong, datt dat och hei d'Permeabilitéit ugeet, dat ass deemtspriechend och hei derogéiert gëtt.

Dat sinn am Fong déi véier Punkten, déi een hei am Avis deemtspriechend erëm fënnt. Da war awer och d'Proposition vum der Cellule, eng zousätzlech nei Connexion piétonne ze maachen tëschen, wéi gesot, deenen zwou Stroossen. Do ware mir éischter an eiser Deliberatioun, déi mir och lech hei presentéieren als Gemengerot, éischter der Meenung, datt een do kéint awer derogéieren, well een awer déi Proximitéit huet. Et huet een eng Connexion 200m méi wäit tëschen der Rue Jean Berchem an der Birenger Strooss an 300m méi wäit der Sydney Thomas Strooss och mat der Birenger Strooss, sou datt déi Connexionen och awer garantéiert sinn.

Wéi gesot, den Haaptaccès och bei dësem PAP, ech menge wann deen hei gestëmmt gëtt komme jo déi nächst Schrëtt, do musse mir d'Projets d'exécution jo maachen, awer fir dat hei ze soen, den Haaptaccès an dee Souterrain, an d'Garage gëtt iwwer d'Birenger Strooss gemaach sou datt am Fong keen zousätzlechen Traffic duerch de Quartier Brill generéiert gëtt. Dat war eis ganz wichteg an sou datt och déi Beem déi een an der Theis Strooss fënnt, datt déi och deemtspriechend erhale bleiwen. Mee et besteet natierlech eng Connexion vum den Haiser iwwer d'Theis Strooss, mee am Fong iwwer dee Wee gëtt am Fong näischt weider amenagéiert.

Dann, zu deem Volet vum der Cessioun, och dat fannt Dir hei erëm. Normalerweis ass et esou, datt an engem PAP virgesinn ass, datt een 25% cedéiert. Hei gëtt am Fong 4,9% cedéiert an dësem PAP a mir

sinn awer och op de Wee gaange fir eng Indemnité compensatoire hei ze froen. Engersäits kann ee jo drop verzichten. Dat Gesetz gesäit dat vir, da muss een dat kloer argumentéieren.

D'Cellule an hirem Avis weist eng Kéier drop hin oder et geet een am Fong hin an et hätt ee gären eng Indemnité compensatoire. Bon, déi hu mir och hei definéiert op 10,1%, esou datt et am Fong 15% ass wat global am Fong cedéiert gëtt. Deen eent iwwer den Espace vert an deen aneren iwwer d'Indemnitéit. Mir géifen déi Suen huelen, dat ass och dat wat am Gesetz virgesinn ass - fir eng Spillplaz z'amenagéieren, déi muss an direkter Proximitéit sinn oder am direkte Lien. Ech mengen, Dir wësst wann Dir vun der Birenger Strooss, do gëtt et jo de Moment en Amenagement vun engem klengen Park, dee weider awer net aus dem ganze Potential geschöpft ass, wou och e Sequoia steet an datt mir deen Areal, dat fannt Dir an Ärem Rapport hei rëm, datt mir deen Espace vert géife notze fir eng Spillplaz deemtspriechend ze aménagéieren.

Dat heescht, iwwer déi Indemnitéit, déi mir kréien, géife mir am Fong och eng Spillplaz amenagéieren déi dem ganze Quartier och gutt kënnt. Voilà, dat sinn déi Haaptpunkten hei ronderëm dee PAP. Also eng Rei Derogatiounen déi guttgeheescht goufen, e Projet deen eng privat Baulücken erschléisst, deen sech areit urbanisteschem an de Quartier Brill engersäits awer och zu der Birenger Strooss, well déi jo och am Fong charakteriséiert ass vun enger ganz Rei Maisons en bande.

Also e ganz ganz flotte Projet, deen hei agereecht gouf, deen och den Aval vun der Cellule wéi gesot kritt huet an ech hoffen och, datt en haut den Aval vum Gemengerot kritt, fir datt mir dann och déi nächst Etappe vun der Exekutioun kënnen deemtspriechend an Ugrëff huelen. Voilà, dat einfach mol de Projet am Fong presentéiert an elo ass d'Diskussion op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Et ass am Fong ganz einfach, mir widerhuelen dat wat Dir elo gesot hutt. Also déi ganz vill positiv Aspekter an dem PAP do dran. Fir d'éischt mol déi Manéier fir Baulücken ze schléissen, dat war och eng Fuerderung an eisem Walprogramm. Dann datt sech dat urbanisteschem ganz gutt areit, an datt do eng flott Mixitéit vun de Logementen ass, dat ass wierklech esouguer e ganz positiven Aspekt. An d'Recule ginn och agehal. Et ass alles an der Rei an sou, mir sinn



also voll domat d'accord. Mir fannen et och ganz gutt datt d'Beem mol eng Kéier verschount ginn hei zu Diddeleng, dat ass jo net onbedéngt Usus. Mir hoffen zwar datt och wann déi Spillplaz op d'Birenger Strooss kënnt, dee Sequoia dowéinst net leide wäert... Mee do loosse mir eis mol iwwerraschen...

Meng Froen sinn am Fong elo all beäntwert ginn an all déi Derogatiounen, déi do gemaach gi sinn, fanne mir all sënnvoll. Mir fannen dat heiten eng gutt Saach an e ganz flotte Projet a mir géifen et begréissen, wann där an Zukunft nach kéimen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Gangler fir d'Zoustëmmung fir de Projet. Den Här Garcia.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Och wann ech lech enttäuschen, mir wäerten dës Kéier engem Plan d'aménagement zoustëmmen. Och wann et net historesch ass. Ech hu just eng technesch Fro well ech scho säit 15 Joer net méi an der Bautekommis-sioun war: Do si jo 33 oder 34% gréng Fläch virgesinn. Wat ass d'Definitioun vu gréng Fläch? Ass dat datt et gréng ass, ass et egal ob do Wues ass, ob do dee Kierfechtkräsi drop ass mat engem Beemchen an der Mëtt oder ginn et do Kritäre vu Biodiversitéit?

Ech froen dat am Hibleck net nëmmen op lwwerschwemmungen, mee och op d'Veeraarmung vun der Biodiversitéit oder gëtt et do einfach eng Pauschaldefinitiou? Et ass zwar elo eng technesch Fro mee par ailleurs ginn ech dann d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun fir dee PAG.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Cathy Mambourg, Du kanns vläit dorop agoen?

CATHY MAMBOURG (ARCHITEKTIN VUN DER STAD DIDDELENG): Déi 30%, dat ass laut Bautereglement onverbaut, dat heescht do musse mir eng Derogatioun ginn. Hei ass zwar eng Gréngfläch virgesinn, dat ass den Opbau iwwer der Déifgarage déi och muss eng gewëssen Déckt hu fir datt do och reell eppes wisst an eng Retentioun och méiglech ass awer onverbaut ass et natierlech net. Dat heescht an dem Punkt, 30% onverbaut, deen een Drëttel dat ass net ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Soss nach weider Stellungnahmen oder Froen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, wéi gesot, mir schléissen eis och all deenen Aussoen do un. Mir sinn natierlech och dofir, vu datt e ganze Koup positiv Aspekter do verbounne sinn. Mir begréissen, datt rëm eng Baulück geschloss gëtt, dës Kéier sinn direkt zwou Stroosse beträff, engersäits zwee Appartementshaiser, op där anerer Säit fënnef Eefamilljenhaiser, wat 13 Wunnunitéite mécht op sou engem klengen Terrain vun 19 Ar, dat ass jo awer scho respektabel. Positiv ass och, datt keng Garagenentréeë bäikommen zu der Säit Rue Pierre Theis, doduerch och net méi Verkéier am Brill bäikënnt an dass eben dee gemeinsamen Accès zu der Route de Burange ass.

Positiv ass och, datt d'Lannebeem, déi ganz Rei do an der Rue Theis, geschount ginn. Ech wëll awer och dem Här Gangler soen, datt um Kräizbiereg, wou de Bauerenhaff Hoffmann ofgerappt gëtt, och do extra Oplage gewiescht si fir de Promoteur fir wäit genuch no hannen ze bleiwe fir datt och do kee Bam ewech geholl gëtt, an d'Beem och do geschount ginn. Also et ass net, datt dat do elo eppes neits wier. Dann ass och positiv nach déi Geschicht mat der Indemnité compensatoire wou mir also Sue kréie fir eng Spillplaz ze kreéieren an engem Quartier wou nach näischt weider ass. Also, alles an allem e gudde Projet dee mir approvüieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Zuang. Ech mengen elo huet e scho virgegraff, well effektiv dat do ass e Projet, wou mir grad jo kucken, datt näischt un d'Beem kënnt als pauschal ze soen datt déi u sech net géing gedroe ginn, dem kann een definitiv net zoustëmmen, Här Gangler, fir dat awer nach eng Kéier ganz kloer hei ze präzisieren. Dëst gesot, ech sinn awer frou, datt mir eng breet Zoustëmmung kréie wat dëse PAP ugeet. Dofir géing ech proposieren, datt mir zur Ofstëmmung sollten iwwergoen. Wien ass heimat averstanen?

Dat ass unanime.

Da soen ech dem Gemengerot Merci, an da kann natierlech och den Architektbüro Dagli, respektiv och den Här Eichhorn schonn um Projet weiderschaffen, fir datt mir dann och de Projet d'exécution an den nächste Wochen hei kënnen an de Gemengerot huelen, fir dann och déi nächste Etappen vum Projet an Ugrëff ze huelen. Wéi gesot, Merci och fir Är Präsenz dem Här Eichhorn wéi och dem Cathy Mambourg. Domatgéineg mir weider goen op de Punkt 7.



UNIVERSITÉ DU
LUXEMBOURG

7. APPROBATION VUN DER KADER-KONVENTION MAT DER UNIVERSITÉIT VU LËTZEBUERG AM HIBLÉCK OP DÉI WEIDER VERDÉIWUNG VUN DE RELATIONEN TËSCHENT DE PARTEIEN AN D'EXPLORATION VUN NEIE KOLLABORATIONSWEEËR

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Bei dësem Punkt vun eisem Ordre du jour geet et ëm d'Konvention vun enger Kader-Konvention mat der Uni Lëtzebuerg wou et virun Allem drëm geet eis Zesummenaarbecht tëschent der Stad Diddeleng an der Uni Lëtzebuerg engersäits ze festegen respektiv kloer auszubauen. Bon, dës Zort vu Konvention, et muss ee soen, datt dat am Fong eng Première ass, well et ass déi éischt Konvention déi d'Uni Lëtzebuerg mat enger Gemeng huet. Prinzipiell ass et jo eng Tradition, datt déi Uni an der Gemeng wou si fir d'éischt Mol eng Chaire huet. Et ass wierklech eng Première am Land, datt am Fong d'Institution vun der Uni sech mat enger Stad bënnt an hei ebe mat der Stad Diddeleng.

An dat heite schreift sech och an an d'Schäfferots-erklärung, wou mir gesot hunn, datt mir am Fong en Ausbau vun der Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg wélten hunn, an och an deem Kontext, déi wëssenschaftlech Recherche wëlle weiderdreien, natierlech engersäits d'Uni an hirem Kader awer och wëssenschaftlech Recherche wat eben och d'Stad Diddeleng ugeet an ech mengen, datt dat e ganz wichtegen an och flotte Moment ass, grad well d'Uni hei am Süden ass an d'Uni zu der Wëssenschaft bäidréit an och de Süden awer eng Region ass déi am Wandel ass an ech mengen dat doten eng Rei Efforten sinn, déi mir och als Stad Diddeleng an Ugrëff huelen, wéi gesot mat hinnen zesummen.

Dir wësst, datt d'Kollaboration déi mir bis dato mat der Uni haten, sech natierlech un Infrastrukturen engersäits orientéiert huet mat Studentewunnengen déi mir virun e puer Joer ageweit hunn, mat der Maison

des Chercheurs, déi elo amgaangen ass, datt mir deelweis och punktuell Aarbecht oder Zesummenaarbecht hate mat der Uni Lëtzebuerg, sief et mol Masteraarbechten iwwer déi Aarbecht vun der Niddeschgaass, déi Ausstellung déi mir hei haten, awer och mol Unisklassen déi op Diddeleng kommen oder awer och rezent Zesummenaarbecht respektiv déi sech iwwer eng gewëssen Zäit zitt, mee déi rezent awer och Ausstellungen iwwer den Éischte Weltkrich am Centre Doc am Thema vun der Migratioun, am Fong dat Thema ass wat am Moment tëschent der Uni an der Stad Diddeleng ganz staark am Fokus steet, well mir och historesch säit de 90er Joeren hei de Centre de documentation sur les migrations humaines hunn, och eng punktuell Zesummenaarbecht tëschent der Uni an der Stad Diddeleng, mir hate virun iwwer d'Schoulorganisatioun geschwat, iwwer déi Studenten déi hiren Unistage als zukünfteg Enseignanten hei an der Stad Diddeleng maachen.

Also, eng ganz Rei Zesummenaarbechten, déi mir schonn hunn, déi bestinn, éischter punktueller Natur sinn an hei geet am Fong iwwer déi Konvention hei drëm déi Zesummenaarbecht auszubauen, respektiv och ze konsolidéieren a mir sinn am Fong de par et d'autre higaangen, datt mir Themenfelder zesummen definéiert hu wou ee kann och an deene nächste Joeren eng Zesummenaarbecht deemtspriechend hunn. Dat sinn natierlech Themenfelder déi mir hei als Stad Diddeleng definéiert hunn, déi och spezifesch sinn zu der Stad Diddeleng, dat ass deen ee Volet. Den anere Volet ass awer och gekoppelt mat der Recherche oder mat den Unités de recherche, déi och d'Uni Lëtzebuerg huet a wou si natierlech déi Themen déi mir hei definéiert hu kënne ofdecken, och dee néidegen Know-how hunn an déi Unitéiten och Chercheuren hunn, sou datt dat am Fong eng Win-Win-Situatioun ka sinn a natierlech och déi Ausrichtung déi ka sinn, datt mir als Stad Diddeleng, wa mir Themen hunn iwwer déi solle gefuerscht ginn, déi kënnen un d'Uni erun droen, respektiv awer och d'Uni déi bei enger ganz Rei Appelle matmaachen am Kader vun hirem Développement vun der Recherche awer och mengen ech do un d'Stad Diddeleng denken a Funktioun vum Thema wou si och d'Appellen deemtspriechend riichten.

Wéi gesot, eng ganz flott Synergie, déi de part et d'autre ka gemaach ginn. Bon natierlech hei ass den Ufank, d'Konvention ass den Ufank wou mir dat heite festegen. An et gëllt natierlech och an deenen nächste Wochen a Méint méi konkret op deenen Themen ze schaffen an och déi ze definéieren. Bon, bei der



Konventioun, déi Dir hei virleien hutt gesitt Dir och, datt och schonn d'Uni vun hirer Säit aus dëser Konventioun gréng Luucht ginn huet. Dat e bësselche méi déi generell Consideratiounen an de Kader an deen sech dës Konventioun areit. A wann ech elo e bësselche méi an den Detail vun der Konventioun aginn, wat ass dat wat am Fong engersäits dann d'Stad Diddeleng mat der Uni bënnt a wéi gesot d'Uni mat der Stad Diddeleng?

Wat sinn am Fong déi Themenfelder, déi mir hei definéiert hunn? Ma déi Themenfelder, dat ass engersäits wat d'Rechercheprojeten hei ugeet. Dat ass engersäits natierlech alleguerten déi Diskussiounen ronderëm d'Migratioun au Sens large, awer och dee ganze Volet ronderëm d'Borderstudies, alles wat den Transfrontalier och ass. Borderstudies ass och e neien Themeberäich bei der Uni Lëtzebuerg, mee huet och mat de Migratiounen ze dinn, mat de Fluxen, mat de Mouvancen, also en Themeberäich dee mir ofdecken.

Dann awer och dee ganze Volet ronderëm Photographie a Kino respektiv Audiovisuel. Do hu mir och en Departement op der Uni deen dat mécht, mir hunn hei zu Diddeleng den CNA an d'Stad Diddeleng déi och zesummeschaffen. Also och do aner Acteure mat eranhuelen an déi Zesummenaarbecht.

Mir hunn awer och dee ganze Volet ronderëm den Developpement an den Aménagement urbain. Och dat gëtt et op der Uni Lëtzebuerg a fir Recherche ass awer kierzlech och en Architektendepartement opgaangen. Och dat ass en neie Moment bei der Uni Lëtzebuerg, also och do probéieren Synergien ze schafen.

Dann de Secteur vun der Logistik, Dir wësst datt op der Uni et och de Master vun der Logistik gëtt, respektiv an Zesummenaarbecht mam MIT. Diddeleng huet den Eurohub Logistikszenter, also och do Synergien déi kënnen entstoen, also och do Saachen, déi ee ka mat eranhuelen.

Mir hunn e Centre fir Technologies de la santé, dee ganze Volet ronderëm LNS, ronderëm IBBL, déi och selwer Recherche bedreiwen, dat gëtt et awer och op der Uni, also och déi Acteure mat eranhuelen, respektiv awer och de Volet vum Enseignement, wou ee kann och zesumme schaffen an do hu mir och niewent de Stagiairen awer och am Kader vum Bildungshaus Lenkeschléi d'Geleeënheet fir mat der Uni.lu zesummeschaffen.

Dat sinn am Fong déi sechs Themefelder déi mir definéiert hunn awer och nach eng aner Rei Elementer déi mir rageholl hunn. Natierlech ass d'Uni Lëtzebuerg e Partner wat Kulturhaapstad 2022, ech mengen och dat ass eng Zesummenaarbecht déi souwisou scho gefestegt ass iwwer d'Asbl respektiv och e Vertrieder vun der Uni an der Asbl 2022 dran ass, mee dat hei awer och e Moment ass, wou een dat hei nach eng Kéier ka kloer drasetzen.

Dann awer och kucken, et war och eng kloer Demande vun der Uni, si organiséieren eng ganz Palette vu Konferenzen, datt si och déi kënnen an der Gemeng Diddeleng ubidden, dat heescht och d'Iddi vum Belval, an de Gemengen, hei als Partnergemeng Diddeleng eng ganz Rei Konferenzen ubidden, déi éischter fir de grand Public sinn.

Dat hate mir scho virun dräi Joer, do gouf et esou eng Konferenz, déi mir deemools zesumme mat der Uni Lëtzebuerg gemaach haten, an dat dann elo iwwer dës Konventioun festegen. Bon, dann awer och opmaachen, datt mir Stagiairen hei forméieren dans la mesure du possible. Am Enseignement maache mir dat, wann et awer och aner Méiglechkeete ginn, ma da soll een dat och préiwen, datt ee Stagiairen hei vun der Uni Lëtzebuerg kann ophuelen an datt mir natierlech och weider kucken, datt mir de Wunnengspark wéi gesot, wat infrastrukturell bedéngt ass, datt mir natierlech och do kucken dat weiderzedreiwen.

Ech hat virdru jo geschwat iwwer d'Studentewunnengen, respektiv d'Maison des Chercheurs, déi awer och am Kader vum Projet NeiSchmelz, och do nach weider Synergien entstinn, mat der Uni Lëtzebuerg och weider Studentewunnengen zum Beispill dann och ka weider féieren. Dann natierlech awer och oploossen, wann d'Uni Lëtzebuerg un eis eruntrëtt fir eng Rei Manifestatiounen niewent de Konferenzen, also aner Manifestatiounen hei um Territoire vun der Stad Diddeleng ze maachen, datt mir dat natierlech zesumme préiwen an analyséieren a kucken ënnert wéi enger Form mir dat kënnen ëmsetzen. Ob dat wëssenschaftlech Manifestatiounen sinn, kulturell Manifestatiounen, sportlech Manifestatiounen oder aner Manifestatiounen, mengen ech datt mir do eis e Spektrum gi vun eiser Zesummenaarbecht an och deementsprechend opmaachen.

Fir dat doten alles ëmzesetze brauch een natierlech och Budget. Ech hu gesot, datt mir an deene nächste Wochen tëschent deene verschidden Themenfelder méi am Detail wäerte kucken. Natierlech, wa mir gären



Demandeur si fir eng wëssenschaftlech Zesummenaarbecht oder datt iwwer verschidden Theme gefuerscht och gëtt hei zu Diddeleng, wa mir do e bësselchen Usaz ginn, brauche een natierlech och Budget an do musse mir dann e Budget zur Verfügung stellen. Et si sécherlech hei Projeten, déi 2018 net wäerte statt fannen, wann dann ass et en vue vun 2019 an hei och schonn op de Wee gi fir e Kredit zur Verfügung ze stellen vun 20.000 Euro fir d'Joer 2019.

Dat ass e Budget wou sécherlech mol eng Masteraarbecht ka gemaach ginn, et ass virun allem awer och e Budget wou en Doktorand drop ka schaffen. Also, hei ass e Montant, dee mir mat der Uni ofgekläert hu fir datt mir och déi néideg Moyenen zur Verfügung stelle fir och verschidde Fraisen ofzeddecken am Kader vun enger gemeinsamer Zesummenaarbecht. An d'Iddi ass och natierlech, datt mir am nächste Budget dee Montant erëmfannen, well hei geet et net ze soen eng eemoleg Zesummenaarbecht 2019, mee dat soll am Fong och weider gefouert ginn.

Dës Konventioun hu mir einfach elo mol festgehale fir dräi Joer, an dann natierlech soll et vu Joer zu Joer deementspreechend erweidert ginn, an an engem 5. Artikel wéi gesot och virgesinn, dat een natierlech dës Konventioun och kann resiliéieren, wat mir natierlech net wëllen, mee op alle Fall kënne mir och en cours de route de adaptéieren oder nach aner Themeberäicher derbäihuelen.

Mir hunn e elo mol dat ofgedeckt, wat eis wichteg geschéngt huet an der aktueller Situatioun mee et ass sécher méiglech de part et d'autre nach aner Themenfelder mat eran ze huelen. Voilà, dat e bësselchen iwwer dat wat de Contenu ass vun dëser Konventioun. Also wierklech hei den Ufank vun enger ganz wichtiger Zesummenaarbecht, déi mir mat der Uni hunn, wou mir eis e formellen awer och ganz kloer definéierte Kader gi vun enger wëssenschaftlecher Zesummenaarbecht an awer och iwwer den Austausch, deen ee ganz kloer hei méi an de Fokus setzt tëschent der Stad Diddeleng an der Uni Lëtzebuerg. Voilà, dëst wéi gesot, mengen ech sinn ech hei op d'Konventioun agaangen an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Et ass wéi Dir gesot hutt, am Reale kollaboréiere mir jo scho mat der Uni. Wéi gesot, mir hunn eist Studentenhaus, Dir hat scho virdru gesot gehat, wat mir der Uni zur Verfügung stelle fir d'Studentenhaus mat Liewen ze fëllen, a mir

hunn d'Doktorandenhaus, d'Maison des Chercheurs a wéi Dir och scho gesot hutt, mir hu jo och scho mat hinnen zesumme geschafft, eben d'Stagiären an de Schoulen, déi komme vun der Uni. An och effektiv déi Ausstellung iwwer den Éischte Weltkrich, dat war och en Zeechen vun der excellenter Kollaboratioun och mat Institutionen déi schonn zu Diddeleng sinn, wéi de Centre Doc.

Ech hu just eng Fro: hei sinn elo an der Konventioun, wa mir dat esou liesen Secteur Logistique, Secteur des Technologies pour la Santé, mat deene soll zesummegeschafft ginn. Dat si jo awer och extern Anbieter, dat ass de Staatslabo, dat ass den IBBL, dat ass de Logistikszenter. Leeë mir eis do net ze wäit aus der Fënster wa mir soen, ma lauschter hei Diddeleng, mir maachen datt dat klappt, datt hei kann zesumme schaffen oder, zum Beispill, datt Dir elo kënnt en Doktorand hischécken oder eng Masteraarbecht maachen, gi mir do net e bësselchen iwwer eis Méiglechkeeten eraus? Dat war just eng Fro, déi ech mir stellen a wou ech mir e bësselche Suerge maachen, datt dee Saz deen hei steet, "La ville de Dudelange s'engage à favoriser..." an sou weider, "aussi des manifestations scientifiques, culturelles, sportives ou autres de la part de l'Université du Luxembourg". Et ass virun allem dat "sportif" wat mech e bësselche beonrouegt, well mir wëssen um Site Belval ass en immense Mangel u Sportsinfrastrukturen an net datt mir elo soen, wa mir elo hei déi Konventioun ënnerschreiwen, datt dann hei d'Uni seet, ma lauschter hei muss Dir eis dann och Är Sportshalen, déi bei eis scho méi wéi ausgelaascht sinn oder eis Schwämm déi och méi wéi ausgelaascht ass zur Verfügung stelle fir Horairë fir d'Uni zur Verfügung ze stellen. Dat ass vläit eng kleng Iwwerleeung wou ee vläit dat nach eng Kéier muss kläre mat der Uni, net datt si elo soen, ma lauschtert, Dir hutt déi Konventioun gemaach mat eis, elo wëlle mir och an Är Hale kommen. Dat denken ech muss een awer e bësselchen differenzéiert kucken. Hei steet jo och nach eng Kéier "étudier la possibilité d'étendre le parc de résidence universitaire", wéi gesot, ech denken do hu mir eist och scho gemaach, Neischmelz ass sécher eng Optioun. Ech denke mir hu méi néidegen soziale Wunnengsbau hei zu Diddeleng ze schafen.

Ech denken awer och, datt een elo als Diddeleng kéint eng Virreiderroll spillen andeems een zum Beispill Wunnengsgemeinschaften, WGen, iergendwéi promovéiert, wann een dat dann an eist Gemeindegesetz ophëlt,



datt een dat ka maachen, well ech weess, zu Lëtzebuerg ass jo e grouse Problem wann s de zu méi wëlls op enger Adress gemellt sinn, dat ass an eise Reglementer net virgesinn. Datt een do zum Beispill eng Virreiderroll kéint spillen, dat géng eis och gutt zu Gesiicht stoen an dat géng och ville Studenten entgéint kommen, well wann se elo net an engem Studentenhausënnerdach kommen, fir op deem normale Marché einfach sou eng Wunneng ze lounen, dat geet net gutt. Mee do kéinte mir vläit eng Virreiderroll spillen a genausou och Méigeneratiounen haiser promovéieren, wou mir da mat Studenten natierlech vun der Uni och kéinten e flotte Mix vun enger Populatioun kréien. Also, virun allem meng Suerg ass déi Geschicht mat der Mise à disposition des locaux pour des manifestations sportives, mee soss am grouse Ganze fanne mir dat hei awer eng ganz gutt Saach. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kayser. Nach weider Stellungnahmen? D'Martine Kohn an duerno den Här Garcia.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Mir begréissen als LSAP och ausdrécklech dës Konventioun mat der Uni. lu., eng Konventioun, déi iwwer dräi Joer soll hei lafen, an och scho mat 20.000 Euro fir 2019 budgetiséiert ass, sou datt näischt dru sollt feelen, fir datt et direkt kann ulafen. D'Uni huet sech op de Fändel geschriwwen: Méisproocheg, international a forschungsorientéiert, dat kéint ee bal sou och op Diddeleng uwennen, méisproocheg, international, zukunftsorientéiert, deem seng Dynamik iwwer seng Grenzen eraus bekannt ass a sech sou grad fir eng Zesummenaarbecht mat der Uni ganz gutt ubitt.

Dat am Beräich Migratioun, wéi gesot duerch eis Musée, eng onugefachte Plaz hei an der Landschaft hei zu Lëtzebuerg hunn. Kultur, ob dat elo Fotografie, Film oder och d'Kulturjoer Esch 2020 ass, am Beräich Urbanismus natierlech, ech mengen eise neie Quartier Nei Schmelz, den eng ideal Bedingung duerstellt fir an dem Beräich ze fuerschen, well dat ass jo net sou oft, datt e ganze Quartier sou erschloss gëtt, an dat ass sécher och fir d'Universitéit vu grousem Wäert. Am Beräich Logistik a Mobilitéit, well och do bitt sech hei dee neie Quartier un, an iwwerhaupt d'Erausforderungen vun esou enger mëttelgrousser Stad wéi Diddeleng ass sécher Etüden dorëms Wäert, dovu kënne mir och nëmme profitéieren. Technologien am Gesondheetssektor - last but not least - och am

Enseignement, well Diddeleng mat sengen 20.800 Awunner a sengen 107 Nationalitéiten hei eng regelrecht Fundgrube fir Wëssenschaftler duerstellt.

D'Uni.lu ass grad sou dynamesch, sicht den Austausch mat der Gesellschaft, de Lycéeën an de Bierger an dofir ënnerstëtze mir dat voll a ganz sief et duerch - wann et nëmme méiglech ass - d'Zurverfügungstelle vu Lokaler fir hir Fuerschungszwecker an och hir Konferenzen, an d'Schafen, natierlech wann et nëmme geet, vu Studentewunnengen, d'Zesummenaarbecht mat an och d'Formatioun vun Stagiairen vun der Uni selwer. Dës Konventioun weist déi Win-Win Situatioun erëm, déi sech hei bitt. Diddeleng wënnt a léiert an dëser Zesummenaarbecht, et erlaabt eis e kompetenten an en onofhängege Bléck och vu baussen ze gewanne fir eng Kéier sou op Diddeleng ze kucken an do dovun ze profitéiere wat vläit bei deenen Etüden erauskënnt. Interessant also, a wichteg, e flotte Projet, an an Zukunft musse mir dann eise Slogan emännere: Dudelange, on dirait l'Université.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Martine Bodry-Kohn. Weider Stellungnahmen? Den Här Garcia.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Gutt, ech mengen et ass alles gesot a mir loosse eis ganz gären vun der offensichtlicher Begeeschterung vum Buergermeeschter ustiechen an ech stinn natierlech och hannert all deene Projeten. Vläit eng kleng Fro, et ass keng Fro, et ass eng Froestellung fir an Zukunft. Ech mengen d'Bereetschaft vun Diddeleng ass jo offensichtlech an d'Bereetschaft vun der Universitéit och, mee d'Universitéit kënnt jo och e bësselchen aus engem finanziellen

Tunnel eraus a besonnesch an deene sozialwëssenschaftleche Beräicher gouf et jo an der Vergaangeneheet e bëssen Enkpäss souwuel wat d'Finanze betrëfft wéi och d'Personal, an do ass sech ze wënschen, datt an Zukunft dann och déi betraffe Fakultéiten déi Moyenen hu fir déi Projeten zu Diddeleng vun hirer Säit aus ze maachen, dat ass deen eenzege Bemol, deen ech do gesinn, mee ech fanne soss dee Projet immens gutt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Zoustëmmung. Ech géif vläit opgräifen, datt grad effektiv d'Sozialwëssenschafte ganz oft den Département pauvre par rapport zu aneren Departementer wéi Economie oder Droit sinn. Bon, ech mengen, datt mir hei awer mam Volet



Migratioun en Deel vu Sozialwëssenschaften ofgedeckt hunn a sécherlech nach op si fir aner Synergien, déi an dem dote Kader kënnen sinn, well effektiv och Geschicht zu Sozialwësseschaften gehéiert, en Deel dovunner an dat ass wéi gesot net exklusiv.

Da wëlle ech awer vläit op déi Froen, respektiv Remarque vun der Madame Kayser agoen. Dat hei ass jo eng Konventioun, si mécht de Lien tëschent der Stad Diddeleng an der Uni. Ech mengen, dee Kader ass kloer, dat hënnert awer net, datt aner Acteuren, wann d'Projeten sech deceléieren, interessant kënnen sinn, déi Acteuren sinn och fräi mat dra sinn, datt een déi mat bäizitt. Mir liéieren eis hei net mat aneren Etablissement-publicen, mir liéieren eis virun allem mat der Uni, an an deem Sënn gëtt hei net ze vill wäit ausgeholl. Wann herno Synergie méiglech si mat aneren ëffentlechen Acteuren, wéi déi déi mir hei elo genannt hunn, ma dann ass dat och eng Plus-Value fir e Projet, deen ee ka gemeinsam ëmsetzen a wann se net derbäi si well de Projet eng aner Nues huet, da mengen ech ass et och an deem Sënn gutt.

An deen anere Volet mat de Sportsaktivitéiten, deelen ech net déi Meenung, datt mir elo hei e feste Programm der Uni mussen zur Verfügung stelle fir Sportsaktivitéiten. Mir wëssen, et ass jo méi wéi eng Kéier diskutéiert ginn, datt effektiv Sportsinfrastruktur Mangelware sinn um Belval, awer wann hei mol eng Kéier eng sportlech Aktivitéit soll kënnen stattfannen vun engem méi groussen Charakter, ech mengen do stelle mir gären, en fonction vun den Disponibilitäten déi mir hunn, dat soen ech awer och hei ganz kloer, eis Sportsinfrastrukturen, respektiv eis kulturell Infrastrukturen zur Verfügung.

Ech mengen, et ass kloer, datt déi ofgedeckt si mat deene Prioritéiten, déi mir eis ginn hunn. Wann an dem Kader vun de Prioritéiten, déi mir eis ginn, och nach Sputt bleift fir Aktivitéite wou d'Uni un eis eruntrëtt, ech mengen, datt mir dat gäre mat ophuelen, mee wéi gesot d'Programmation muss dat deementsprechend och hierginn. Dofir ass hei och kloer, Manifestatiounen, dat ass ëmmer punktuell, et huet keen durable Charakter. Dat ass awer och déi Lecture, déi ech ganz kloer heivunner maachen, soss hätt mir dat anescht kéinte formuléieren. Voilà, dat zu deene verschiddene Remarques. Bon, ech mengen dat anert iwwer wéi een de Wunnensbau mécht, do kann ee gären an eng Richtung kucken, dat ass dann och mat hinnen ze kucken.

Dëst gesot, da géing ech proposéieren, datt mir zu der Ofstëmmung komme wat dës Konventioun ugeet. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech och dem Gemengerot Merci dofir a freeën eis op d'Zesummenaarbecht respektiv wäert ech lech och um Courant halen iwwer déi Projeten, déi mir hei dann zesumme kënnen ëmsetzen. Da gi mir weider.

8. ERDEELE VUN ENGER AUTORISATION FIR DE BUEGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT FIR VIRU GERIICHT OPZETRIEDEN AN ENGER AFFÄR VU VERSTOUSS GÉINT D'BESTËMMUNGE VUM GESAMTBEBAUUNGSPLAN ZU DIDDELENG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Do hu mir hei en Dossier virleie wou mir hei de Gemengerot froen, ob mir virun d'Gericht kënnen zéien vis-à-vis vun engem Diddelenger Awunner, deen am Fong illegal eng Dépendance am Fong opgebaut huet als Wunnhaus. Dir gesitt an Ärem Dossier, datt dat heiten och eng Situatioun ass, déi schonn eng länger Zäit undauert.

Ech mengen, datt och do schonn Demandë waren, dat ass e Projet scho vun 2009 un, wann een e bësselchen den Historique mécht, wou eng Demande gemaach ginn ass fir eng Unité d'habitation an der Tattebuerger Strooss vum Här Queiros Do Valo, do huet en och 2009 e Refus kritt, datt dat net méiglech ass. 2011 huet en eng nei Demande gemaach fir nei Fënsteren. Do huet e gréng Luucht kritt. Wéi effektiv eis Servicer 2013 e Contrôle gemaach hunn, hu mir festgestallt, datt am Fong an der Dépendance hannert dem Haus deementsprechend wunnen an doropshin si mir higaangen als Stad Diddeleng a mir hunn eng ganz Rei Reuniounen deemools 2013 an 2014 gehat, Courrië verschéckt wou mir gesot hunn, datt hien sech dem Bautereglement misst konfrontéieren.



Ech mengen, dat ass eng gängeg Prozedur, datt mir fir d'éischt probéieren, d'Leit awer ze raisonnéieren, datt si d'Situation rëm solle réckgäweg maachen. Vu datt awer do eng Fin de non-recevoir war vun der zoustänneger Persoun, si mir 2015 higaangen a mir hunn eng Plainte gemaach beim Parquet. Ech mengen Dir hutt de Courier virleie mam ganzen Historique vum Dossier a mir hu wéi gesot 2018 hei e Courier kritt vum Parquet, wou mir dann och de Message mat op de Wee kruten, datt de Parquet, déi jo decidéiere kann iwwer d'Opportunité des poursuites, datt en där Saach och no geet. Ech muss och just soen hei, datt déi éischt Audience vum 11. Mee vertagt ginn ass, well deen Datum der Partie adverse net gaangen ass, mee op alle Fall, wa mir elo op de Wee ginn, souwisou de Schäfferot kann zu all Moment eng Plainte maachen. Wann d'Affaire awer opgegraff gëtt vum Parquet fir et op d'Gericht ze bréngen a vu datt mir d'Plainte gefrot hunn, brauche mir natierlech gréng Luucht vum Gemengerot fir dann och kënnen en Affekot engagéiere fir eis kënnen um Gericht ze verrieden. Dat ass am Fong d'Autorisation pour agir en justice, sou wéi am Fong och d'Gemeengesetz et vir gesäit.

Ech wier dem Gemengerot ganz dankbar wa mir och gréng Luucht géife kréien, well ech kann lech awer och soen, datt mir op enger ganzer Rei Dossieren, wou mir als Schäffen, respektiv ech als Buergermeeschter Plaz gemaach hu fir Situatiounen, wou d'Bautereglement net respektéiert gouf, mir och eng Rei Courriere vum Parquet kritt hu wou d'Affaire klasséiert gouf, sans suite.

Bon, wéi gesot et ass d'Opportunité des poursuites, déi dat decidéiert, de Parquet wéi gesot alleng, wou een awer weess, datt Situatiounen och do sinn, déi klasséiert ginn, net konform sinn zu Bautereglementer. Wa mir hei schonn eng Kéier eng Affaire hunn, wou awer ka poursuiviéiert ginn, wier ech frou wa mir do eng Zoustëmmung géinge kréie fir och déi néideg Demarchen ze maachen. Wat herno dobäi eraus kënnt ass eng aner Saach. Mir hunn op all Fall alles hei gemaach, wat mir konnte fir d'Leit ze raisonnéieren, fir d'Situatioun an de pristin état zeréckzeversetzen, wann d'Leit awer net wëlle maachen no dem PAG, da musse mir eben aner Moyenen a Bewegung setze fir datt et sou wäit kënnt. Voilà, dat zu der Erklärung wat dësen Dossier ubelaangt. D'Diskussioun ass op.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Also, mir déi Léink ënnerstëtzen natierlech déi Geriichtsaffaire wann Dir dohinner gitt. Éischtens mol hu mir e Bauteregle-

ment, dat fir all Mënsch gëllt. Mir stellen eis awer verschidde Froen. Déi Leit déi elo schonns an dem Haus wunnen, et ass am Fong e Schapp den hannert dem Haus steet, wat geschitt mat deenen? Dat ass mol eng vun de Froen. Dann, hate mir elo direkt geschwat vun verschidde Litigen, déi an Diddeleng sinn. Ech wollt mol froen ob et do e Suivi gëtt an och ob e Listing besteet an op déi Litigen och kënne verjähren? Dat heescht wann elo 20 oder 30 Joer näischt gemaach gëtt, ass et da sous-entendu, datt et accordéiert ass? Merci.

SYLVIE ANDRICH DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen a Gemengerot. Hei ass bal eng historiesch Saach, géing ech soen, well un eng Geriichtsaffaire am Bauteberäich hei zu Diddeleng kann ech mech net erënneren an all deene laange Joere wou ech hei am Gemengerot sinn, an dat sinn der bal 17, datt mir do eng Geriichtsaffaire wierklech duerchgezunn hu fir d'Netanhale vun enger Baugenehmung. Also dat steet guer net a Fro fir eis als CSV, datt déi heiten Affaire berechtigt ass. Et ka jo effektiv net sinn, wann ee baut oder bäibaut, datt dat kann illegal sinn ouni Genehmigung, jiddefalls theoretesch.

Mee ech ka mir awer och net virstellen, an den Här Buergermeeschter huet jo gesot et wäere scho Litigé gewiescht, well an deene vergaangene Joere si jo awer ëmmer mol Saachen, dat héiert een och genuch dorëmmer, datt Leit sech net un d'Baugenehmung halen an dofir stellen sech an deem heite Beräich iwwer déi Affaire ewech eng Rei prinzipiell Froen, wat notament d'Virgoe vun der Gemeng hei a sou Fäll ubelaangt, géing ech mir erlabe fir do e puer Froen ze stellen.

Déi heiten Affaire geet jo elo op 2009 zrëck. Et ass scho gesot ginn, dat ass bal 9 Joer an et ass esou, datt deen zoustänneg Fonctionnaire deen dat festgestallt huet, dat 2013 gemellt huet, dat läit also schonn 5,5 Joeren dee Moment zrëck. Och de Statut gesäit dat jo vir vum Beamten, datt en och mellit wann en eppes Illegales feststellt, an dësem Fall keng Baugenehmung. Mee meng Fro hannendrun ass dann, no wéi enger Prozedur fiert den Här Buergermeeschter wann de Fonctionnaire sou eng Meldung mécht? Ginn do de Beamten de Réck gestäipt? Ass och déi Prozedur fir all Bierger d'selwecht?

An och, no wéi engem System ginn d'Kontrollen insgesamt organiséiert vum Bauteservice aus? Ass



et do de Buergermeeschter, deen do Direktive gëtt no deene gefuer gëtt? Also zum Beispill, wéi oft? Gëtt dat no Quartier gemaach, ginn do Stéchprouwe gemaach oder gëtt gewaart bis eppes Illegales do steet an dann réischt reagéiert? A wat mech och nach géing interesséieren, wéivill Fäll et vun Netanhale vu Baugenehmegungen et gi sinn a vum Gemengeservice zum Beispill gemellt gi sinn? Dat misst jo iergendwéi statistesch erfaasst sinn, wéivill dat der waren an deene leschte Joeren. Ginn och Fäll, zum Beispill, vu Leit vu bausse gemellt, also vu Bierger vu baussen? Wéi gëtt domat ëmgaangen?

An dann eng aner Fro och, wéivill vun deene Fäll wou da konstatéiert gi sinn sinn op d'Gericht gaangen? Den Här Buergermeeschter huet eis erklärt, de Parquet huet natierlech d'Opportunité des poursuites, mee mir missten awer och do statistesch Angaben hunn, wéivill Fäll d'Gemeng an deem Fall viru gereecht huet a wéi gesot, och op wat fir enge Kritären déi da baséiert hunn, respektiv wéivill Demarché ginn do virdru gemaach fir de Bauhär ze sensibiliséieren, datt e vum selwen dodrop ageet. Ass do och ëmmer déi selwecht Prozedur virgesinn?

An dann nach eng lescht Fro och: Wat maache mir mat esou Fäll, wou d'Bautereglement einfach gebrach gëtt awer ouni datt emol iwwerhaupt eng Baugenehmegung ugefrot ass? Mir hu jo eng Trace an der Gemeng wann eng Baugenehmegung erakënnt, mee et ginn awer och Fäll, déi engem zougedroe ginn, wou einfach ouni Baugenehmegung eppes gemaach gëtt, sou Motto "Ah wann ech net gesi ginn, da kommen ech vläit do derduerch". Hu mir do och e Mechanismus wéi mir dat kënne kontrolléieren? Bon, et ass net fir näischt, ech mengen d'CSV huet an deene leschte vergaangene Joeren ëmmer gefrot, datt mir onbedéngt eng Baute-polizei hei kréien, well et ass net fir d'éischt, datt mir mat esou Problemer konfrontéiert sinn an ech wier och ganz frou, wann de Gemengerot do kéint an aller Transparenz hei déi richteg Informatioun kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madame Andrich fir hire Froekatalog. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Da géing ech op déi verschidde Punkten agoen. Ech géing mam Här Jadin ufänken. Mat deene Persounen, déi elo do wunne geschitt de Moment jo mol näischt. Mir froen eis hei elo mol d'Genehmegung fir viru Gericht ze zéien an da gesi mir wat d'Gericht decidéiert an e fonction vun der Decisioun vum Gericht, muss dann och gehandelt ginn. Do kënnen natierlech déi concernéiert och

nach eng Kéier an den Appel goen. Voilà, ech mengen de Moment geschitt mat deene Leit déi do wunnen deementspriedend näischt. Mir hu konstatéiert, datt et net konform ass par rapport zum PAG an an deem Kader handele mir deementspriedend och.

An dann och déi Saach, déi d'Madame Andrich ugeschwat huet, ech denke beim Här Jadin ass dat ëmgedréint. Bon, mir hu jo ee Baute-polizist, deen um Terrain aktiv ass an dee konzentréiert sech op eng ganz Rei Saachen, engersäits pro-aktiv, well en effektiv an d'Quartiere geet a Saache gesäit, respektiv awer och Saache gemellt kritt vu Bierger an sech da sur place begëtt fir sech och e Bild ze maachen, wat deementspriedend och geet, well mir Situatiounen hunn, wou d'Leit och mol bauen ouni Autorisatioun, ech kommen herno nach eng Kéier dorop zrëck. Dat heescht, mir hunn e Baute-polizist, deen dat system-atesch kucke geet. Ech meng dat äntwert op d'Froen vum Här Jadin, wann ech mech net ieren, dat waren déi zwee Punkten, respektiv déi Prozedur par rapport zu engem Litige, wou Dir gestallt hutt, d'selwecht wéi d'Madame Andrich, mir hunn eng gewësse Prozedur.

Wa mir konstatéieren, datt een sech net un d'Baute-reglement geschriwwen huet, da schloe mir jo net direkt mam Hummer drop. Mir soe ganz kloer, schreiwen déi Leit och u fir ze soen si solle sech konforméiere par rapport zum PAG, respektiv sech mol bei der Gemeng solle melle fir z'erkläre wat si do gemaach hunn an dann deementspriedend gesi mir se an da gi mir hinnen eng ganz Rei Modifikatioune mat op de Wee. Si kréien och nach en Delai fir sech ze konforméieren, dat maache mir oft an enger Reunioun. Dono kënnt och nach e Courier, wou mir hinnen dat matdeelen. A wann si sech och an deenen Delaien net konforméieren, dann huele mir de Wee, datt mir eng Plainte maache mat all deene Konsequenzen, déi dat da kann hunn, entweder et kënnt op d'Gericht a kann deementspriedend klasséiert ginn, wat awer net hei gesot ginn ass, mee wat ganz oft de Fall ass, datt mir Projeten refuséieren, wou d'Leit och Recours op de Refus kënne maachen, respektiv eis och op d'Gericht huelen. Do brauche mir natierlech keng Autorisation d'ester vum Gemengerot, mee der Situatioun gëtt et jo och deementspriedend, datt mir da virun den Tribunal administratif och mussen.

Et ass natierlech esou, datt wa mir Saache konstatéieren, do huet den Service natierlech eng gewëssen Disziplin, wou mir eis déi Saachen notéieren an déi Saachen dann och um Radar sinn.



Dat gëtt da regelméisseg kontrolléiert, wou mir och gemeinsam ofschwätzen respektiv a Sitzunge kucken, wéi mir Saache kënnen nogoen, respektiv dann och decidéieren, en fonction vun der Situatioun ob Folge geleescht ginn ass an deementspreechend dann och eng Plainte maachen an dat och an Zesummenaarbecht mat eisem Affekot. Wéi gesot, wat mir virdrun ëmmer probéieren, dat ass iwwer de Schrëftverkéier de Leit ze soen, datt se net konform sinn a si sollen sech konforméieren.

Ech mengen, do soll een de Leit och eng Chance loossen a wann si effektiv dem net Folge leeschten, da gi mir eng Etappe méi wäit. Mir hu Situatiounen déi mir selwer konstatéieren, mir hu Situatioun wou Bierger eis dat mellen, a mir déi Concernéiert deementspreechend uschreiwen also e Gespréich ufänken. Et muss een natierlech och wëssen, datt déi Prozedur hei dee Moment och eppes konstatéiert och ëmmer mat ganz vill Zäit verbonnen ass, well mir befannen eis hei am Kader vum Droit administratif. Am Kader vum Droit administratif huet dee Concernéierten, och wann en sech net konforméiert huet, kann en Affekot huelen an do sinn natierlech och d'Courrieren tëschent dem Affekot an der Gemeng wou verschidde Saachen interpretéiert ginn. Och dat hält ganz vill Zäit an Usproch.

Dat heescht, mir probéieren am Ufank dee gudden Wee, wéi gesot, wann dat net gräift, da gi mir e Schratt méi wäit. Par rapport zu de Situatiounen, wou Leit eppes bauen ouni Autorisatioun, ma do ginn et zwou Méiglechkeete wa mir dat erausfannen. Och do ruffe mir d'Leit. Wann d'Leit gebaut hunn ouni Autorisatioun nom Bautereglement, wann se do konform sinn, da legaliséiere mir d'Situatioun. Mir soen hinnen awer ganz kloer, datt dat net geet, mee et ass bautentechnesch awer ze legaliséieren an da maache mir dat och. A wann et gebaut ginn ass ouni Autorisatioun an et ass net konform zum PAG, da gräife mir op déi gängeg Prozedur, déi ech lech elo hei gesot hunn, zréck. Da ginn d'Leit drop ugeschwat, kréien dat geschriwwen, ginn op hir Rechter higewisen an da fänkt déi ganz Prozedur un. Ech mengen datt mir hei am Fong eng Situatioun hunn, déi ofgestëmmt gëtt tëschent dem Buergermeeschter an dem zoustännegen Service technique an och de Baupolizist wat déi verschidden Etappen ugeet fir dat ze maachen. An dat ass och an dëser Situatioun de Fall.

Voilà, dat ass e bësselchen zu den Erklärungen, déi ech hei wollt ginn. Ech hunn e bësselche méi wäit

ausgeholl, kommen awer op déi heiten Situatioun zeréck par rapport zu der Autorisation d'ester en justice, déi mir hei brauchen, well dat hei ass elo, ech hunn lech de globale Kader ginn, an dat hei ass elo e Fall deen sech an de globale Kader aschreift.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci. Bei den Explikatiounen si mir nach e puer Saachen agefall. Also, ech denke wat gutt ze héieren ass, dat ass, datt Dir déi selwecht Rigueur fir all Bierger walte loosst, deen sech net un d'Bautereglement hält. Et ass jo awer och esou, datt a leschter Instanz heiansdo de Buergermeeschter eng Autorisatioun ginn, och, ech weess net aus wéi engen Ursaachen, och wann elo en negativen Avis vum Baupolizist kënnt. Mir fannen dat eng ongesond Situatioun an ech hoffen och, datt dat hei zu Diddeleng net üblech ass, well dat wier jo och e schlechte Message, éischters mol vis-à-vis vum Fonctionnaire, deen zum Beispill eng Irregularitéit mell, an natierlech och vis-à-vis vun de Bierger, déi sech un d'Bautereglement halen. Ass dat explizit esou, datt nëmmen eng Legalisatioun duerch lech da gi gëtt, wann dat wat do steet awer mam Bautereglement konform ass, oder sinn och Situatiounen wou Dir, aus wat fir engen Ursaachen och ëmmer, schonn eng Kéier eng Autorisatioun ginn hutt wou elo vläit awer net sou konform ass? Dat ass einfach eppes wat och d'Leit dobaussen heiansdo froen? Si soen, de Buergermeeschter kount laanscht a sot et wier an der Rei.

Ech mengen, et ass einfach eng Saach vun der Transparenz an ech froe mech och, ob mir net sollen - dat ass vläit och eppes wat ee kann emol diskutéieren - all Dossier, deen eng Irregularitéit an eng Inkompatibilitéit mam Bautereglement dee Moment huet an e Refus kritt huet, och vläit eng Kéier kuerz an der Bautekommissioun erwänt gëtt. Dat wier och en Zeechen vun Transparenz an och, datt wann ee vun dobaussen ugeschwat gëtt, datt ee ka soen, ma nee mir haten dat an der Bautekommissioun an dat ass definitiv net korrekt. Ass do eng Méiglechkeet fir zum Beispill all déi Irregularitéiten an Inkompatibilitäten, et brauch ee jo dann net in extenso ze soen, mee einfach "déi si refuséiert ginn", fir datt dat nach e bësselche méi transparent ka sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Nach weider Froen? Neen? Fir dat doten opzegräfen: Et si jo och Memberen hei am Gemengerot, déi an der Bautekommissioun sinn, déi wëssen, datt mir an der Bautekommissioun d'Projeten diskutéieren an datt op



den Avis vun der Bautekommissioun hin de Buergermeeschter - dat kréien dann och déi concernéiert Leit geschriwwen - e Refus prononcéiert. Dat heescht, d'Bautekommissioun gëtt ëm hiren Avis gefrot a vun der Bautekommissioun kréien d'Leit matgedeelt, datt hire Projet refuséiert gouf. Do spillt déi Transparenz och mat, datt d'Acteure vun der Bautekommissioun ganz kloer och zum Refus bäidroen am Kader vum Dialog, dee mir hunn, respektiv de Buergermeeschter, am Kader vu senge Kompetenzen, och dann dee Refus notifiéiert mat alle Rechter, déi Leit dann deemt-sprechend duerno och hunn. Dat ass am Fong e gängege Prozess, dat heescht d'Bautekommissioun huet do en aktive Rôle, well se fir hiren Avis gefrot gëtt. Dat ass op alle Fall esou wéi mir elo all déi Joere gefuer sinn. An dat heite war och esou en Dossier.

Voilà, kéinte mir hei viru Geriicht zéie wat deen heiten Dossier ugeet? Kréie mir do vum Gemengerot gréng Luucht? **Dat ass unanime.**

Da soen ech lech villmools Merci an da kënne mir lech um courant hale wéi et hei weidergeet. Dat wëll net heeschen, datt mir elo d'office Gain de cause kréien. On verra bien. Dat heiten ass dann och esou een Dossier. Dann hu mir hei déi gréng Luucht kritt an domat gi mir weider op d'Personal. Virdru schwätze mir nach iwwer d'Kommisiounen.

9. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER DANS LA COMPOSITION DE DIFFÉRENTES COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES

D'Dokument hunn ech hei. Also d'CSV huet eis e Changement an de Kommissiounen matgedeelt an zwar an der Sécherheetskommisioun. Do ass am Fong den Här Michel Heintz, deen den Här Germain Seil ersetzt. Voilà, ass de Gemengerot mat dem Changement averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech lech villmools Merci.

10. PERSONALFROEN

10.1. Kreatioun vun engem Gemeindebeamteposten an der Traitementskategorie B, Grupp B1, technesch Ënnergrupp fir de Service écologique

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir bei d'Personal. Do hutt Dir zwee Punkten. Engersäits ass et d'Creatioun vun engem Fonctionnairesposten am Grupp B1 fir eise Service écologique. Dir hutt och Argumentatiounen virleie firwat datt mir dee Poste wëlle schafen. Ech mengen Dir wësst, dee Poste gëtt am Moment ganz vill sollicitéiert, do ass am Moment en Technicien diplômé dran, dee Conseiller écologique ass, respektiv Expeditionnaire administratif. Déi ginn och ganz vill sollicitéiert, sief dat mat deem ganze Volet Commodo-Incommodo, also d'Autorisationsdossieren respektiv awer och dat ganz Offallgesetz, respektiv am ganze Klimapakt, dee ganze Volet ronderëm d'Biergerbedeelegung, Amenagement vun enger ganzer Rei Projeten an am Fong an deenen Diskussiounen, déi mir am Moment hunn a vu datt de Service zënter enger ganzer Rei Joere just vun zwee bestéckt ass an d'Ufuerderungen awer och ëmmer méi grouss ginn an d'Gemeng Diddeleng och am Beräich Ëmwelt ëmmer méi tätég gëtt, ass et net onwichtig eis do ze verstärke fir dee ganze Volet ronderëm d'Sensibiliséierung an d'Informatioun vun eise Bierger.

Den Traitement vun de Reklamatiounen, respektiv de Suivi vun de Sensibilisationsaktiounen, datt mir déi am Fong besser an Ugrëff kënne huelen. Dat gëtt de Moment net zur vollster Zufriedenheet, sief et engersäits vun de Servicer selwer gemaach, well si einfach do mat där ganzer Aarbecht net nokomm sinn. Si si ganz vill sollicitéiert als Service écologique fir de Suivi an dat ass jo och ganz gutt. Dat heescht, et ass e feste Bestanddeel an dat weist, datt de Service écologique och an der Gemeng ukomm ass an och seng Preuvë gemaach huet, mee de Moment gëtt e ganz vill iwwerhäuft mat Demanden, och vun externe Bierger respektiv wa mir och déi ganz Diskussiounen ronderëm Neischmelz, ronderëm d'Economie circulaire, ronderëm Biergerbedeelegung.

Also wa mir eis och do en zousätzleche Piler wëlle ginn, wier et net onwichtig, dësen zousätzleche Posten ze schaffen fir datt de Service écologique zukünftig zu dräi ka bewältegen déi en de Moment zu zwee mécht.



Also, dat och als Erklärung, firwat mir hei den zousätzleche Posten op den Ordre du Jour gesat hunn. D'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech gesinn dat selwer an der Ëmweltkommissioun, datt Diddeleng awer schonn eng Stad ass, déi enorm Efforten an der Ëmweltpolitik mécht, an dat geet schonn op 1996 zrëck. A mir maache jo och elo nach e neie Projet, dat ass deen Nohaltegkeetsmanagement. Ech fannen dat och super, wéi hei de Virsätzende vum Gréngen Haus déi Job description gemaach huet. Dat ass wierklech impressionant. Och wann et sollt Parteie ginn, déi heiandsdo soen, mir däerfen net esou vill Leit op der Gemeng astellen, mee op Grond vu esou enger Demande, do muss een awer soen, do gesäit een d'Necessitéit dann. Do si mir op kee Fall geneigt fir nach iergendwellech Kritiken unzewennen. Mir fannen déi nei Persoun ass wierklech immens wichteg an deen doten Service kann nëmmen dovunner profitéieren an eis Gemeng och. Schlussendlech si mir an engem Klimapakt wou mir Sue kréie wa mir eng gutt nohalteg Ëmweltpolitik maachen. Also ass et net fir dat an de Wand ze schloen.

Eng kleng Iwwerleeung hätt ech, dat soll awer net béis gemengt sinn, mee ech froe mech just: Wann nach eng drëtt Persoun an d'gréngt Haus bäikënnt, hu mir dann nach Plaz genuch fir déi ze setzen? Well et wierklech schuet, wann d'gréngt Haus, wat jo awer eng Plaz ass, déi de Bierger och uleeft, wann dat misst eng Kéier réckelen, well et heescht, mir hunn elo souvill Personal, mir wësse net wou mir se hisetzen. Dat ass just eng kleng Iwwerleeung, mee et ass op kee Fall eng Kritik a net béis gemengt a fir de Rescht sti mir voll hannert der Astellung vun deem Fonctionnaire do. Dat kënnt net ëmmer vir, dat kann ech lech elo scho soen, awer an dem heite Fall sti mir wierklech voll dohannert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir dee schéine Moment. Nach Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Da géing ech awer vläit drop äntwerten. Am Prinzip ass et, datt wann een e Poste schaaft och kuckt, datt am Service Plaz ass an dat ass och hei garantéiert. De Service gëtt net ausernee gerappt. Voilà, wa keng weider Stellungnahmen sinn, da géing ech proposéieren, de Gemengerot zur Ofstëmmung kommen ze loossen. Ass de Gemengerot mat deem Posten averstanen? **Dat ass dann unanime.** Do soen ech och villmools Merci.

10.2. Kreatioun vu fënnef Poste fir Gemengen-employéen an der Indemnitéitskategorie C, Indemnitéitsgrupp C1, edukativen a psychosozial Ënnergrupp fir de Service Education et Accueil pour enfants

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da schafe mir och Posten als Employé-communal-le fir eise Service Structures d'Accueil an do huet d'Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP): Villmools Merci. 5 Posten schafe mir, ech hat et jo virdru schonn ugekënnegt. Ech wëll awer do net onbedéngt, datt mir do elo 5 Leit astellen. Et ass esou, am Laf vun deene nächste sechs Méint lafe ganz vill, Dir wësst datt mir CDDen hunn, als Aide-Educateurs a mir däerfen déi nëmmen eemol renouvelléieren op e Joer, an do komme 7 Stéck déi si fäerdeg, dofir schafe mir elo 5 Poste fir déi kënnen ze halen. Awer wéi gesot, mir musse fir d'éischt d'Poste schafen, éier mir se huelen. Mir huelen zwar och neier eran, zwee Stéck, awer dat do ass haaptsächlech fir déi aner opzefänken. Si Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci. Ech wollt just froen, datt mir e Posten vun 10 Stonne schafen. Ech huelen un, datt mir déi Stonnen dann einfach verdeelen op déi déi schonn do si wahrscheinlech, well ech denke mat 10 Stonne kanns de jo awer net wäit lafen. An ech wollt awer och just soen, mir hunn ëmmer all Poste matgestëmmt fir d'Maison Relaisen an och fir d'Schoulen, well mir och natierlech d'Necessitéit gesinn. En plus, si mir jo vum Ministère och verpflichtet, wa mir sou vill Kanner hunn, mir sou vill Personal astellen an, nicht destotzotz froe mir awer och nach ëmmer eis Revendicatioun déi ech virdru scho gesot hu fir awer spezialiséiert Personal fir och am Kader vun de Maison Relaisen anzustellen a wéi gesot fir an eis Schoulen. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP): Just ganz kuerz: spezialiséiert Personal, ech wëll awer soen, déi am C1, dat sinn déi Aide-Educateurs, déi hu mindestens eng Troisième oder eng Onzième, well soss huele mir se net. Ech menge mir leien einfach am Taux vun der Betreierung zu Diddeleng extrem héich. Mir si wäit iwwer deem Niveau, deen de Ministère vun eis verlaangt. 10 Stonnen, mir hunn och Leit, déi nëmmen 10 Stonne wëllen. Normalerweis sinn dat ganz jonker, déi dat niewelaanscht maachen, dofir ass dat näischt Aussergewöhnlech.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Gutt, da kéinte mir och iwwer dës Kreatioun vun deene 5 Posten ofstëmmen. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mir och hei dem Gemengerot Merci. An da géinge mir iwwer goen op d'Froen un de Schäfferot.

11. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Déi géinge mir elo duerchhuelen hei vum Schäfferot en fonction deementspreechend wéi se och erakomm sinn. E puer generell Remarquen zu de Froen. Also, ech wier wierklech frou wa mir awer géingen deen Timing, dee mir eis intern ginn hunn, wa mir dee géingen anhale vun deenen trois jours francs. Do hate mir och 17 Auer gesot fir datt mir och kënne mat eise Servicer dee Moment Récksprooch huelen. Bei enger Rei Froen, déi mir kritt hu ware ganz vill Ënnerfroen, mee och do eng gewëssen Approche, datt een dräi, véier Froen stellt an net eng Dosen Ënnerfroen. Ech géing lech bidden dee Kader awer anzehalen. Mir ginn eis jo dann och Méi hei am Gemengerot op déi verschidde Froen anzegoen.

Déi éischt Fro ass déi vun der Madame Kayser, zwou Froe mat enger ganzer Rei Ënnerfroen, am Fong 10 Ënnerfroen, dofir wéi gesot, dräi, véier Froen ass kee Problem, mee et wier méi einfach wann do eng Marge kéint sinn, déi mir och an Zukunft och anhalen. Si huet eng Fro gestallt iwwer de CGDIS, wou effektiv d'Gesetz ab dem 1. Juli a Kraaft trëtt, wou effektiv 50% vum Staat a 50% vun de Gemenge gedroe gëtt. Si freet wéi eng finanziell Belaaschtung dat fir d'Gemeng ass. Majo ech mengen dee Kader ass kloer. Dir wësst datt d'Contributioun vun de Gemengen 50%, sou wéi d'Gesetz och virgesäit sech beleet op en Deel vun der Populatioun, a 50% op de Fonds de dotation globale des communes.

Ech mengen, dat ass am Fong dee Montant dee plus minus och dëst Joer am Budget steet fir datt mir eis och un deem kënne orientéiere wat deementspreechend och déi nächst Joeren ugeet. D'Gesetz huet jo och virgesinn, datt och fir d'Gemenge generell ab 2023 eng Brems agesat gëtt fir datt am

Fong d'Depensé fir d'Gemengen net weider aushuelen. Natierlech, och an deem dote Kontext gëtt jo gekuckt iwwer d'Konventiounen alles wat d'Biens meubles an d'Biens immeubles ugeet. Et ass sou eng Froestellung ob d'Gemeng Diddeleng Propriétaire ass vum Grondstéck respektiv vum Gebai. Bon, dat ass de Fall. D'Gemeng ass Propriétaire. Dofir stellt sech d'Fro: Wéi gëtt am Fong den Transfer gemaach? Mir wäerte sécher d'Gebai net verkafe mee d'Gesetz gesäit vir entweder verkeeft een et oder Droit de superficie oder Bail emphytéotique. Mir orientéieren eis éischter un deenen zwee leschten, sécherlech net op de Verkaf. Dat ass am Kader vun der Konventioun festzehalen. Mir si jo am Moment réischt am Ufank vun enger ganzer Prozedur, well mir bestëmmen herno am Huis clos jo och eis Delegéierten oder Propositionen vun Delegéierte fir an den CA vum CGDIS fir datt deen seng Aarbecht och kann ophuelen.

De Volet wat d'Biens meubles ugeet, ech mengen alles dat wat mir ugeschaf hunn am Kader vum Centre d'intervention, wat och vum Staat subventionéiert gouf geet natierlech an de CDGIS, ech mengen dat ass kloer, dofir soll et jo och vum Staat gréissten-deels, zu 75%, subventionéiert ginn. Dat ass hei net anescht wéi bei anere Gemengen. Dir frot, wat ass hei dee finanzielle Volet fir d'Gemeng. Ma och dat gëtt iwwer eng Konventioun geregelt. Effektiv, d'Gesetz gesäit jo vir, datt nach e Règlement grand-ducal muss gestëmmt gi wat d'Mise à disposition ugeet. Do ass de Staat amgaangen dat ze maachen, den Innenministerium, fir datt mir och dee Règlement grand-ducal kënne ëmsetzen a fir datt een och do eng gewëssen Unitéithuet, wat déi Mise à disposition ugeet. Dofir hunn ech gesot mir wieren réischt am Ufank vun enger ganzer Demarche, déi mir elo musse maache wat am Fong dee ganzen Transfer vun de Biens meubles a Biens immeubles respektiv och wat d'Indemnitéiten ugeet, wat d'Biens immeubles och ugeet.

Dir stellt och hei d'Fro wat d'laangfristeg Pläng sinn. Ech mengen dat do ass en Terrain, do kann ee sécher Wunnensbau drop maache bis dee fräi ass, do verginn nach e puer Joeren, well éischters mol, ass de CID elo mol nach eng Zäitchen do en attendant datt och dee neien Center gebaut gëtt. Also wäerte mer deen doten Terrain nach eng Rei Jore gebrauchen. Wéi gesot, dann ass och d'Fro wéi deen Terrain zeréck-behale gouf. Tout porte à croire, op alle Fall geet et éischter an déi Richtung, datt mir den Terrain bei der Husky zrëckbehalen, well deen souwuel vun eiser Säit



wéi och säitens CGDIS dee beschten Accès huet, engersäits op d'Autobunn respektiv awer och Richtung Diddeleng a Betebuerg. Um Niveau vun Asätz ass dat och déi beschte Situatioun. Voilà, dat zu dem éischten Deel vun de Froen.

Dann zum zweeten Deel wat d'Personal ugeet. D'Gesetz gesäit effektiv vir, datt een am Kader vun dräi Joer d'Méiglechkeet huet wat d'Personal ugeet respektiv den Transfer. Ech mengen och do gesäit d'Gesetz jo dräi Méiglechkeete vir, entweder d'Leit rassurieren, maachen den Transfer oder maachen den Transfer net. Ech mengen déi Leit, déi hei a Fro kommen, dat si véier, fënnef Leit, déi hunn d'Option gemaach fir den Transfer. Ech kann lech drun erënnere, datt mir dee vieregte Gemengerot hei Leit haten, déi d'Decision geholl hunn net den Transfer ze maachen, wou mir dann och hei am Gemengerot jo och aktéiert hunn. Dat heescht, an deem Kontext, do hu mir och schonn, an dat ass allgemeng, eng Circulaire och kritt vum Inneministère wou d'Leit kënnen eng Simulation de carrière ufroen, dat heescht do ass Diddeleng och keng Ausnahm vis-à-vis vun anere Gemengen a mir bewegen eis hei am Kader vum Gesetz, also wou d'Leit, wéi gesot, dräi Joer hunn. Déi Leit, déi interesséiert sinn hunn dat och scho beim Personalbüro ugefrot. Mir brauchen also hei net wéi bei anere Gemengen deen Delai vum 31. 12 ze setzen, mee op alle Fall, et leeft.

Dat heescht, déi Leit hunn sech schonn déi Simulation de carrière ugefrot an déi wou concernéiert sinn hunn och wëlles ze wiesselen. An dann hei d'Fro ob de kommunale Sécherheetsverantwortlechen seng Aarbecht am Gemengendéngscht weiderféiert. Wann Dir hei Referenz mat op de Service Sécurité et Santé au Travail, deen ass jo feste Bestanddeel vun der Gemeng, deen transferéiert net riwwer an de CGDIS, net ze verwiessele mam Officier de prévention dee mir de Moment hunn, well deen eng aner Missioun huet. Deen ass jo den aktuelle Kommandant vun eise Pompjeeën, dee wiesselt natierlech eriwwer an de CGDIS. Voilà, dat zu de Froen déi Dir gestallt hutt iwwer de CGDIS. Also, wéi gesot, d'Mise en route ass amgaangen. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dann nach just eng Fro wou elo nach net geäntwert ginn ass. Ob de Schäfferot och an Erwägung zitt, Deeler vun dem Fuerpark zum Beispill an de gemengeneegene Fuerpark ze huelen, well aner Gemenge gesot hunn, soss hu mir keng grouss Leeder fir d'Krëschtbelichtung oder fir

d'Eichenprozessionsspinner ofzeschéissen. Dat war just nach eng Zousazfro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also déi Camionen déi mir ugeschaf hunn, déi Gemeengeproprietéit sinn an déi zu 100% vun der Gemeng finanziert goufen an do hu mir jo och Camionne mat Leeder, déi behale mir an eiser Proprietéit an alleguer déi Camionen, déi de Centre d'Intervention de Moment brauch, déi mat Subventioun vum Staat kaf goufen, ma déi ginn natierlech an de CGDIS eriwwer well déi jo fir den Asaz gebraucht ginn an och am Kader vun enger Zesummenaarbecht léint een sech mol dat eent oder anert aus, dat heescht et kéint een och op de CGDIS zrëckgräife wann ee wierklech en Enkpass huet. Mee hei maache mir awer eng kloer Trennung. Alles wat mir ugeschaf hu mat Subventioun vum Staat, déi gi fir de Centre d'Intervention, déi ginn natierlech eriwwer. An alles wat mir ugeschaf hunn zu 100% als Gemeng fir den Eegebedarf, déi bleiwen natierlech am Fuerpark vun der Gemeng. Voilà, dat zu de Froen vun der Madame Kayser.

Da ginn ech weider un d'Froen vun der Madame Goergen a vum Här Garcia iwwer FAGE. Do ass d'Fro par Rapport zu der Prozedur respektiv wou den Dossier drun ass, wéi am Fong d'Situatioun vun den Autorisatiounen ass. Dee Projet deen tëschent Diddeleng a Betebuerg stattfënnt, den Här Garcia berëfft sech hei op Divergenzen tëschent der Regierung an och de Refus vum Beeteburger Gemengerot wat dësen Dossier ugeet a seet eis jo effektiv, datt hei eng Majoritéit fir de Projet gestëmmt huet. Ech wëll awer och nach hei soen, datt och de Beeteburger Gemengerot de PAP gestëmmt huet, also kee Refus. Formell ass de PAP vun der Beeteburger Gemeng, der Koalitioun also gestëmmt ginn. D'Fro also: Huet de Schäfferot an Tëschenzäit Kenntnis vun neien Evolutioun vum Dossier FAGE? Ech mengen, dat eenzeg wat mir am Moment wëssen, alleguer d'Administratiounen hu jo missen hiren Avis an der Ëmweltverwaltung ofginn. Dat eenzeg wat mir vun der Ëmweltverwaltung gesot kruten unhand vun enger ganzer Rei Avisen an och déi vun der Gemeng Diddeleng, ass datt den Dossier am Moment en suspens ass, datt si nach eng Rei Elementer brauchen an och op déi ofwaarden. Dat ass déi rezistent Notifikatioun, déi mir bis elo kritt hunn an dorunner hängt natierlech och de ganzen Autorisationsdossier au sens large mat allen Elementer, déi ee brauch.



Dir stellt d'Fro ob den Terrain FAGE gehéiert. Jo, dat ass de Fall, si si Propriétaire deemtspriechend vum Terrain. Dat kann een am Kadaster och gesinn. Bon, dann eben déi Fro par rapport objektiv Donnéeë wat d'zukünfteg Waasserversuergung ugeet, do och e Lien mat Quartier Neischmelz gemaach. Do muss een natierlech elo präziséiere wat de FAGE ugeet, datt si jo direkt un den SES-Reseau ugeschloss ginn an net un den Diddelenger Reseau. Wat de Quartier Nei Schmelz awer ugeet un den Diddelenger Reseau awer mengen ech ugeschloss gëtt.

Dat heescht dat sinn zwou verschidde Saachen. D'Industrië ginn direkt un den SES-Reseau ugeschloss an ech mengen Dir konnt jo och an der Presseliesen, datt d'SES déi néideg Kapazitéiten huet fir dat och kënnen z'assurieren. Ech mengen, datt do souwuel vum President wéi och vum zousätzlechen Direkter vum SES och dee Message iwwer gi ginn ass. D'Kapazitéit sinn do. An dann hei, d'Fro bleift: Sinn d'Schäffen der Meenung, datt FAGE awer nach e gudden Deal ass fir Diddeleng ronderëm d'Ëmwelt an d'Waasserversuergung? Hei hu mir einfach d'Äntwert, dat hei ass jo e kloeren nationale Projet an enger nationaler Industriezone. Ech mengen, mir hunn hei de Projet gestëmmt, mir stinn also dozou. Mir hunn awer och an eisem Avis, dee mir un d'Administration de l'Environnement geschéckt hunn eng ganz Rei Punkten awer och an Erwägung gezunn, wou muss nogebessert ginn um Niveau vun der Nohaltegkeet, um Niveau vun der Ëmwelt, vum Waasserverbrauch, also eng ganz Rei Kritären, respektiv och den Traffic, respektiv och de Volet ronderëm d'Economie circulaire.

Ech mengen, dat si Saachen déi mir awer ganz kloer an de Virdergrond gesat hunn, sécherlech manner mediatiséiert hu wéi op aneren Säiten. Mir hunn awer och ganz kloer engersäits e positiven Avis gi mee mam Virbehalt vun enger ganzer Rei Kritären, déi eis wichteg schéngen ze sinn an ech mengen, vu datt d'Gemengen elo vu béide Säiten de PAP gestëmmt hunn, wäerte mir an deenen nächste Méint och de Projet d'exécution hei deemtspriechend och virleien hunn. Voilà, dat zu deenen doten Ausféierungen zu der Fro déi Dir gestallt hutt.

Da gi mer weider, da komme mir op déi dräi Froen vum Här Jadin. Do sinn zäitgläich mengen ech déi iwwer de Volet Gelänner an Trottoir beim Queens erakomm an dann déi iwwer d'Eichenprozessionsspinner. Claudia Dall'Agnol, Du hues d'Wuert fir déi zwee Voleten ronderëm d'Circulatioun.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Et ass nëmmen een iwwer d'Circulatioun mee ech kann awer soen zum Gelänner. Also dat Gelänner maache mir, mee wéi gesot, d'nächst Kéier wann Dir iergend sou eppes feststellt, dat do eppes ewechgeholl ginn ass, dann einfach engem vun eis Bescheed soen, da geet et normalerweis méi séier wéi wa mir de Gemengerot ofwaarden. Och mat der Foto, engem vun eis soen, dat ass normalerweis guer kee Problem, da kréie mir et méi séier an d'Rei wéi wa mir ofwaarden.

Déi aner Fro wou den Yves Jadin vun Déi Lénk gestallt huet, si wiere schonns e puer Mol drop opmierksam gemaach ginn, datt Vëlofuerer a Skater iwwer den Trottoir géinge fuere fir de Verkéier an der Rue du Commerce ze vermeiden. Et wier dowéinst schonn zu klengen Accidenter komm, sief dat bei Café Queens oder direkt dono bei der Entrée vum Appartementshaus Esterelle an ob een do net kéint virgesi fir eng kleng Schikan op den Trottoir, zum Beispill e Blummebac ze stelle fir d'Vitesse vun de Vëlofuerer oder och Skater déi do fueren erofzekréien. Dat zur Fro. Also mir hu elo keng Kenntnis vun iergendengen Accidenter, déi do geschitt sinn, et ass op alle Fall keen un eis erugetratt fir eis dat ze soen. Bon, laut Code de la route si Vëlofuerer iwwer 12 Joer och verflucht op der Strooss ze fueren an datt deemno iwwer 12 och verbueden ass op deem oder iwwerhaupt um Trottoir ze fueren. Dat selwecht gëllt och fir Skateboard, Trottinette, alles dat gëtt nëmmen bis 12 Joer um Trottoir toleréiert, well et bis dohinner u sech als Spillsaach ugesi gëtt. Dat ass d'Definitioun, déi d'Sécurité routière bis 12 Joer dovunner gëtt. Dat heescht, esouguer wann elo en Accident um Trottoir tëschent engem Foussgänger an engem Vëlofuerer passéiert, ass d'office ëmmer de Vëlofuerer Schold souguer wann de Foussgänger net opgepasst hätt a grad op säin Handy kuckt, et ass ëmmer dem Vëlofuerer seng Schold. De Vëlofuerer misst vum Vëlo klammen a säi Vëlo drécke wann en onbedéngt ebe wëll op dem Trottoir fueren an en iwwer 12 Joer al ass.

Bon, ech mengen eis ass och bewosst, datt déi Rue du Commerce, datt dat eng vill befuere Strooss ass, dat ass eng Haaptachs, dat kann sech wahrscheinlech änneren wa mir bis de Shared Space fäerdeg hunn. Mee och hei gëllt de Code de la route a jiddereen soll a muss sech och drun halen. Bon, Dir hutt och vläit matkritt datt d'Police dës Woch an der Stad op der Gare eng Rei Kontrolle gemaach huet an do Leit och mat 74 Euro protokolléiert huet, déi sech net dru gehalen hunn.



Wa mir elo géingen dohinner goen an eng Schikan, e Blummendëppen oder wat och ëmmer abauen, da géife mir am Fong e Prezedenzfall schafen a soen, ok, du brauchst dech net un de Code de la Route ze halen. Dat wëlle mir natierlech net. An et muss een och kucken, deemno wat mir dohinner stellen, datt den Trottoir awer och nach ëmmer esou adaptéiert wier fir datt jidderee mat Kutsch, mat Rollstull, oder och e puer Leit matenee laanscht ginn. Mee dat ass net d'Haaptargument, d'Haaptargument ass, wéi gesot, datt jiddereen sech soll un de Code de la Route hale wéi e gëllt fir all Bierger a Biergerinnen an dofir gi mir net op deen dote Wee wéi virgeschloen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ausser wann et nach eng Präzisounsfro ass, dann erlabe mir et, mee wann et elo Ausféierunge si fir nach weider sinn, dann net.

LORIS SPINA (LSAP): Gutt, da komme mir op déi nächst Fro vum Här Jadin sengem Froekatalog. Den Här Jadin huet nach e puer Froen nogeschoss zu engem ganz eeschten Thema awer. An deem Sënn wëll ech dann hei opgräife wat en eis eraginn huet: Am Kader vun der rezente Problemer an Eichenprozessionsspinner, kënnt Dir weg am Kader vun der nächster Gemeinderotssitzung, dat wier dann haut folgend Fro beäntweren: Déi éischt Fro ass: Kënne privat Leit d'Pompjeeë ruffe fir se ewechzemaachen oder muss een op eng privat Firma zeréckgräifen? Ech verbannen dat direkt mat der zweeter Fro: Kann d'Gemeng selwer bei der Pompjeeën Hëllef ufroe fir déi ëffentlech Plazen, Schoule, Parken a sou weider ze botzen? Dat geet an deem heite Fall net, well et ass net ze vergläiche mat de Beien oder Harespelsnäscher. D'Pompjeeë sinn net equipéiert fir dat doten ze maachen an si hunn och net déi néideg Formatioun sou datt dat dote weder bei der privaten nach bei den ëffentlechen Institutiounen a Fro kënnt.

Wat ënnerhëlt d'Gemeng fir d'Leit optimal z'informéieren iwwer d'Geforen a wéi een sech soll verhalten? Als Beispill gëtt en do d'Blieschen un. Bon, ech menge wéi mir dat elo rezent haten, huet d'Gemeng eng Rei vu Saachen direkt ënnerholl. Engersäits ware mir op eise Reseau-sociauxen, op eisem Internetsite hu mir en Avis publizéiert. D'Leit hunn och an eisem grénge Haus déi verschidden Informatiounsblieder kritt, déi och den Ëmweltministerium erausginn huet an deem heite Fall. Et sinn

och Informatiounspanneauen installéiert ginn op deene betrouffene Plazen an déi ginn och weider nach dohinner gestallt wou och elo an nächster Zukunft nach sou ähnlech Plazen optauchen an awer och déi verschidden Acteuren, déi notament an der Le'h a ronderëm d'Le'h, dat ass déi Plaz, déi Géigend, déi am meeschten betrouff war, déi do installéiert sinn, sief et eis Schoul, eis Maison Relais, do hu mir direkt konnten aktiv ginn an awer och de Restaurateur respektiv de Bedreier vum Kloterpark. De CIPA, ass informéiert ginn, de SPAD, d'Station d'élevage, also all déi Acteuren, déi an der Le'h wéi gesot aktiv sinn. Nach ass et och schwéier alles direkt kënnen ofzedecken, well et gi praktesch all Moment all Dag nei Beem entdeckt, déi befall sin, sou datt et schwéier ass, de ganzen Territoire korrekt ofzedecken.

Dann déi nächst Fro ass nach e bësselche méi komplex: Wat ënnerhëlt d'Gemeng d'nächst Joer fir de Problem an der Grëff ze kréien? Wann ee bedenkt, datt et jo net manner gëtt an effektiv ass et vum leschte Joer op dëst Joer eng ganz aner Envergure vun där ganze Problematik. Do si ganz vill Facteuren, déi matspillen. Engersäits wësse mir elo net, wéi de Wanter gëtt, dat heescht och wéi déi dote Populatioun de Wanter hannert sech bréngt, wat mat deene Näscher déi nach net ewechgeholl gi si geschitt. Et weess een och elo net genau, wéi ass de Pourcentage vu Männlein a vu Weiblein vun deene verschiddene Populatiounen, déi elo an der Bëscher sinn. Et weess een och net genau wéi grouss den Areal vun deem mir schwätzen ass, a wéi engen ënnerschiddleche Liewenszyklen déi Déieren sech befannen. Da misst ee präzis emol determinéieren ob ee fir d'éischt mol biologesch an duerno réischt déi chemesch Keul hält fir do z'intervenéieren.

Also, et sinn immens vill Facteuren déi do matspillen, wann ee seet wat wëlle mir d'nächst Joer anescht maachen oder besser. Wéi gesot, dat ass net onbedengt sou am Viraus ze determinéieren. Normalerweis huet d'Natur jo och hir eege Prozesser fir esou Saachen am Grëff ze hunn. Dat variéiert awer, dat ass e gewës-sent Wiesselspill tëschent deenen natierleche Feinden vun deene Raupen, wann déi dann zu méi sinn d'Rau-pen an der Gitt halen. Wann dann awer manner Rau-pen do sinn da stierwen déi Predatoren aus an dann hunn iergendwann rëm d'Rau-pen an Iwwerhand an dat ass esou e gewës-sent Wiesselspill, sou datt een net ka soen d'nächst Joer oder déi nächst zwee, dräi, véier Joere geet et genau sou oder sou weider. Dat hei schéngt eng Thematik ze sinn do misst ee schonn enger Uni, enger Masteraarbecht oder engem



Doktorat dat dote mat op de Wee gi fir sech domat ausernee ze setzen. Da si mir rëm bei de Konventioun vun de Moie vläit. Elo hätte mir jo en Thema fonnt. Also et ass net sou einfach ze soen, dest oder dat maache mir d'nächst Joer.

D'Thema ass awer ganz eescht, well ech dorun erënnere hei. Et ass net esou evident fir ze soen, dëst Joer hu mir den heite Constat gemaach, da maache mir d'nächst Joer dat an dat. Sou einfach ass et hei sécherlech net. Och ass et net nëmmen en Diddelenger Phenomen, et ass och net nëmmen e regionaalt Phenomen, et ass och en nationaalt Phenomen, sou datt och do vläit iwwer de Fieschter, deen och mat senger Confrères a Kontakt ass, mat der Ëmwelt vläit eng Kéier muss kucken ob een net och vläit national eng Ekip op d'Bee setzt a forméiert an och ausbildt fir eben der dote Problematik entgéint ze wirken, well och do hu mir jo de Constat gemaach, datt wann et d'Urgence ginn ass, et schwéier ass eng adäquat Firma op Diddeleng an deem heite Fall ze kréien, déi eis do kann hëllefen.

Voilà, déi nächst Fro: Op Privatinitiative ass um Internet eng dynamesch Kaart publizéiert ginn, déi et de Bierger erlaabt direkt ze gesi wou Gefor lauert a sollt d'Gemeng sech net och staark maache fir sou regional oder national eppes anzeféieren? Déi Initiative ass mol guer net sou schlecht, déi ass och begréissenswäert. Nach gesi mir eis elo net als Gemeng à même an deem Sënn eng korrekt Kaart ze publizéieren, well wéi gesot, et entdeckt een ëmmer rëm en neie Bam, dee befall ass, an dann ass déi Kaart net à jour an da vermëttels de vläit dem Bierger eng falsch Kaart a wann en da vläit an engem Beräich ass wou op der Kaart nach net befall war an e kënnt dann iergendwéi do mat deenen Hoer a Kontakt an e kritt och nach vläit eng allergesch Reaktioun, da soen se: "Du hues awer als Gemeng gesot ech dierft dohinner goen a elo sinn ech awer befall ginn an et kraazt an et bäisst", voilà, sou datt et do net evident ass fir do eng Kaart ze fannen, déi permanent à jour ass a richteg, an et wëll een awer och net mat esou enger Kaart vläit eng gewësse Panik sech ausbreede loossen an dofir géinge mir mol proposéieren, fir als ëffentlech Hand elo net op sou eng Kaart zeréck ze gräifen, déi Initiative net ze huelen, obwuel se an deem Sënn och gutt a léif gemengt ass.

Ech wëll lech awer och nach net virenthalen, datt den HärJadin dobäi geschriwwen huet a senger Froestellung e géif der Gemeng awer och gratuléiere fir déi virbildlech Reaktioun mat där se direkt an der Le'h

Informationsschëlter opgestallt huet. Merci, ganz fäin.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Ech wëll elo nach eppes soen. Et geet sécherlech net drëm fir Panik ze maachen, déi Raupe si geféierlech fir verschidde Leit manner fir anerer méi. Et ass och esou, dat mat där Kaart ass esou ze verstoen, datt wann een dat anzeechent, dann ass dat virun allem fir Leit mat Hënn, fir datt se se net lafe loossen. Well eng Raup, déi um Bam sëtzt, Raupen, gräifen net un, déi bleiwen einfach sëtzen. Wann een en Hond huet, deen een dann net onbedéngt an deem Bësch fräi lafe léisst a wann ee elo zum Beispill Kanner huet, datt déi net dohinner ginn, well wann se ufänken ze prozesséieren, dat gesäit super aus, oh wéi léif, an dann ass de Misär do, dann huet ee sou Griffelen an herno net genuch Fangere fir sech ze krazen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Domat wiere mir elo zum Schluss ukomm vun eiser ëffentlecher Sitzung a mir ginn iwwer an de Huis clos.

FÊTE DES CULTURES

📍 CHAPITEAU, PLACE DE L'HÔTEL DE VILLE

MUSIQUE LIVE & FOLKLORE / SPÉCIALITÉS CULINAIRES / PRODUITS ARTISANAUX

SAMEDI 06.10.
18h00 - 00h30

18h00 **DJ RICO.G**
19h00 **CHOCO Y SUS COMPLICES**
20h40 **SEPTETO NABORI**
22h20 **SIDI WACHO**
23h10 **DJ RICO.G**

DIMANCHE 07.10.
11h00 - 19h00

11h30 **SITTA & BAND**
13h00 **LATA & KUBRA**
14h30 **COCKTAIL**
16h00 **FILI BAND**
17h30 **THE PAPERBOYS**



Une initiative de la Commission consultative d'Intégration (CCI) de la Ville de Dudelange en collaboration avec les associations locales et étrangères.
Organisation: Service culturel de la Ville de Dudelange et CCI
www.dudelange.lu / www.opderschmelz.lu

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WËI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelange
T 516121- 1
ville@dudelange.lu
www.dudelange.lu
www.ondiraitlesud.lu

opderschmelz
CENTRE CULTUREL REGIONAL DUDELANGE

